EIS SPROOCH

erausgi vun der Actioun Lëtzebuergesch

Nr. 12 / Nei Folleg / XIX. Jor / 1981

Wat dran as:

	Gléckwonsch	
* * *:	National Identitéit	1
Henri Muller:	D'National Hymne vu Lëtzebuerg a Griichenland (griichesch – lëtzebuergesch)	2
C. W.:	Erliefnësser aus schroër Zäit (3): E Bunker wat kee war	3
Will Reuland:	De Gank	6
g. m.:	'T huet nët geschellt	6
Roger Manderscheid:	Matzen am Bësch / Spréchwuert / Vakanz	7
Chr. Clement:	D'Patte pellen op den Héichten	8
Jos Berrens:	Wouhin? / E Verbatterten / Chopin	8
René Kartheiser:	Op en Hoër no / Léift / D'Geess / De Batz	9
	Den Äppelter am Laf vum Jor	9
Marcel Lamy:	Fetten-Donneschdeg	10
Ry Boissaux:	Der schéiner Gäns Seidefieder hir Ennstatioun	15
E. S.:	Briquette	19
E.:	Dem Nepomuk séng Räitpäerdspartei	22
Robert Siuda:	E Joërsdag / Méng Mamm / E Vergläich	24
Henri Müller:	E passage aus dem roman »Den Alexis Sorbas« aus dem Griicheschen iwwersat	25
E. Schmit:	Arelerland	26
Fernand Hoffmann:	Am Klengen dat Grousst gesin: iwwert dem Schréftsteller Joss Keup säi Liewen a säi Wierk	27
Jean Milmeister:	Georges Haentges	30
Ch. Malané:	10 Joër Kommissioun vun der AL »Lëtzebuergesch an der Kiirch«	33
* * *:	De Rousekranz	34
Marcel Lamy:	Gemengewalen	35
Jhemp Kirchen:	Kalennerblieder / Wie war den Näischnotz	36
	Wat e Gewëssen / Wat een nët weess	36
Jeanine Theis-Kauth:	Fréijoërsgléck	37
Claude Mangen:	Déng éischt Léift	37
	D'Joër vum Kand / Hierscht	38
G. M.:	Wann alles dobausse blitt	38
* * *:	E léiwe Bréif	38
H. Rinnen:	† Gaston Frings	39
H. Rinnen:	† Lucien Ludwig	39
hr:	Virun . . .	40
hr:	Notizen	42
* * *:	Nei Bicher	43
Emil Schmit:	Et as esou wäit	46
* * *:	D'Generalversammlung – Korrekturen	47
* * *:	Wat huet d'AL bis elo erausgin	48

Bäiluegt: Bestellziedel fir Neijooschkaarten an en neit Buch.



D'Actioun Lëtzebuergesch

wënscht dem jonk bestuete Puer
dem Ierfgroussherzog Henri a sénger Fra Maria-Teresa
dat Bescht an dat Schéinst
mat vill Gléck a Freed am ganze Liewen

National Identitéit

An der Sëtzong vum 17. Juni 1980 (62.) gouf dës Motioun gestëmmt:

D'Châmber
protestéiert géint déi Schmot, déi eiser Hemecht an eiser Sprooch periodesch vun däitscher Säit ëmmer erëm ugedoe gët,
bedauert, datt am Ausland plazeweis d'Identitéit vun eisem Land total falsch dohinner gestallt gët, an datt historesch a patriotesch Tatsaache verdréint gin,
erënnert drun, datt den 10. Oktober 1941 d'Lëtzebuerger, opgemontert duurch d'Resistenz, sech geschlossen zum Lëtzebuergeschen als Hemechtssprooch bekannt hun,
invitéiert d'Regirung fir am Kader vun der nationaler Instruktioun an um kulturelle Plang alles ze ënnerhuelen, fir eis spezifesch lëtzebuergesch Identitéit hei am Land an iwwer d'Grenzen eraus ze weisen an ze stäipen,
weist drop hin, datt ouni eng sproochlech Adaptatioun d'Integratioun vun 90000 Auslänner problematesch bleift, a wënscht dofir, datt der »Actioun Lëtzebuergesch« an ähnlechen Organisatiounen déi néideg Stäip zougesot gët an hirer Initiativ Couren am Lëtzebuergeschen ze organiséiren,
verlaangt, datt dër wiirklecher Sproochesituatioun an eisem Land Rechnung gedroe gët an datt esou séier wéi méiglech d'Lëtzebuergescht och duurch Gesetz als Nationalsprooch proklaméiert gët,
biet d'Regirung gemäss dem Artikel 29 vun der Constitutioun e Gesetzprojet ze preparéiren, deen de Status an de Gebrauch vun den offizielle Sprooche regelt.

Zënter datt Griichenland mêmber vun der Europäescher Communautéit as, verlaangeren d'leit derno datt nët nëmmen ekonomesch, mee och kulturell a psychesch Griichenland a Lëtzebuerg sech méi no solle kommen. En éischten hoff wir et datt déi zwee länner engt diem anere säin nationalen hymnus solle kenne léieren. Sou e lidd refletéiert jo de kär vun engem vollek sénger séil.
Den **Henri Muller** huet de griicheschen hymnus op lëtzebuurgesch an de lëtzebuurgeschen op griichesch iwwersat. Mer brengen elei déi texter an dienen zwou sprooche juxtaposéiert.

D'National Hymne vu Lëtzebuerg a vu Griichenland

Η ΠΑΤΡΙΔΑ ΜΑΣ
Λουξεμβουργικός
έθνικός ὕμνος
(Κείμενον καί μουσική
ὑπό τοῦ Μιχέλ Λέντζ)

I

Ὅπου σιγά ἡ Ἄλζα ρεῖ,
ἡ Σύρ κυλᾷ ὁρμητικά,
στή Μοσέλλα μοσχοβολεῖ
τό ἀμπέλι τρυφερά:
ἐκεῖ εἶναι ἡ πατρίδα μας,
τό χῶμα τό ἱερό
στό βάθος μας τῆς καρδιᾶς
κρατοῦμε θησαυρό.

II

Πατέρα μας στόν οὐρανό,
πού τά ἔθνη κυβερνεῖς,
νά τό Λουξεμβοῦργο ἀπό
ξένο ζυγό σώζῃς.
Μᾶς ἔδωκες ἀπό παιδιά
τή λεύθερη ψυχή:
τόν ἥλιο μας στή λευθεριά
νά ἀφήσῃς νά λάμπῃ.

ONS HEMECHT

nationalen hymnus
vu Lëtzebuerg

(Weis a wiirder vum Michel Lentz)

I

Wou d'Uelzecht durech d'wisen zéit,
duurch d'fielsen d'Sauer brécht,
wou d'rief laanscht d'Musel dofteg bléit,
den Himmel wäin ons mécht:
Dat as onst land fir dat mer géif
heinidden alles won,
onst hemechtsland dat mir sou déif
an onsen hierzer dron.

II

O Du do uewen, diem séng hand
duurch d'welt d'natioune leet!
Behitt Du d'Lëtzebuerger land
vru friemem joch a leed!
Du hues ës all als kanner schonn
de fräie geescht jo gin;
Looss viru blénken d'fräiheetssonn,
déi mir sou laang gesinn.

Ο ΕΛΛΗΝΙΚΟΣ ΕΘΝΙΚΟΣ ΥΜΝΟΣ
ΥΜΝΟΣ ΕΙΣ ΤΗΝ ΕΛΕΥΘΕΡΙΑΝ
(Διονυσίου Σολωμοῦ)

I

Σέ γνωρίζω ἀπό τήν κόψη
Τοῦ σπαθιοῦ τήν τρομερή,
Σέ γνωρίζω ἀπό τήν ὄψη
Πού μέ βιά μετράει την γῆ.
'Απ' τά κόκκαλα βγαλμένη
Τῶν 'Ελλήνων τά ἱερά,
Καί σάν πρῶτα ἀνδρειωμένη,
Χαῖρε, ὦ χαῖρε, 'Ελευθεριά!

II

'Εκεῖ μέσα ἐκατοικοῦσες
Πικραμένη, ἐντροπαλή,
Κι' ἔνα στόμα ἀκαρτεροῦσες
Ἔλα πάλι, νά σοῦ πῆ.
Ἄργειε νἄλθῃ ἐκείνη ἡ μέρα,
Κι' ἦταν ὅλα σιωπηλά,
Γιατί τἄσκιαζε ἡ φορβέρα
Καί τά πλάκωνε ἡ σκλαβιά.

Nationalen hymnus vu Griichenland

HYMNUS UN D'FRÄIHEET

(vum Dionysios Solomos)

I

Un der schäärft vun déngem siewel
Kennen ech Dech, Libertéit.
Déngem gank dien aus dem niewel
Fléck erëm an d'liicht dech dréit.
Wechgerappt vum hell'ge buedem
Vun de Griiche bloufs de baang.
Lo fir d'éischt mat daaprem uedem
Gréissen ech dech, fräiheet, laang.

II

Agespaart woors de dobannen,
Schimmeg a voll déiwem leed,
Waarts drop datt s d'e monn solls fannen
Dien der »komm erëm« do seet.
Mee dien dag koum nët sou séier,
Ronderëm blouf alles stëll;
Well den terror dréckt ës néier,
D'ënnerdréckong mouch ës mëll.

Erliefnësser aus schroër Zäit (3)

E Bunker wat kee war

E Plädoyer

Nodeem ech dem Mars déi Plaz »a Foumerlach« nëmmen enker gewisen hat, huet hien äis dermat keng Rou méi gelooss. Mir sollten dach e »Bunker« bauen! Sou eng giedlech ofgeleë Plaz géif et dach am ganze Land nët méi. Keen Haus a keen Duerf op e puer Kilometer am Ëmkrees! Zëmol wou den Terrain jo eise wär, e jongen Dännebësch bis op de Fouss nach zougewuess, datt bal kee Béischt geschweies nach e Mënsch sech derduerch kënnt schaffen. Mä dat kammoudst un der Saach wir dach dee klenge Biirchen do, eng Dose Meter nëmmen ewech, deen och am décksten Summer nach säi Waasser gouf.

Fir wat mer nach gingen zécken! Mat deem lëschtegen »Erikakrich« wir et lo geschwë gedo, an dee richtege géif da fir derwäert emol ufänken. A wat d'Preisen dann ëmmer méi op den haarde Gapp ginge geroden, wat se méi queesch an onduge géifen. Zu gudderlescht gingen d'Naziën dann ëm sech bäisse wéi rosen Honn. Mir kriten et all ze spiren; alles géif erugezun, a kee bléif verschount. An all déi lo nach ginge mengen de Lousen ze spillen, wa se dem Preiss, fir en ze zëssen, wéinegstens de klenge Fanger déite reechen – se gingen sech déi Kéier iren![1])

Vill ze spéit gingen se mierken, datt se ëmmer méi mat ënner d'Rieder geroden. Wëllten se dann nach Zréckmuppes maachen, erging et hinnen nach schlëmmer wéi denen, déi scho vun Ufank un sech gestrieft hätten.

Sou hat de Mars plëdéiert am Summer 1941.

40 Jor as keng laang Zäit

Knaps e Jor duerno ware séng Prophezeionge scho wäit wouer gin. Nom »Reichsarbeitsdienst« fir Jongen a Medercher, gouf den 30. August 1942 fir eist Land d'allgemeng Wierflicht dëkretéiert. Mam Generalstreik als Reaktioun duerop, gouf dat de bluddegen Optakt fir eng onbeschreiflech Ënnerdréckong, déi nach zwee laanger Jor sollt unhalen.

Mat deen éischte Stellongsbefieler am Oktober koumen och déi éischt Réfraktären[2]). Schon zu deer Zäit war virauszegesin, datt eng Stopp, dobaussen am Fräien, fir munnechereen eng bluttnéideg Saach kënnt gin. E »Bunker«, hallef or ganz ënnerm Buedem, wir wuel dat richtegt gewiescht. Mä eisen Terrain »a Foumer«, dee stengegt a méi wi sécher och nach fielzeg war, war do dërgéint.

Vun engem dréiwen niewelegen Dag am November hu mer du profitéiert fir eise Plang auszeféiren. Den néidegen Daachblech hat de Mars ës bei séngem Koséng, deen zu Ettelbréck en Eisebutteck hat, nach ouni Kenn- an »Zännziffer« verschaaft[3]). E luch scho laang prett a gouf dunn am Päerdsteimer an, di lescht Etapp biergop um Bockel, op d'Plaz transportéiert. Fir dat néidegt Gehëlz war keng Suerg, dees gouf et »a Foumer« souvill wéi ee wollt. – Nodeem mer e puer Stonne geseet, geneelt a gehummert haten, an et scho mat Zäit géint Owend gung, war eise Bunker fäerdeg. Fir bei der Wourécht ze bleiwen, et war en opfälleg ellent Dénge gin. Well dee fonkelneie Blech huet tëscht dem Dännegréngs geblénkt »wéi Kaarlitz am Bakuewelach«! Mä dat huet een iewer léischt anuecht geholl, wann ee scho bal mat der Nues dërwidder stong.

Fouss bei Mol!

Gläich ufanks d'Jor 1943 huet d'Zuel vun de »Jongen« am Eislek stänneg zougeholl. Zemol dër ëmmer méi aus allen aanre Partië vun Land dohen dirijhéiert goufen[4]). Gutt Nouvellen dergéint koume vun de Krichsfronten, ëmmer méi a besserer, apaart aus Russland. An nuets sin di alliéiert »Fliegend Festungen« mat ganze Schwärem iwwer d'Éislécker Héichte gedrummt, datt ee gemengt huet den Äerdbuedem géif ziddren.

Äis iewer war d'Freed doriwwer huerteg geholl, wéi et op eemol matzen am Wanter geheescht huet, d'Gestapo hätt wëlles a verschidden Dierfer am ënneschten Éislek no »Jongen« ze sichen. Ob eppes oder näischt doru wouer war, war nët no ze kontrolléieren. Vläicht war et nach nëmmen eng Erdiicht vun engem louse Kapp, fir d'Resistenz am Zam ze halen, wat och déck néideg gouf. – Egal wat kéim, mir wollten ës virsinn! A wir eise Manéiwer och ëmsoss, da war en nach ëmmer dat wat eng Pompjeesübong as fir den Ieschtfall.

Den Hari (e Baurejong aus engem Nopeschduerf), deen nët nëmme gutt Nerwen, mä och eng gutt Stopp an eiser Scheier hat, huet eise Plang vu vireraf eng Kannerei genannt. Mä den Ali (e Resistenzler, dee vun der Gestapo gesicht gouf) an den Toni (e Stodent aus der Stad) si béid waren derfir.

An enger kaler Nuecht Mëtt Februar, géint 11 Auer nuets, huet eng ganz Gesellschaft sech op d'Bee gemät: Den Ali, den Toni, mäin eelste

Brudder an ech. Gelueden hate mer zwou déck Bausche Stréi, e Kuelendäiwelche mat Uewepäif a Knéien, eng Bonzel dréchent Brennholz, waremt Gedecks, Emer a Kasseroll, – jiddereen hat séng Portioun ze droën. Fir séier baust dem Duerf ze sin, hu mer eise Wee iwwer e Nopeschpesch geholl, deen iewer agezénkt war. Mat eisem ville Gebëndels gouf dat fir den Ufank ewell eng ëmständlech Affär!

Zu Fouss bis »a Foumer« war et um nootste Wee nach eng Stonn ze goen. Et luch eng gutt Spur Schnéi, deen ënner de Schong ganz elle gegraatscht huet. Well et war helle Liichteschäin, an d'Stären hu gefénkelt. An deer klorer Nuecht um Schnéi gouf et dunn en drolechen Opzock! Virop marjhéiren zwou Botte Stréi, déi ausgesuchen wéi wa se Ärem a Bee kritt hätten. Zwou aner Gestalten, geluede mat Säck wi Housécker, scharjekelen hannendrun. Kee Wuert gouf geschwat, nëmmen de Schnéi huet gekréckelt.

Mä di schwiregst Parti vun eiser Expeditioun koum eléischt zum Schluss. Fir nach weider ofzekiirzen, hu mer d'Riicht queesch duurch e geschnäten Dännebësch geholl. Well d'Gelänn do zimlech Hank hat, hu mer mat eise gefruerene Schong op deen dréchenen Dännenolen du kee Fouss méi behal. Bal luch di eng Bott Stréi, bal di aner op de Knéien. Och d'Uewepäifen hu sech op eemol selbstänneg gemät a sin op dem haarde Fong mat grousse Sätz bërding bërdang de Bierg of gesprong. Nuets am Bësch huet dat geschaalt a Kaméidi gemät wéi Klibberjongen op Karfreideg an der Kiirch!

No Hallefnuecht endlech konnte mer eis Saachen am »Bunker« néiersetzen. Op dee réie gefruerene Buedem huet den Ali an den Toni sech séier mam Stréi e Schloflär gemät. Eng Stonn duerno war mäi Brudder an ech erëm am waarme Bett.

Zoufall contra Zoufall

Deen aneren Dag war d'Wieder ëmgeschlo an et huet gemëllt. Direkt nom Mëttegiesse war ech erëm ënnerwee fir »a Foumer«, an enger Hand eng Feldfläsch mat gliddeger Mëllech, an deer anerer – fir Alibi – eng Bamsee op eng Bounestaang montéiert, déi bal d'duebelt Längt hat vun engem Bëschofsstaf! Well ech duecht, wat den Duerfvurwëtz méi geséich, wat e méi zefridde wär!

Déi béid, déi laang, ma schlecht geschlof haten, hate jhust Mëtteg gemät wéi ech koum. Mer sutzen du beieneen eng Zigarett ze fëmmen. Op eemol hu mer ës allendräi bekuckt. Jiddereen hat et héieren. Et koum vu ganz wäit. Ech trieden eraus fir besser ze lauschteren. Lo koum et scho méi däitlech a stänneg méi no, vun deer Säit der Kopp. Et war du wéi Kreesch vu Leit déi hanner eppes hier sin. Eenzock gouf et äis klor: Dat as eng Klappjuegd!

Den Ali an den Toni verrammele séier d'Dir. Ech ergräifen d'See a schlaufen duurch d'Dännen eng zwanzeg Meter biergof. Op enger eidler Plaz, wou eng Dänn gefeelt huet, riichten ech mech op a lauschteren nees. D'Gejäiz an d'Gekreeschs gët ëmmer méi haart a kënnt op äis zou! – Wat maachen? Ech denken dat bescht wär sech ze verstoppen a klamme séier an d'Häscht vun enger Dänn. Iwerdeems ech do hucken, as eppes mat Force ënner mir erduerch gedosch! Ech soe mer: Mäi Gott, dat as e Kläpper, deen lo riicht op d'Haisse lääft!!!

Wéi duerop iewer näischt erfollegt as, koum ech mer selwer lächerlech fir a ménger Positioun. Zemol di klääsper Dänn, an deer ech souz, ménger huerteg midd gouf a schonn ufong sech ze näipen. – Ech loosse mech rëm rof op de Buedem an, mat der See am Grapp, krauchen ech duurch d'Dänne biergof – der Gefor entgéint.

Baust dem Bësch ënner engem Trapp héijen Dänne bleiwen ech stoen. D'Gebläers kënnt schonn déi Säit den Hank erof. Gläich si se ënnen am Dall, an dann as et nëmme méi e Laf bis dës Säit erop bei de »Bunker«! – Ech paken d'See mat zwou Hänn, setzen s'un op engem Dännenhaascht a seë mat aller Force.

Ouni ëmzekucken, mierken ech datt een op e puer Schréck viru mer steet! »Meeschter, wat schafft Der do?« rifft een. Ech äntweren zimlech verleën, et wir am Fong geholl näischt weider, wéi dat wat hie geséich! – De Mann kuckt mech ganz verkräizert, ma freet weider: »Sid Dir scho laang hei?« – Dat as eng verfängelech Fro, well ech nët weess, ob méi kuurz oder méi laang, lo dat bescht as! Fir kenger Säit ze no ze trieden, soën ech, ech ging mengen, et wiren op d'manst eng 10 Minuten. – Dat gung him duer, well e sot du séier: »Ma da musst der dach dat (wëllt) Schwäi gesinn hun, dat lo grad heiropper gung!« (Du wousst ech wien de Kläpper war, dee mech d'éinscht sou erféiert hat!) Mä well ech näischt mat him an nach manner mat deem buuschtegen

Déier wollt ze din hun, sot ech einfach, ech hätt guer näischt gesinn! – Hie kuckt mech ganz onglâweg, mä léisst et derbäi. Hie seet nach, se wiren dem Déier wuel gären nach nogaang, mä dat kënnten se nët, well et soss ze spéit géif. – Dat war du wéi endlech de Ponkt hannert engem laange komplizéierte Saz. – De Mann sot »Awuar« an e gung, deen aneren no.
Mä mir och, a kaum datt et richteg däischter gouf, waren allen dräi, een nom aneren, rëm doheem.

Dee leschte bäissen d'Hënn!

A wellech Gefor mer do gerode waren, goufe mer herno léischt gewuer! De Juegdhär an der Géigend ëm »Foumer« war de Buergermeeschter aus deem éischte Nopeschduerf do am Guttland. Mä dee jonge Mann war verpreist an esou giel wéi d'Narzissen am Fréijor. Do luch et dach op der Hand, datt och deer Abzëbiller aus der Zivilverwaltung mat op déi Juegd do invitéiert waren. Eise Bunker »a Foumer« hu mer ni méi profitéiert. Ofrappe konnte mer en och nët, well mer domatt jo séng Pätterschaft iwerholl hätten. Am Fréijor duerno gouf e wuel vu Louschlësser entdeckt, déi duer op de Biirche Waasser siche koumen. Vun dene gouf en dunn demontéiert, an dee raren Daachblech fir nei Stalldire profitéiert. Dat war och gutt esou! Well, hätt en nach méi laang gestan, an d'Saach wir un d'Gestapo komm, da wir wuel déi hei Geschicht, an en etlech aner, nët geschriwe gin.

C. W.

---

1) Domat war d'VdB (Volksdeutsche Bewegung) gemengt. Als jonge Staatsbeamten hat de Mars de Bäitrëtt refüséiert a gouf duerop aus dem Staatsdéngst entlooss.
2) Dat Wuurt »Refraktär« (vum frs. Réfractaire) gouf eléischt nom Krich gebräichlech. Virdrun huet et nach einfach »Jong« a »Jongen« geheescht.
3) »Kennziffer« huet sou vill geheescht wéi »Bezugsschäin«, deen een huet missen hu fir Kleder, Schong a soss Material ze kafen. Fir ouni Kennziffer un dat Néidegt ze kommen, hun d'Bauere mat »Zännziffer«, d.h. mat Liewesmëttel nogehollef.
4) Dat war d'Missioun an de Mérite haapsächlech vun der LVL (Lëtzebuerger Vollekslegioun), eng Resistenzgrupp, déi sech déi Zäit am ganze Norde vum Land forméiert hat. Individuell Aktioune gouf et och dernieft. Mä zu wat déi konnte féieren, beweist d'Affär vun dee béiden Olzheimer (den Numm as entstallt, et feelt e Buschtaf). Eng Begiewenheet, déi engem hautjesdaags bal virkënnt wéi eng Episod aus dem »Klëppelkrich«, deem séng Haaptfigur jo och aus deem Eck vum Land gestaamt huet. Fir datt déi Geschicht nët an de Vergiess soll geroden, sief se kuurz hei verzielt: Si waren zu zwéi Bridder an allebéid »wehrpflichteg«, mä nët vum selwechte Jorgank. Op eege Fauscht hu se sech an de Bëscher ëm Wëlwerwolz verstoppt gehal. Mä och nach an deer Situatioun wollten si hire fräien Här sin a sin an der Géigend erëmspadséiert, mam Gewier um Réck, wéi gelleg Partisanen! Et soll alt virkomm sin, datt Leit, déi zu Wëlwerwolz mueres op den éischten Zuch gungen, di béid an der Gare op de Bänken am Wartesall fonten ze schlofen, mat der Flënt nieft sech! Hire Ravitaillement haten se selwer organiséieret, andeems se bei d'Bauren heesche gungen, déi bal nët méi sou king waren hinnen eppes ofzeschloën. War et hir provokant Opfouer schold, oder si se regelrecht dénoncéiert gin? Egal wéi, d'Gestapo huet se an en Hannerhalt gelackelt. Nuets bei enger Feldkapell, an deer se gewinnt waren hiren Iessekascht ze fannen, goufen se erwaart. Iwwerdeems se do an der Däischtert mat hire Saachen erauskommen, gi Scheinwerfer un, di béid sin am Feier vu Maschinepistoulen ëmkomm. Domat war d'Affär iewer nach nët gehal. Well, an engem Notizbuch, dat d'Gestapo bei hinne fond huet, stungen d'Nimm vun hire »Wohltäter«, a wat déi hinne gespent haten. Fir e puer Leit a Stéit war d'Resultat dunn: Emsiddlong a souguer KZ!

De Gank

D'Zäit vun den Ouschteren as och d'Zäit vun den neien Autoën. De Festival vun dene Gefirer as jo nët fir näischt e puer Woche virdrun.
Wann d'Fréijor am Gaang as, da wëllen ebe vill Leit grad an deem Jor mat engem neien Auto optrompen. Duerfir dréit sech munch Gespréich an de Stéit grad an der Zäit virun den Ouschteren ëm den Auto. Déi eng mengen, si kënnten nach waarden, éier si déi vill Suën ausgin, anerer sin nët ze halen an hu keng Rou, bis den neien Auto virun der Dir steet ...
Déi Situatioun kënnt bestëmmt all Jor an Honnerte vu Stéit vir a wäerd och an dene Joren, déi kommen, kaum ännëren. Et gët jo gesot, den Auto wir nët méi sou wichteg, et géng méi ëm véier Rieder gon, déi rullen, ma ausgemater Saach kritt déi Affär all Jor ëm dës Zäit eng aner Nues ...
Kee Wonner, datt si och beim Edy an dem Francine e puer Woche virun den Ouschtre fir en neien Auto diskutéiert hun.
Dir wësst jo, wéi dat as. Et kënnt een et bal mat der Moud vergläichen. D'Fra as meescht enger anerer Menong ewéi de Mann, a wann et och nëmmen ëm d'Faarf geet. Vum Modell gur nët ze schwätzen.
D'Madamm Edy wollt deen an deen Auto hun, den Här Edy wor där Menong, fir si wir en anere besser.
Si wore grad um Diskutéiren drun, wéi de Monni an d'Tata erakummen, fir eng Stënnchen oder zwou, op Besuch ze sin. Well si méi dack kummen, hun déi béid, den Edy an d'Francine sech och nët genéiert, mat hirer Diskussioun virunzefueren.
De Monni an d'Tata hun sech gesat a gewaart, datt déi jong Leit sech eens gemat hätten. Dat huet séng Zäitche gedauert. De Besuch konnt héiren, datt déi zwee am Fong d'accord wore fir de selwechten Auto, ma d'Fra huet gemengt de méi bëllege ging dur. Et huet sech ëm eng Differenz vun ongeféier 50000 Frang gedréit, eng Differenz, déi duurch e fënnefte Gank um Auto kumm. Den Edy huet laang a breet explizéiert, fir wat e fënnefte Gank eppes Guddes wir, wann een e Wunnwon huet an an der Vakanz vill Autobunn géng fueren.
D'Tata an de Monni hun sech aus där Saach erausgehal, obschons de Monni och fir e fënnefte Gank wor, well deen séng Virdeler hätt.
Um Enn as d'Francine hafteg gin a sot dat hei: »Wat heescht hei fënnef Gäng, wann ee Gank méi ewéi 50000 Frang kascht. Wat maache mir mat engem extraë fënnefte Gank. Heiheem hu mir nëmmen een, an ech hu schons Méi, deen an der Rei ze halen.«
Wéi et elo geet, kann een nët son, well den neien Auto as nach nët kaaft.

Will Reuland

'T huet nët geschellt

Et as owes géint eng Auer ër zéng. Si sëtzen an hirer gemittelecher Stuff. Hien, en eleren Här, liest an engem Buch. Si, eppes méi jonk ower nach ëmmer eng passabel Damm, as mat engem Kräizwuertréitsel am gaang. De Radio geet ganz lues.
Op eemol hieft hien de Kapp: »So, méng Mod, ech mengen et huet geschellt!« – Si: »Nee, mäi Jong, du hues nëmmen esou gemengt. Ech gin ower kucken, wann s de wëlls.« – »Neen, spuer déng Been. Du héiers jo nach vill besser wéi ech. Wann et eent vun de Kanner wier, da géif et och e puer Mol schellen. A wie soll soss och elo nach ëm dës Zäit bei äis kommen?«
Hie liest weider a si moolt Buschstawen an d'Haisercher. An iwwerdeems denken s'un déi Zäit, wou d'Haus nach voller Liewe wor, voll mat Kannerlaachen, Kräischen, Gejäiz, Gerieds, Gerëlls an och alt Gestreits, Trublement, Kaméidi ... a Rou, wann se am Bett louchen. Et war vill Aarbecht, vill Freed an dacks Suergen. Se sin elo scho laang aus dem Haus, mä d'Suerge si bliwwen: Et wäert en dach gutt goen? Et wäert hinnen dach näischt geschitt sin? Et wäert hire Kënnercher dach näischt felen? Et huet schon esou laang keent vun hinnen sech geréiert.
Hien zéckt op eemol zesummen an d'Buch rëtscht em op de Schouss. »Sisy, huet den Tëlëfon elo nët gerabbelt?« – »Nee, mäi Jong, et wor nëmmen am Radio. Haut rifft och kee méi un. Muer wäerd schon ee vun hinnen sech mellen, du wäers gesinn!«
»Jo, mäin Hues. Muer wäerd schon ee vun hinne laanscht kommen oder tëlëfonéieren. Muer oder iwwermuer.«

g. m.

Matzen am Bësch

D'as nët ëmmer einfach, wann ee jonk as a wann ee freit a wann engem séng Freiesch do uewen am Éisleek wunnt, éierewou an engem klengen Duerf tëschent Ëlwen a Klierf, an der Géigend wou d'Welt mat Brieder zougeneelt as. 'T gët méi wéi eng Kéier Freed, wann een nuets duerch d'Bëscher heemkënnt, ganz eleng am Auto, de Kapp voller Hunneg an d'Aen amplaz op d'Strooss op de Mound geriicht, deen an de Bäm hänkt wéi e Känki aus Sëlwer.

Wat ech am Fong verziele wollt, d'lescht nuets, eng Auer zwou, hun ech matzen am däischtere Bësch op der Strooss eng eler Fra begéint, op e Bengel gestäipt, a wéi ech laanscht gefuer sin, wor et mer wéi wann se mat der Hand gewénkt hätt. Ech hu stallgehalen an hu se matgeholl, mäi Gott, wat mécht een nët alles fir eng eler Fra, déi no Hallefnuecht mudderséileneleng am Bësch steet, op e Bengel gestäipt?

Si as och erageklommen an de Sëtz huet eng Kéier gekraacht wéi se sech niewent mech gesat huet. Ech weess nët méi wat ech se alles gefrot hun, si huet mech an engem Stéck bekuckt wéi wann se vum Lämmes gebass wir. Si huet nët geschwat, nët mam Kap gewénkt, nët gehouscht oder d'Nues gebotzt, si souz niewent mer wéi wann se aus Holz wir. Hire Knëppel hat se niewent sech leien, all Kéier wann ech schangéiert hun, sin ech mam Boxebeen derwidder komm. Dobei as e Stach duerch mech gaangen. Si as vläicht daf, hun ech mer du geduecht oder si kann nët schwätzen? Ech hu se ugejaut an ugebrëllt, mä 't war grad wéi wann ech duer gespaut hätt, si huet nët mat den Ouere gewibbelt. 'T as mer eng Grëtz gelunge gin, ëmstand déi as gestuerwen, as et duerch mech gaangen. Ech hun s'an den Aarm gepëtzt, si as zesummegefuer an huet d'Ae grouss opgerappt. An déi hu gefénkelt wéi e Réck vun enger Schlaang.

Vun do un as se lues a lues méi waakreg gin. Bal huet s'un hirem Fischi geknätzelt, deen s'ëm de Kapp hat, bal huet se sech ënner der Nues gekraazt, mä geschwat huet se nach ëmmer nët. Op eng Kéier huet se ënner hirem Gelëmps e boëre Pak Zigaretten erausgezun a wéi se sech du mat engem schwéire blénkege Briquet Feier geschloen huet, sollt ech e Schlag kréien. Hir Hänn, déi am Schäin vun der Flam ganz däitlech geliicht hun, ware breet a knacheg, richteg flappeg Moulen, mat Fangere wéi ech se eng Kéier bei engem Kueleschëppert gesinn hat.

'T as mer elle gin an ech hun op de Gas gedréckt. Ech si gerannt ewéi e Schwäin, ech muss et éierlech zougin. Ëmmer wann de Bësch méi enk gin as hun ech mech geduckelt wéi eng Kaz, prett fir opzesprangen. De Spaut as mer op der Zong gedréchent, de Schweess as mer de Réck erof gelaf wéi eng Baach.

Dunn as mer eppes agefall. Ech hun heemlech de Kontakt ewechgeholl, de Motor as ausgaangen, den Auto as stoe bliwen.

Wat der Jomer soll deen dann nees hun, hun ech dobei geknoutert? Am beschte wir vläicht, dir gingt bis erausklammen, wann en eng Grëtz gedréckt gët, spréngt en nees un. Ech war fest dervun iwwerzeegt, dass eng Fra wéi déi hei dräi Autoë wéi mäi matenee vun Hesper bis an d'Stad gedréckt hätt, ouni de Mond ze verzéien.

Wéi ech se dunn hanner méngem Réck héiren hu käichen a blosen, hun ech séier de Motor ugedréit a hu mech duerch d'Bascht gemat. Wéi e gebäätschten Hond huet de Motor gehault, an de Kéieren hun d'Pneuë gepaff an de Kräsi vun der Strooss huet ënner de Schutzblecher gekréckelt, 't war wonnerbar.

An dach as et mer eréischt richteg besser gin, wéi ech hannert Ettelbréck de Louknëppel, deen nach ëmmer tëschent de Sëtzer bei ménge Bee lug, e laange, laange Rambli erofgehäit hat. Iwrem Fueren.

Roger Manderscheid

spréchwuert

pärele virun d'sai geheien
d'sai hu schéi saache gär
eng éislécker ham
as nët vun der hand ze weisen
't muss een och de sai
hautdësdaags eppes bidden

roger manderscheid

Vakanz

hie knipst
séng fra
séng fra
knipst hien
hie knipst
séng fra
mat de kanner
séng fra knipst
hie mat de kanner
d'kanner knipsen hien
mat sénger fra
e frëndlechen här
knipst
d'ganz familjen
hie knipst
de frëndlechen här
séng fra knipst
de frëndlechen här
mat der familjen
vum frëndlechen här
hie knipst och
d'mier
si schreiwen eng kaart:
e schéine bonjour
vu pompisa
dann as
glécklecherweis
och déi vakanz
nees eriwwer

Roger Manderscheid

D'Patte pellen op den Héichten

D'Patte pellen op den Héichten,
D'Gäert verschëdde Anscheldoft,
D'Grieser gréngen an de Griechten,
D'Bléien trëndlen an der Loft.

D'Heemche schiirpst an d'Päiplen dréien
Iwwer gramer Bloumewiel;
D'Schleke plënnren, d'Beie fléien,
D'Dréischel wuddert an der Hiel.

Réisch a runn sin d'Wanterstuffen,
D'Diischelt op vun Häerz an Haus!
Huel dër Guckuck d'Takeschnuffen,
Jonktem, fléi an d'Fréijor aus!

Chr. Clement

Wouhin?

1

Um Gewan e Mënsch eleng
'T as spéit
De Wand stéisst ëm d'Nuecht an d'Gesiicht
E stäipt sech
Et déngt näischt –
E Rescht vu Liicht
Dann d'Angscht

2

D'Maschinnen haulen
De Bëtong wiisst
D'Atome bëselen
D'Loft as éimeg
De Mënsch as dout

Jos Berrens

E Verbatterten

En huet vill matgemaach am Liewen,
Lo as en d'Absëbild vum Ongléck.
E sëtzt a séngem Verwëllef vun Niwel
Ze wéimeren dribseg a quääsch.
D'Sonn as näischt,
De Grand as alles,
Eng eenzeg Fräd: d'Matleed mat sech selwer.
All schwéiere Schiet gët era gelooss,
Wat gehäerzt as, muss dobausse bleiwen.
Sou mautscht e séng Verdrësslechkät
Vernennt de Reen an d'Sonn.
E spiirt kän eenz'gen Dram
A muss sou viru liewen.

Jos. Berrens

Chopin

Um Reebou hänken déng glënnereg Téin
A falen dir an de Schouss.
Si sprangen eraus an danzen,
Si danze mat mir:
Den Horizont hieft sech,
An ëm mech dauscht et wéi Gléck.

Jos. Berrens

Op en Hoër no

Et war eng Manéier wéi eng aner, fir aus dem Dagdeeglechen erauszesprangen;
ménge Frënn sin ech aus de Féiss gaang wéi wa se Pescht a Kollera hätten;
mat denen, déi ech nët ausstoe kann, war ech esou léif a fäin, datt et hinne ganz onheemlech gouf;
méngem Chef, ménger Fra, ménge Kanner, hun ech alles gutt gehal, wéi wa si d'Helleg Schrëft op hirer Säit hätten;
ech hun d'Regirung gelueft,
hir Leeschtungen hun ech unerkannt a bewonnert,
den Häre Ministeren a Deputéierten hun ech den Hut afgedoen;
ech hun all denen, déi et héiere wollten, gesot:
»Méng Schwéiermamm as di beschte Fra op Gottesäerdbuedem . . . «;

Op en Hoër no hate si mech agespaart.

Léift

Fest,
ganz fest,
hues du de Som
an de Buedem gedréckt;
»Am Fréijoër«,
hun déng Ae versprach,
»am Fréijoër däerfs du
d'Sonn laanschtschécken,
fir dës Blumm ze plécken.«

Wat as geschitt?
Sot mir
wéi as dat do méiglech . . .
de Som huet nët gekéngt.

D'Geess

Et gung hir elle géint d'Gemitt,
datt ronderëm hirer Wiss
zwéi Meter héigen Drot war.
»Ech wëll fräi sin«, sot si,
»fräi wéi de Vull am Wand,
fräi wéi de Fësch am Mir.«
»Ech si ganz dénger Menung«,
sot de Wollef.

De Batz

E stung op engem Hiwwel,
ganz eleng fir sech;
d'Äppel hu geliicht datt et eng gelleg Freed war;
d'Waasser as mir am Mond zesumme gelaf;
d'Schlaang huet de Kapp schif gehal a gefrot:
»Wéi as et, wëlls d'een?«
Ech hun un Uedem an Éiv geduecht
an un all dee Misär,
dee se iwwert d'Welt bruecht hun;
ech hun déi Baache vu Schweess gesin,
déi d'Schaffen eis zanterhir kascht hat;
an ech hun zur Schlaang gesot:
»Maach dech ewech, du nidderträchteg Zatz!«

Wéi ech de mueren erwächt sin,
lug op méngem Nuetsdësch
en *Apelbatz!*
. . . an elo froen ech mech . . .

Den Äppelter am Laf vum Jor

E Rëppegestell,
un deem sech nach en etlech giel-gro Fatzen upaken,
fir sech géint d'Stierwen ze wieren;
eng Sëtzgeleënheet,
mat fräier Siicht, fir all déi Flacken,
déi sech nët zu der grousser Mass ziele wëllen;
eng Klunschel,
op deer sech honnerte vun hellgrénge Schieden an der Fréijoërssonn wiermen;
e Frënd,
deen eis vrun der Jhalousheet vum Himmel verstoppt,
wa mir eis këssen.

René Kartheiser

Fetten-Donneschdeg

»Hass de well hiren wat dem Guy geschéit as«, dat waren déi éischte Wierder, déi de Francis mir zougeruff huet, wéi mir eis mëttwochsmures bäi der grousser Barriär begéint sin, fir, wéi all Dag zesummen an d'Schoul ze goen. »Nee«, sot ech ganz erféiert, »wat as da lass mat him?« »Ma heen, de Paul, den Arthur an den Emil se gëstermëttig hanner Juste mam Schlitt gefaren. Wi si dunn eng Course gemat hann, as de Guy ënnerweeg vam Schlitt rafgefallen. De Paul kumm direkt hannendraan, an heen as flang an de Guy gerannt. Deen hat iwwerall wi, an hee konnt nët méi op séngem Bee stoen. Di anner hann heen dunn op de Schlitt gelaagt a se mat him bäi den Dr. Thinnes gefaren. Dee sot direkt dass d'Bee gebrach wir, an heen as selwer mam Guy op Kliärref an d'Spidol gefaren. Dem Guy séng Mamm sot hee misst d'manst eng Woch do bleiwen.«

Ech konnt mir am éischte Moment nët richteg virstelle, wéi dat as wann een eppes gebrach huet, well ech war nach ni an deem Fall. An Zeitungswitzen hat ech zwar scho gesin, wéi e Mann ganz agebokelt am Bett läit, alles am Gips, Ärem a Been an der Luucht hänken, an da kënnt séng Fra fir dass hie soll e Scheck ënnerschreiwe fir hiren neie Pelzemantel ze bezuelen. Sou hun ech de Guy viru mir am Bett gesi leien, säi Bee ganz am Gips, an déck verbonnen un enger Ficelle bommelen. Hien huet mir leed gedoen. Ech war mir bewosst, dass hie lo laang nët méi richteg kënnt spillen, dass hie vläicht iwwerhaapt ni méi Fussball däerft spillen.

Mä wat mir méi no bei d'Schoul koumen, wat ech de Guy ëmmer méi beneit hun. Hie konnt lo nach am Bett leien a schlofen. Ech hun alt gemengt am Spidol kënnt ee moiës sou laang schlofe wéi ee wëllt. Dass d'Joffere well um 6 Auer mam Thermometer kommen, dovun hat ech nach keng Anong.

Ir mir dunn ugefaang hun eis Hausaufgaben ze verbesseren, huet de Schoulmeeschter eis nach ganz offiziell gesot, »daß sich der Schüler Breuer ein Bein gebrochen hat und daß er jetzt im Krankenhaus liege«. An nach eemol krute mir et agetriichtert, mir missten oppassen a keng Dommheten um Schlitt maachen.

An der Paus as iwwer soss näischt geschwat gin, wéi iwwer dem Guy säi Been. Jidderee wollt méi genee wëssen, wéi dat as, wann een eppes gebrach huet. De Jhang huet erzielt wéi dat war, wéi säi Monni d'lescht den Arem am Gips hat. Wéi dat geet fir de Verband op den Arem ze leën, a fir e spéider rëm rof ze huelen. De Paul huet der ganzer Klass natiirlech och genee erzielt, wéi dat Ongléck da wiirklech geschitt as.

Mir haten zwar all Matleed mam Guy, mä wa mir eis virgestallt hun, dass hien lo e puer Woche nët bräicht an d'Schoul ze kommen, hu mir richteg d'Flemm kritt, a munchereen hätt am éischten Äifer och alt e gebrachent Been oder eng aner gebrache Schank mat a Kaf geholl, fir sou eng laang Vakanz ze kréien.

14 Deg drop, dem Guy säi Bee war schons vergiess, wéi mir mëttes an d'Schoul geträntelt sin, sot de Georges op eemol: »Sot Jongen, dër vergeesst jo sécher nët, dass mer d'nächst Woch heesche gin, well dann as d'Fasicht!« Richteg, mir haten nach nët doru geduecht. D'Leit haten och nach keng Tëlëvisioun, an och am Radio goufen se nët bestänneg un d'Fuesbaler erënnert. »Lo as de Guy ewer sching beläffelt«, sot de Paul ganz dréchen, »hee ka jo lo nët mat heesche goen. Soll ich da lo mat him mussen delen, well he jo soss keng Suë krëtt.« Hie krut eent schlecht Gewëssen, well hie jo selwer irgendwéi mat un allem Schold war. Déi di de Paul nët sou gutt konnten ausstoen, ware gläich dofir, dass hie mam Guy misst delen. Séng Komeroden awer hu behaapt, dat wir nët wouer, hie kënnt alles fir sech behalen. De Guy hätt näischt zegutt. Mir goufen nët eens, an nëmme gutt, dass d'Schoul ugaang as, soss hätte mir bestëmmt eng déck Kläpperei kritt.

An der Klass huet direkt een de Schoulmeeschter gefrot, wéi dat da lo Fetten-Donneschdeg mam Dele wir. De Guy kënnt jo nët mat heesche goen; op hien dofir och iwwerhaapt näischt géif kréien? »Ma da maache mir et och dës Kéier wéi mir et bis lo an sou engem Fall gehalen hun«, sot de Schoulmeeschter. »Wann e Kand op Fetten-Donneschdeg krank as, mä et muss wiirklech richteg krank sin oder duerch eppes anescht verhënnert sin, wéi an dësem Fall de Guy, da kritt et séng ganz Deel, grad esou wéi wann et derbäi gewiest wir.«

Zwar waren se nët all mat dëser Bestëmmung averstan, an hei an do gouf och gemault a ripostéiert, mä um Enn blouf hinnen dach näischt anescht iwwereg wéi et esou ze maachen.

Déi Deg viru Fetten-Donneschdeg gung d'Geplangs dann un; d'Rolle goufe verdeelt. De Georges war dëst Jor den eelsten,an domat automatesch de Chef. Deen huet dofir ze suergen,

dass alles riicht leeft, dass dee ganzen Trapp zesumme bleift, a besonnesch muss hien oppassen, dass keen ze spéit kënnt, well dee kann eppes vu sénger Deel ofgehale kréien.
Kee vun eis hat ganz vill Iddi fir eppes ze schaffen op dësem Donneschdegmueren. A Gedanke ware mir schon all verkleet, a munchereen ënnert eis huet bestëmmt scho geplangt wat hie sech alles vun dem geheeschte Geld kafe kënnt. Déi eng hun déck getéint, an an allen Eenzelhete beschriwwe, wéi se ugedoe wiren, wat si géifen duerstellen, a wat hiren neie Revolver kascht huet. Anerer hu kee Pippcheswuert verluer iwwert hire Kostüm; si wollten eis iwwerraschen.
Kuurz viru Mëtteg huet de Schoulmeeschter nach eng Kéier widderholl, dass et ëm zwou Auer lass géng goen, an dass mir fir freides keng Hausaufgab hätten. Mä virun allem sollten déi aus dem ënneschten Duerf nët vergiessen an d'Schoul ze kommen fir ze delen. Mir wéisste jo Bescheed.
D'Saach war nääml ech déi hei. D'Kanner sin ëmmer a 4 Gruppen heesche gaang. D'Jongen an d'Medercher fir sech, an da waren déi nach emol opgedeelt an d'iewescht Duerf an an d'ënnescht Duerf. Déi di ëm d'Gare gewunnt hu gungen also am ënneschten Deel vun der Uertschaft heeschen, an déi di am ieweschten Deel doheem waren, mussten do sange goen. Et as natiirlech och getrennt gedeelt gin. Nu war et leider sou, dass déi vun der Gare ëmmer eppes Klengs méi kruten wéi déi iewescht. Dass dat déi fatzeg gefoxt huet, dat as jo wuel klor.
Fir der Saach opzehëllefen as dunn einfach vum Léierpersonal beschloss gin, déi zwou Keesse missten zesumme geluegt gin, fir dat eng Grupp sou vill sollt kréie wéi di aner. Déi iewescht ware frou, mä déi vun der Gare wollten nët sou richteg dru goen, an de Schoulmeeschter huet scho misse mat décke Strofen a Retenuën dreën, éi mir agewëllegt hun.
D'ganzt ënnescht Duerf, d'Kanner sougutt wéi och hir Elteren hu sech géint dës nei Bestëmmung gewiert. Et stung zwar néirewou geschriwwen, dass separat gedeelt misst gin, mä jorzéngtelaang war dat sou duurchgefouert gin. Et war sou e Brauch, a fir e Gebrauch ze änneren, wann et dobäi och nach ëm Suë geet, dat as nët sou liicht.
Deeglaang luchen di zwou Gruppe sech an den Hoër an hu sech zerklappt, an dat alles wéinst e puer Frang. Mä um Enn hat all Geknouters a

Geprotestéiers näischt gehollef an et as aus engem Dëppe gedeelt gin.
Mëttes, laang schons virun der ofgemater Zäit waren déi meescht vun eis um Dill. Op der Aasselburer Strooss, bei der Epicerie hu mir eis all opgestallt. All ware mer verkleet. Déi, déi sech ewell sou laang gebretzt hate mat hire schéine Kostümer musste lo Faarf bekennen. Puer vun hinne ware wiirklech flott rausgefiizt, mä de Rescht war nët besser wéi mir aner.
De Serge war als Scheich verkleet. Aus engem ale Leindech hat séng Mamm him e schéine Läpp gebitzt. Säi grousse Säwel, den hien unhänken hat, war vun der Kiirmes vum leschte Jor. De Jhang an de Georges haten hire Schwësteren hir al Kleder ugedoen, an si waren nawell zwee richteg léif Medercher gin. De Pir as am schwaarze Kostüm mat Dunn opgetrueden. Hie war sou hallef Charlie Chaplin an hallef Oliver Hardy. Ech selwer, ech hat sou allerlee, konterbont zesumme gewiirfelt Saachen un. En alen Zilinder, de Palto baussebanne gedréit, puer grouss faarweg Stécker op enger zerrassener Box. Kuurz gesot, een zerfatzte Kiddel. Déi meescht ënnert eis waren natiirlech als Cowboy oder Indianer verkleet.
Puer vun dene grousse Jongen haten, wéi dat ofgemat war, hir Zigaarskëscht fir d'Suën. Anerer hate grouss Plastikstuten, fir de Fall wou mir mol Séissegkete sollte kréien.
Punkt zwou Auer gung et lass.
»Hei kommen déi Elwënter Jongen
si heesche Fasichtsbongen,
si heesche fir Sankt Péitres
Sankt Péitres as een hellege Mann
deen den Himmel schléisse kann . . .«

Fir d'éischt gung et iwwert d'Gare, duurch d'Städtgesgaass, dann zréck d'Biwescher Strooss rop, vun do d'Aasselburer Strooss aus. Jiddereen huet mat gebläert, sou gutt wéi e konnt. Wat méi haart, wat besser. Déi grouss hu schon opgepasst, dass jiddfereen de Mond opgemat huet, a nët einfach sou hannendru getrëppelt as. »Wann s de nët matséngs, da krëss de hanneno eppes afgehalen«, huet et geheescht. Op dës Manéier hun si och déi kleng a méi schei Kanner un d'Sange kritt.

Vun dene Jore virdru wousste mir méi oder manner wat déi eenzel Leit géife sprange loossen; wie vill géif gin, a wien am kuuschtegste wir. Ganz genee hu mir dann och opgepasst wat d'Leit an d'Këscht geluegt hun. Hat eng Fra d'Ongléck fir nët sou déif an d'Täsch ze gräifen, dann huet een den anere bekuckt an t'as eent Gemirmels duurch eis Reie gaang. Dat war opfälleg genuch an d'Leit wousste gläich ëm wat et géng goen.

Vu vereenzelt Leit war bekannt datt si déi lescht Joren iwwerhaapt näischt gin haten. Si mir bei sou en Haus komm, da ware mir ganz gespaant, ob et dann dëst Jor och rëm sou wir. Mir hun dann extra haart gesong, besser gesot, gebläert. Déi Kéngsten ënnert eis hun zum Schlësselslach oder zur Spléck vun der Bréifkëscht ra gejhaut. Huet trotzdeem näischt sech gerouert am Haus, da gouf gefleet an et sin alt mol bëssche méi schlëmm Wierder gefall.

Huet eng Persoun awer eent »déckt Stéck« an eis Këscht gehäit, ware mir zefridden, an dem »edle Spender« hu mir souguer en zweet Liddche gesong. Aner Leit soten einfach si géifen nët méi sou vill gi wéi soss déi aner Jorë, well d'Suë jo nët aleng fir eis wiren. Mir misste jo mat denen aus dem ieweschten Duerf delen.

Sou si mir d'Aasselburer Strooss rop getrëppelt, wou eise Frënd Guy gewunnt huet. Hie souz an der Stuff, d'Fënster war op, an d'Ridoën zréck gezun. Vu wäitem huet hien eis scho gesin. Hien huet och gelaacht a gewénkt wéi mir bei d'Haus koumen, mä a séngem Gesiicht huet een dach gesin datt d'Laachen him schwéier gefall as. Hie wir vill léiwer ënnert eis gewiest. Well d'Stuffefënster nët héich vum Buedem war, konnte mir fein mat him schwätzen; souguer säi Bee krute mir gewis.

De Guy selwer huet eis du nach eent »déckt Stéck« an eis Keess geluegt, an dofir hu mir him a sénger Mamm zwee extra Liddercher gesong.

Wéi mir eis rëm opgestallt hu fir weider ze goen, béckt séng Mamm sech aus der Fënster a rifft: »Sot Jongen, laustert mol. De Guy konnt jo dëst Jor nët mat heesche goen, ma dofir lat heen eech all a, fir bei hee Kaffi dranken ze kommen. Kommt sou géint 5 halwer 6, wann der mam Dele fierdig sëd, rëm séier heihën. Dann as alles fierdig. Wat haalt der dovan?«

Sou eppes hate mir eis nët erwaart. Keen Ablack hu mir gezéckt, an hu wéi op Kommando all ugefaang ze jäizen an an d'Hänn ze klätschen. Vu Freed si mir gesprong wéi kleng Kanner. Op Fetten-Donneschdeg Kaffi drénken, dat hate mir nach ni. Mir woussten zwar dass et dat op de Nopeschdierfer nach géif gin. Do gungen d'Kanner schons e puer Deg viru Fetten-Donneschdeg heeschen: Äer, Miel, Zocker a Speck. All Jor huet dann eng aner Fra, déi Kanner derbäi hat, fir d'ganzt Duerf Fuesent gebak. Mir hun ëmmer nëmme Suën ofgeholl, heiendsdo mol eng Séissegkeet. Awer datt ee fir eis gebak huet, dat war bis lo nach ni do, an dofir ware mir hell begeeschtert dovun. Et war mol eppes Neits.

Op de leschten Deel vun eisem Tour duurch d'Duerf gung et vill méi séier wéi virdrun. Et war wéi wann eng onsichtbar Hand jidder eenzele vun eis weider gedréckt hätt. Eis Liddercher hu mir nach sou rofgeleiert fir nëmme séier virun ze kommen. Dene meeschte war et lo souguer eendun wat d'Leit an eis Keess geluegt hun. D'Geschäftsleit hu ganz verwonnert gekuckt wéi mir amplaaz vu Suën lo Liewesmëttel gefrot hun. Sou musste mir all Buttécksfra erzielen, datt mir bei Breuesch Fuesent gebak kriten, an dass mer dofir Miel an Zocker fechte géifen.

Soubal wéi mir beim leschte Geschäft passéiert waren, sin der zwee vun eis lassgaang, fir all di geheeschte Saachen ofzeliweren. Wéi si koumen war den Deeg zwar fäerdeg an di éischte Kichelcher ware schons gebak. Dem Guy séng Mamm konnt awer di gutt Saache behalen an domat hir Spënnche rëm opfëllen, well si hat jo alles virgestreckt. De Raymond an den Emil duerften souguer e Verwurelte schmaachen fir sech rëm ze stäerken, well si jo sou schwéier ze droen haten.

Mir aner hun di lescht Haiser nach geklappt, a sin dunn sou séier wéi nach keent Jor virdrun an d'Schoul gelaf. Déi aus dem ieweschten Duerf hu schons am Haff gespillt, an de Schoulmeeschter war amgaang hir Suën ze zielen. Déi Zäit hate mer nach keng elektronesch Rechemaschin an

der Schoul. Alles musst nach vun Hand zesummegezielt an dividéiert gin. Véier Jongen hun zu gläicher Zäit dës Operatioun ausgeféiert, fir jo méiglechst all Feler ze vermeiden. 134 Frang a 15 Su, dat war d'Resultat vun eisem Geheeschs dëst Jor. De Schoulmeeschter huet dunn aus sénger Täsch nach iwwerall 5 Su derbäi geluegt, an sou krut jidderee vun eis 135 Frang. Et goufen sou vill Kéipercher vun 135 Frang gemat wéi Jongen do waren, plus een extra Kéipche fir de Guy. Lo daarfe mir zwee an zwee an de Klassesall kommen an de Schoulmeeschter huet jiddfer Jong säin Deel an d'Hand geluegt.

Mir aus dem ënneschten Duerf kruten och dëst Jor rëm e puer Frang manner, well mir mat denen ieweschten hu missten delen. Mä déi gutt Saachen déi nach op eis gewaart hun, waren ganz eleng fir eis. Dat war méi wéi eng Entschiedegong fir déi verspillte Suën, an dofir huet och kee vun eis méi geknoutert. Déi aus dem ieweschten Duerf waren natiirlech fatzeg neidesch op eis, mä mir waren dës Kéier déi Glécklech, an dat huet eis gutt gedoen bis an déi déck Zéif.

Déi aner Joren as nom Delen ëmmer nach am Haff gespillt gin, mä dës Kéier hate mir keng Zäit. Hellewech si mir d'Duerf a gelaf, iwwert d'Barrière an et war knaps 5 Auer verbäi, du hun déi éischt beim Guy un der Dir geschellt. Sou riicht, ouni Ëmwee an ouni ze spillen as wuel selen e Kand aus der Schoul heem komm.

Am ganzen Haus huet et gericht wéi an enger Bakstuff. An der Stuff selwer war gedeckt. Um Dësch, op der Fënsterbänk, je iwwerall wou eng Plaz war fir eppes ze stellen, stungen d'Tasen, d'Pätterchen an d'Telleren. Mir ware jo schliisslech zu 20 Jongen, a sou grouss war et nët an hirer Stuff. De Guy huet am meeschte Plaz gebraucht, well säi Been huet missen op engem Stull leien. Mir aner hun eis gedréckt a gequëtscht, mä keen huet sech beschwéiert.

Wéi mir endlech all eng Plaz fond haten, gung d'Kichendir op, an eis gutt Kächen huet zwee grousser Këmp erabruecht, voll Verwurelter. Grousser a klenger, gutt knuspereg gebak, all schéi wäiss gepuddert.

Wat war dat eng Freed. Wéi auserhéngert si mir iwwert d'Kichelcher hiergefall. 'T hät ee kënnte mengen, mir hätten nach ni an eisem Liewen sou eppes giess. Wéi dunn och nach d'Wafelen an de Schockelaskaffi zerwéiert goufen, dunn as et stëll gin an der Stuff. 'T huet kee méi geschwat, nëmme méi Gemaufels a Geknätschs. Heiensdo

huet een, deen zevill verfroosse war, sech un engem ze décke Maufel verschléckt. Séng Nopperen hun him missen op de Réck klappen, fir dass hien rëm zou sech sollt kommen.

War eng Schossel eidel, gouf se gläich nees gefëllt. Dem Guy séng Mamm wousst, datt sou Bouwen e gesonnten Appetit hun; si hat der jo selwer zwéin am Kascht. Och de Guy hat säi Spaass an dëser grousser Gesellschaft. Et war och eng kleng Iwwerraschung fir hie selwer, well réischt moies hat séng Mamm him gesot, dass si wëlles hätt sou e Kaffiskränzchen ze halen, fir him domat eng Freed ze man.

Wéi mir dunn all puppsat waren, a kee méi eppes erof krut, as de Georges opgestan an huet dem Guy e Kuwär gin, an deen hien d'Suë gestach hat. De Guy as feierrout gin am Gesiicht an huet geglënnert vu Freed. Hien hat nët esou richteg gegleeft, dass hien eppes sollt matkréien. Säi Brudder hat him zwar erzielt, wat de Schoulmeeschter gesot hat, mä de Guy hat dem Spillchen nët sou richteg getraut. Och séng Mamm huet eis merci gesot an eis gelueft, dass mir dach all fein a gutt Jonge wiren. Mir sin ëmmer méi stolz gin op eis selwer a si bäi all Luef e Stéck gewuess.

Dono däerft nach jiddereen dee wollt e Witz erzielen, natiirlech kee knaschtegen. Dass et dobäi héich hier gung, dat as jo wuel keng Fro. Wéi mir nach eemol eis Heeschelidderchen alleguer gesongen haten, war et héich Zäit fir heemzegoen, well et war scho stackdäischter dobaussen. Di allermeeschten Eltere wousste wuel, wou mir dru wären, an si hun sech keng Suerge bräichten

ze man, mä um 7 Auer war et dach Zäit fir heemzegoen.
Doheem hu mir alles ganz genee erzielt, mat allen Eenzelheten, an eis Mammen hu misse gewuer gin, dass nët si, mä dem Guy séng Mamm di beschte Verwurelter an di knusperegst Wafele géif baken. Mir hun si gedirängelt, si missten onbedéngt dat gutt Rezept froe goen.
Zënter dësem schéinen Dag sin ewell vill Jore vergaang, an eis Kanner si well bal sou grouss, dass si kënnen heesche goen. Vill vun dene Jongen déi deemools derbei waren, hun sech komplett aus den Aë verluer, an ech sin iwwerzeegt, dass déi allermeescht sech nët méi un dëse Fetten-Donneschdeg erënneren.
Dem Guy séng Elteren si leider och nët méi ënnert eis. Séng Mamm huet dës Fuesent nëmme knaps dräi Joer iwwerlieft. Si, wéi hir ganz Famill, haten am Krich ganz vill matgemat, an si war krank aus dem KZ heemkomm. Zäitweis huet et sou ausgesin wéi wann si hir schwéier Krankheet iwwerwonnen hät, mä leider war et nët wouer.
Haut, wann ech op Fetten-Donneschdeg d'Kanner gesi vun Haus zu Haus resen, an hir Liddercher sangen, da kënnt mir ganz vum selwen dës kleng Geschichtche gläich rëm an de Kapp. Voll Verwonnerung muss ech dann ëmmer rëm feststellen, wéi dem Guy séng Mamm et deemools sou gutt verstan hat, fir eis Lëmmele mat sou wéineg sou eng grouss Freed ze man.

Marcel Lamy

Photoën: Roger Spautz, Wolz

Büro an Tëlëfon: 470612

D'Actioun Lëtzebuergesch huet zënter dem 1. Juni 1981 e Büro kritt; en as am **Bredewee 5, Lëtzebuerg.** 'T as och en Tëlëfon do mat engem automateschen Äntwertapparat. Wann Dir elo eppes bei der Actioun Lëtzebuergesch wëllt froen odder bestellen, da rufft de **470612** un. Wa keen am Büro as, gët Äert Gespréich op Band opgeholl an d'Äntwert kritt Dir a kuerzer Zäit.

Der schéiner Gäns Seidefieder hir Ennstatioun*

»Honnert Millioune Kroune Bounen«, dat war déi héchsten Zuel, déi a ménger Kannerzäit op d'Tapéit geworf gouf, wann et an den Didlénger Schoulhäff ëm d'Schwadronéiere gong.
Mä wann ech se hei gebrauchen, dann as et nët fir opzetrompen. Neen. Hei soll si nëmmen eng immens grouss Ziffer duerstellen.
Jo, honnert Millioune Kroune Boune Gänse gin uechter d'Welt ëm d'Feierdeg ausgangs dem ale Joër, an ufangs vum neien, heemgedroen.
Ennstatioun: Kachdëppen ...
As d'Gäns nach lieweg, da gët si emol fir unzefänken, geschluecht a geplaimt. Dat geschitt an der Wäschkichen, der Garage, dem Keller oder einfach dobaussen an der Plätz. A wann si dann nët méi schnaddere kann, kee Kapp a kee Schwanz méi huet, a potzpuddelplakeg um Kichendësch läit, da kritt si de Bauch voll gutt Saache gestoppt, déi si sech zu Liefzäite bestëmmt gär selwer dra getässelt hätt.
Spéider ergätzt d'ganz Famill sech dann um wonnerbare »gefëllte Gänsebrot«.
Och méng Kandskanner, e grousst Meedchen an e grousse Jong, haten dëse Wanter eng lieweg Gäns heembruecht. Mat deem Ënnerscheed awer, dass et nët drëm gong, d'Déier ze schluechten, mä am Konträr, säi Liewen ze retten.
An dofir: Neen, fir séng Ennstatioun am Kachdëppen, ma jo, fir ee glécklecht Gänseliewen!
Also, op Neijoërsdag haten déi zwee Kanner eng auserhéngert an hallef erfruere Gäns an der Gewan fond.
Owes virdrun, op Sylvester, hat dee ganz uerge Wanter vun ufangs 1979 d'ganzt Land stënterlech mat Schnéi an Äis iwwerfall. De Findel huet den 1. Januar eng Minimaltemperatur vu –17,9 Grad gemellt, déi niddregst zënter dem 1. Januar 1947!
Esou hat et och d'Gäns erwëscht. Hiirt Fiederkleed stouch voll Äis a Schnéi wéi d'Kanner si fond hun, an et war och soss näischt méi do fir ze friessen. Steif an zesummegeduckelt sutz d'Gäns am gefruerene Schnéi, wéi wann s'um Enn wär.
D'Gewan hei, dat war eng grouss Wiss an engem Hank zwëschent uewen engem déiwen ale Bësch dee voll klor Waasserquellen as, an ënnen der ganz verdreckster Uelzecht. E schmuelen Oflaf mat klorem Wässerchen as aus dem Bësch eraus den Hank a stautege Kréngelen erof geträntelt, an huet e puer Pill an Dëmpelen ugeluegt. Dat alles loug nët wäit ewech vun de Kanner hirem Heem, a war eng vun hire léifste Spillplazen.
Op där grousser a roueger Wiss haten sech zënter dem Summer dräi defteg beige-gro Gänsen niddergelooss. D'Gäns, déi d'Kanner op Neijoërsdag do fond hun, war déi lescht vum Trio. Vu wou waren si hirkom? Waren si duurch d'Loft geflunn an hun sech dunn op eemol ganz einfach vum Himmel eroffale gelooss? Oder waren si zu Fouss ugewatschelt komm? Gänse si gutt zu Fouss a gutt am Fléien, a wann si och um Äerdbuedem schwéierfälleg wiirken, dann awer nët an der Loft, do sin si majestätesch ...
Waren déi dräi vläicht ugaangen aus dem groussen ale Schlasspark aus der nämmelechter Géigend? Do stong ee Schlass an e puer Niewegebaier zënter Joer an Dag eidel. De Park war no an no verwëldert, säi grousse Weier loug doudeg an däischter zwëschent uralen, herrleche Beem vun allen Zorten. An ee Gefligelhaff deen derzou gehéiert, gouf ausgeraibert. Wéi konnt et anescht sin? D'Päerdsställ goufen un eng Reitschoul verlount, an där och Island Päerdercher fir Kanner gedabbert sin. Haut steet d'aalt Schlass erëm an sénger nobler Schéinheet am gutt ënnerhalene Park. De Weier gouf gebotzt, mä en Hingerhaff gët einstweilen nët méi ageriicht. Dat as haut vill ze vill eng ugrëffeg Wuer! Aus de Päerdsställ goufe Garagen. Soss as alles wéi fréier. Mat deem Ënnerscheed, dass haut nëmme méi Chinesesch am Schlass geschwat gët ...

Am Fong sin ech iwwerzeegt, dass déi dräi Gänsen ausgezunne Schlassgänse waren. Si haten esou en houfregt Optrieden an hun d'Schniewele faméis héich gedroen a gär opgerass ...

Si waren, ewéi gesot, am Ufank zu dräi. Mä op eemol waren et dër nëmme méi zwou. Do hat eng sech am Nomëtteg mat bluddegem Hals midd am Gras geschleeft. Wat war geschitt? Hat e Fitschefeil, eng Charge Schrout, e Steen si getraff? Hat si sech selwer blesséiert? Den aneren Dag war d'Déier verschwonnen a gouf ni méi gesinn. Hat et sech an een ofgeleënen Eck verkroch fir roueg ze sin, an as do gestuerwen? Oder hat d'Wonn um Hals uerg gebrannt an d'Déier wollt am Waasser vun der Uelzecht Helong sichen, an as do, geschwächt, ënnergaang? War och vläicht een et an der Däischtert stiele komm? Dat alles gouf een ni gewuer ...

Eng ganz Zäit waren déi zwou aner Gänsen dunn erëm roueg beim helle Wässerchen an der

grousser Wiss. Bis dunn op eemol och déi zweet verschwonnen as. Spurlos ...
Ob hir Ennstatioun e Kachdëppe war, dat gouf nët bekannt.
Op Neijoërsdag gouf déi drëtt, wéi gesot, a ganz miserablem Zoustand, vun de Kanner fond, wéi déi mat hirem Schlitt den Hank erof glëtsche wollten. D'Gäns war dunn nët méi beige-gro. Si war wäiss vun Äis a Schnéi deen an hire Fiedere stouch an drun hong. »Mä so, du bas jo elo eng richteg Schnéigäns ...« sot de grousse Jong an huet gelaacht.
D'Kanner hun d'Déier, dat do zesummeduckelt am gefruerene Schnéi gehuppt huet, opgehuewen. Si hun hire geplangte Wantersport si gelooss, fir d'Gäns bei sech heemzedroen. Nach eng Nuecht dobaussen, hätt si bestëmmt nët iwwerstan.
D'Déier huet sech wuel liicht huele gelooss, mä d'Matewechhuele war nët einfach. Et war gutt schwéier a wollt ëmmer ugoen. D'Kanner hun et awer gepackt an de Wee war nët wäit. Fir d'Gäns besser ze zëssen, hun d'Kanner hir en zäertlecht Schlofliddche gesongen.
Doheem gouf d'Gäns gebotzt, ofgedréchent a gefiddert. An si huet sech alles gär gefale gelooss, a geschwë ganz wakerég rondëm gekuckt. Si gouf gestréilt an huet dobäi lues gepotert ...
An do krut si och en Numm. A well hir Fiederen esou douce, esou blénkeg a glat waren an eraus gewuess sin aus engem Bëndel flackeger Seideplommen, hun d'Kanner si ouni ze zécken, »Seidefieder« genannt. Deen Numm war schéin an huet och gutt op si gepasst, egal ob et eng Gänsejoffer oder en Häerchen, en Untert wär, wat d'Kanner nët woussten. Fir si war et ganz einfach: eng Gäns, a vun elo un: d'Gäns Seidefieder.
De Kanner hir Mamm huet an den Déieren-Asyl tëlëfonéiert, fir ze froen, ob d'Gäns do ënnerkomme kënnt, bis d'Wieder besser géif? Sollt hir Ennstation d'Déieren-Asyl sin? Dat gong nët. D'Stëmm um Tëlëfon huet ganz erféiert iwwert esou eng Zoumuddong geklongen. Et war jo och an der Zounuecht vum Neijoërsowend, engem Festowend ... »Ëm Gottes Wëllen, neen!« huet et aus dem Apparat eraus geschaalt. »Mir mussen eis schon ëm Honn a Kazen, Randbéischten a Päerd këmmeren, a kënnen eis nët och mat Gänsen ofgin...«
De Kanner hire Papp huet dorophin am Garage e provisoresche Gänsen-Eck ageriicht, an de Fiederbëndel sutz geschwë ganz glécklech an zefridden an séngem Refugium.
Den anere Muergen hun d'Kanner sech op de Wee gemat fir Gänsefudder anzekafen, a gewuer ze gin, mat wat een esou ee Kaschtgänger fiddere kënnt? Si kruten z. B. och gequellte Grompere rekommandéiert, mä d'schéi Gäns Seidefieder wollt näischt dovu wëssen. Si huet se einfach stoe gelooss.
De Papp hat sech an der Zwëschenzäit Maschendrot verschaaft a fong un, e richtege Ställchen am Garageneck anzeriichten. An d'Déier huet sech ganz roueg aus séngem Verschlag erausheule gelooss, et as roueg am Raum spadséiert bis et gesouch, dass do ee Mann mat Hummer an Zaang séng Wunnéng ofrappe géif. Do as et onroueg gin a fängt un sech ze iergeren, jäizt a schléit dem Zammermann den décken, haarde Schniewel an de Réck, rappt u séngem Pullover ...
Nu jee, déi Opregong gong och eriwwer, a wéi den neie Ställche fäerdeg war, sutz d'Gäns Seidefieder erëm breet an houfreg an hirem waarmen a rouege Gänse-Wénkel. Si huet deen och daper verdedegt. Wann ee baussen un der Dir gefréckelt huet, da fong si un esou haart ze jäizen, wéi séngerzäit hir berühmt historesch Ahnen zu Roum am Capitol. War et dann ee vun »hire Leit« deen erakoum, dann huet si frëndlech gepotert...
Kuurz drop as de Papp fir aacht Deg mam Auto fortgefuer, an d'Gäns hat de Garage fir sech eleng. Da sutz si roueg an hirem Schloff, si konnt vu Lafen a Fléien an der frëscher Loft dremen an huet sech nët gemuckst. Wann d'grousst Meedchen dann hiirt Leër botze koum, da konnt si eng Weil am Garage spadséiere gon. Mä Gare la Mine! wann et erëm geheescht huet, hannescht an de Ställchen! Da gong de Kaméidi lass. Dat war all Kéier ee richtege Krich, deen alt eng geschloe Stonn dauere konnt! D'Gäns huet da gejaut datt Gott erbaarm! Si huet wëll mat de Flillécke geschlon, an och probéiert ze bäissen ... Et war geféierlech gin. Mä dat muss ee verston. D'Déier hat es genuch do agespaart ze sin. Et huet sech erëm staark gefillt a wollt fort. Eraus aus dem Prisong an an d'frësch Loft ...
Wéi de Papp erëm koum, huet et am Garage faméis »gegänst«, an de Wantergaascht krut gekënnegt. Dat war dat eenzegt richtegt. Jo, ee Wunnéngswiessel konnt nëmme gutt fir d'schéi Gäns Seidefieder sin. Fir si wär et op d'Längt

ongesond gewiescht, hire Schloff mat enger Benzinkutsch ze delen ...
Tankstatioun Garage? Neen!
Et huet nun awer nët geheescht, d'Déier mir-näischt-dir-näischt auszesetzen oder egal wuer ze gin. Neen. Et sollt et gutt kréien. En Ënnerdaach mat fräiem Auslaf, gesonte Kascht, verstänneg Behandlong a gutt Wuert. Dofir huet d'Mamm eng grous Déierefrëndin opgesicht, déi nët wäit ewech direkt beim Bësch wunnt, a fréier selwer Gänsen an Hénger houl. Den Héngerjuck huet mach bestan, an eng grouss Wiss mat engem Zonk ronderëm huet zum Wiese gehéiert. D'Wiss war ofgedeelt, op der enger Säit hat nach vru kuurzem en Ieselchen d'Kanner aus der Ëmgéigend ugezun. Haut trëppelt a spréngt en Island Ponni do op der Weed. Déi aner Säit krut d'schéi Gäns Seidefieder.
Den Island Ponni as ee stämmege Kärelchen, gro-wäiss mat apaarte mandelförmegen Aen am schwéiren Island-Päerderches Kapp. D'Munn as hell, déck, wulleg a laang. Si fällt erof iwwert den Hals an d'Schëlleren. Zwëschent de klengen Oueren hängt nach een décke Putsch Hoër wéi eng fatzeg »chienne«, oder en ippege Widderbuuscht, déif an d'Stir. Et as eng richteg Hippi's Coiffure! Och de Schwanz as hell a laang. E schleeft e bal iwwert de Buedem, a wann d'Déier leeft, dann danzt de Schwanz. D'Hoër vun der Munn fléien am Wand no alle Säiten a falen iwwert d'Aen. Da kuckt d'Fillepäerdchen d'Welt wéi duurch e Rido, et rëselt de Kapp fir mat séngem Hoër am Wand ze spillen, a wéiert fredeg.
Wéi ech et fir d'éischt gesouch, do hun ech mech direkt un e Schaukelpäerd erënnert, dat mir Kanner ufangs dem Joërhonnert doheem haten. Déi zwee Päerdercher, dat aus ménger Erënnerong vun deemools, an dat liewegt hei, hun een an dee selwechte Verglach. An dat besonnesch duurch d'Hoër. Mat deem Ënnerscheed natiirlech, dass deem éischte säint aus engem Kapp aus Lieder, an op der Stir iwwer d'Aen aus Glas foulen, an deem anere säint aus lieweger Haut eraus wiisst an iwwert waakregen Ae steet ...
Den Island Ponni as nët nëmme schéin, en huet och e schéinen Numm. Deen as Sandro, eng flott Ofkiirzong vu séngem Dafnumm Alessandro! Dee koum de Leiden awer ze ëmständlech vir fir den Hausgebrauch, a gouf beschnidden ...
Jo, d'Madamm huet d'Gäns direkt mat oppenen Ärem a frouem Häerz ugeholl. An hirer Freed huet si hir fir d'Fréijoër e klenge Plastiks Basséng versprach. A sollt si sech langweilen, eng zweet Gäns fir mat dran ze puddelen!
Et as jo klor, dass de Sandro déi Säit vum Drot, an d'schéi Gäns Seidefieder dës Säit, sech an engemfort virwëtzeg bekuckt hun. Dann huet de Ponni alt gewéiert, an d'Gäns geschnaddert. A jo! Jidderengem séng Sprooch ... Et gong der Gäns Seidefieder awer nët duer, de Sandro ëmmer nëmmen duurch e Gelänner ze gesinn. Si wollt bei den Hü-Koko. As hien hir och vläicht bekannt virkom, vu fréier aus dem Schlasspark, wou séng Famill jo vertruede war? Oder vun irgendwou anescht, wou si op hire Sträifflig hikom war? Island Päerdercher gin et jo zënter enger Zäit eng ganz Parti uechter d'Land.
Fir bei hien ze kommen, breet d'Gäns an engem kurajhéierten Ament hir Flillécken aus a fléit iwwert den Drot, dem Sandro virun d'Féiss.
Och de Sandro as e gesellege Borscht. Dat konnt ee gesinn, wéi laanscht säi Gebitt eng Strooss ugeluegt gouf. Déi Aarbechten hu vill Trafik a Kaméidi mat sech bruecht, vill Hin an Hier vu schwéiere Maschinnen, déi vu muerges fréi bis owes am Brulli Mätsch op an of gewänzelt sin. Et konnt ee soen, dass d'Rou vum Sandro sénger Friddensinsel doduerch gestéiert wär, an unhuelen d'Päerdche géif dorënner leiden. Dat lescht war awer guer nët de Fall. Am Konträr. De Sandro as ëmmer méiglechst no bei de Chantier gesprongen. An do huet jiddereen hien kannt a mat him geschwat. Dat war dem Ponni sénges. Hien as nët méi gewach. E blouf roueg bis iwwert d'Saboën am Dreck stoen a war glécklech no bei Mënschen ze sin, an do de Spéktakel an den Duurcherneen ze genéissen!
Dofir kënnt e mengen, d'Gäns wär gutt vum Päerdchen ëmfaang gin, wéi si op eemol op séng Weed gesaust koum ... Mä den décke Fiederbëndel as leider vun uewen erof gefall a wéi ee schwéire Plach vrum Sandro niddergaang, an huet hien doduerch vläicht erféiert! Wollt hien den ongeruffene Gaascht gläich verjoen oder wollt hie mat him spillen? De Ponni as fir d'éischt emol an engem laange Spronk hannerzeg gaangen, blouf dunn een Ament stoen an iwwerleet sech d'Saach. Hien erkennt säi vis-à-vis vun där Säit vum Drot, a fängt u ronderëm ze dubberen.
Elo war et un der Gäns fir z'erschrecken. Si as fortgelaf. De Sandro hannendrun, an dat ronderëm de ganzen Zonk. D'Päerdche krut d'Gäns alt ze paken, déi huet gejaut, an et si Fiederen a

Plaimercher iwwert d'Gras an duurch d'Loft geflunn. Et bloufen der och um Getraisch hänken. D'Villercher konnten se hanneno plécke fir an hir Näschter anzebauen oder si duckeleg ze polsteren.
Et war also keng spaasseg Noleferches Parti, kee juxegt Fänkes, wat do um Sandro séngem Wues opgefouert gouf. Et huet éischter no »Raiber a Gendaarm« ausgesinn, enger wëller Juegd geglach ... Jiddefalls as een ausgeloossene Naturborscht à la Island Ponni kee Spillkomerod fir en ëmfindlecht Fiedervéichen! Ganz duurcherneen, ganz verwallt gesouch hatt guer nët méi no enger defteger Schlassgäns aus. Jo, et war nëmme méi e Plimmi, eng Spillsaach, en ameséierlecht Spillgezei fir de mutwëllege Sandro!
Eppes steet och fest: An der Déierewelt gin et nach laang keng paradäisesch Zoustänn, an denen de Wollef mat dem Lämmche spillt, wéi d'Bibel dreemt.
Der schéiner Gäns Seidefieder war de Geck dunn och grëndlech vergaang. Si huet sech esoubal et nëmme gong, erëm iwwert den Drot gemat. An der Opregong war si awer un dat falscht Gelänner geroden. Et war dat baussewennegt, an si as op der Strooss gelant.
Dee grousse Jong, deen d'Déier séngerzäit gehollef hat aus Schnéi an Äis ze retten, stong jhust do um Wee fir dem Spillche vu Ponni a Gäns nozekucken. Et war iwwregens nët déi éischte Kéier dass hien d'Gäns opsiche koum. Wéi déi dunn iwwert de verkéierten Drot gebonzelt koum, do erwëscht de grousse Jong se, an dréit se hannescht an hire Schäppchen. Dofir huet hien de laange Gänsenhals fest laanscht den décke Gänsebauch geluegt. Esou war d'Véiche gebännegt a konnt ënnert dem Arem mat ewech geholl gin. De Jong hat gesinn, dass d'Madamm et esou méich. Si huet dann d'Déier esouguer nach an ee Kicheschiirtech gewéckelt, fir et besser heemzedroen, wann et erëm ugaang war.
Stécht d'Aangscht der schéiner Gäns nach ënnert de Fiederen? Ënnert denen, déi nom Intermezzo mat dem Sandro nach Rescht blouwen? Wann si am Motzeck vun hirem Schiethaischen huppt, an et kënnt een no bäi fir mat hir ze sproochen, da leet si den Hals de laange Wee wéi eng Schlaang iwwert de Buedem a fängt u ganz uerg ze päifen ... An dat wëllt soen: Pass op, mat mir as nët gutt Kiischten iessen! Laang genuch gouf ech hin an hier geschleeft a geplot. Mä dat loossen ech mir nët méi bidden! An dass Jiddereen et weess: Ni an nëmmer gin ech eng vun denen honnert Millioune Kroune Boune Gänsen, denen hir Ennstatioun Kachdëppen heescht ...
Dem Déier säi béisen Tounfall gët no an no méi roueg. Et hieft den Hals erëm op vum Buedem a streckt en nees héich an d'Luucht. Hatt as op en neits stolz a potert lues, ëmmer méi lues, fir sech ganz eleng. Hatt schwätzt mat sech selwer.
Mä ech weess Bescheed. Ech fille mech an d'Déier eran. An denken: Ee laangt an hoffentlecht glécklecht Liewe muss nach virun der schéiner Gäns Seidefieder leien. Mä dee Liewelaf wäerd alt nët ëmmer glat verlafen. Méi wéi eemol wäerd si nach probéieren auszebriechen, fir sech eng Ofwiesselong déi Säit vum Zonk ze sichen. An dat besonnesch wann eng mëll Fréijoërsloft hir kleng Welt duerchernee brëngt. Mä vläicht as dann eng zweet Gäns do, déi si zeréckhält? Wann nët, fënt si den Heemweee dann ëmmer erëm?
Eppes awer steet fest, egal wat och nach kënnt: Wann et emol mat der schéiner Gäns Seidefieder heinidde guer nët méi geet, da spaant si hir Flilécken extra breet auserneen a verléisst den Äerdbuedem ee fir allemol a majestéiteschem Flock. Brécht aus fir ëmmer. Klëmmt an d'Luucht a fléit hirer Wee. Ëmmer weider fléit se, ëmmer méi wäit. Wëllt si de Gänsenhimmel sichen? En usteieren? Hir Ennstatioun dran erliewen?
Dat géng awer nët. Och eng Gäns fënt deen nët. An si géif och nët agelooss. En ale Volleksglaf verbitt dat. Do heescht et nämlech, de Gänsenhimmel wär nëmmen do, fir d'Séilecher vun den ongedeeft gestuerwene Puppelcher opzehuelen ..
A well d'schéi Gäns Seidefieder da soss néierens ënnerkéim, sief dës Geschicht hir Ennstatioun ...

Ry Boissaux

Aus dem Buch: *Kannerstonn* – S.O.S. Kannerheem, Miersch – Postscheck 65-65. – 520 Frang.

Briquette

'T war am dréchene Summer 1959. Och zu Sterpenich, hei vir an der Belsch, gouf d'Weed rar, an 't hu musse Kéi a Schof ofgeschaaft gin.
Du war de Bauer Schmidje frou, wi eng Fra aus dem Grand-Duché komm as, fir e Schof ze kafen. Hiren Dolinner huet hër näämlech de Park nët méi geméint, wëll en huet d'Hee nët méi gebraucht. Zënter enger Zäit as en op d'Schmelz schaffe gaang, an en huet do esou gutt verdingt! Et huet him onnëtz geschingt, datt séng Fra sech mach sollt mat Karnéngercher an enger Kou ploen.
»Dat as jo einfach«, sot de Monni zur Madamm Dolly Marx, »géi, kaf der e puer Schof, déi weden der de Park esou kuel wi wann e mat engem Buartmesser gemeet wier.«
An deem Sënn koum d'Madame Marx no Sterpenich, a si huet dem Här Schmidjen dat bezuelt, wat e verlaangt huet: 4 200 Frang fir d'Briquette mat zwee Lämmercher. Déi hu Mustang a Flecki geheescht.
Ma, wéi sollt d'Madame Marx déi Déieren iwwer d'Grenz eriwwer no Habscht huelen? Sterpenich an Habscht si wuel nit wäit vunenaner ewech, mee, 't as verbueden – an dat wéinst der Maul- und Klauenseuch – Béischten ouni Opsiicht an een anert Land ze brëngen.
D'Jhandaarme vu Sténgefort, déi héieren d'Gras wuessen, an de Vitrinär vum Sanitéitsdéngscht huet d'Oueren och iwwerall. Neen, 't huet e besser, nët iwwer déi Zort ewechgoen! Also huet d'Madamm Marx d'Jhandaarmen an de Sanitéitsinspekter op d'Grenz bestallt. Déi Beamten hun natiirlech gleich erausfond, datt d'Briquette a séng Lämmercher näischt Verdächtiges un de Féiss an un de Mailer hätten.
Du konnten d'Briquette a séng kléng Schewercher Lëtzebuerger Schof gin. d'Madamm Marx huet se an hir 2-Chevaux gelueden an no Habscht an hire Park gefouert, wou säftegt Gras a wäisse Kléi op di honreg Mailer gewaart hun.
Wéi et Allerhelgendag gi war, haten di dräi Schof de Park renglech ofgeweet, an di zwee Klénger ware grouss Schof gin, a si ware fett genuch, fir un de Metzler verkaaft ze gin. Dat huet der Madamm Marx wuel leed gedou, ma si konnt se iewer nët allen dräi iwwer de Wanter halen. Duerfir hätt si missen e richtege Stall hun, eng Mass Hee an e puer Balle Krësch kafen, fir déi dräi ze fidderen. D'Briquette eleng huet nëmmen dien drëtten Deel gebraucht, an dat huet schons erëm Geld kascht.
Natiirlech hat d'Briquette gebläärt, wi se him séng Kanner gefaang a fortgeféiert hun, an déi Trauer huet e puer Deg gedauert. D'Madamm huet jo och dorunner gedro, datt eben d'Liewen esou as, datt een dien aner opziert. A mat deem Gedanken huet se dem Briquette elo all Dag ee Stéck Brout bruecht an ee Grapp Hee. Dorunner huet d'Briquette sech getréischt.
Wi et ganz kal gouf, huet d'Madamm Marx d'Briquette bei de Bauer Teef an de Kascht gedo. Den Teef hat esou eng grouss hëlze Këscht am Kéistall stoen; doranner huet en d'Briquette gesat an hem all Kéier ze friesse gin, wann d'Kéi eppes kritt hun.
'T as erëm Fréijor gin. Beem an d'Wise hun ausgeschlo, an d'Léimännerchen hun an der Luucht getrillert. Dun as d'Briquette erëm heem bei d'Madamm Marx gaang. An déi war e sëlleche frou; well d'Briquette hat erëm zwee kleng Lämmerche kritt.
Eent dervu war ganz schwaarz vu Pelz. Eléischt no an no iwwer de Summer as séng Woll ueweneriwwer wäiss gin, an 't huet elo ganz sénger Mamm geglach. Dat heescht de Kapp an d'Bee si schwaarz bliwen, a si hu geblénkt wi Briketten. An d'Leit, déi laanscht de Park komm sin, hu gesot: »Dat aalt heescht zu Recht Briquette. Do hutt der zwee richteger "Schwaarzkäpp-Schof". Dat as éng apaarti Zort.«
An duerfir huet d'Madamm Marx dët Scheewi den Hierscht och beim Briquette gehal, a si huet et erëm Flecki genannt, wëll et ee wäisse Fleck op der Nues sëtzen hat. Fir dëse Wanter hat d'Madamm Marx elo zwee Schof. Si hat sech duerop geriicht. Si hat Hee a Stréi an e puer Zenner Rommele kaaft. Hire Monni hat hër och ee Stall gezammert, wou d'Schof bei schloë Reen an déiwer Keelt Schauténg fond hun.
D'Liewe vum Briquette as fortun am selwechten Trapp virugaang. 'T huet all Joër eent oder zwee Schewercher op d'Welt gesat, an d'Flecki huet et alt grad esou gemeet.
Esou huet sech all November di selwecht Fro gestallt: »Bleift d'Madamm Marx bei denen zwee Mudderschof als Stack oder léisst se hire Bestand zu enger Häerd eropwuessen?«
An deem Fall misst se nach Wise lounen an och mat Spezialdrot aparken, datt keen Hond hir di Schof verrappe kéim. Och e rosene Fuuss as eppes Geféierleches. Well, wa se vun esou engem kranken Déier gebass gin, da si se all verluer. Esou war et d'lescht Joër um Nopeschduerf ge-

schitt. 'T war ee Fuuss an eng Schoofsperch eragebrach, an dun as de Fieschter komm an hien huet, wéi et am Gesetz virgeschriwwen as, all déi Schof, un déi de Fuuss erukomm war, erschoss a verbrannt.

Dat wier jo ze vill Schued, wann di léif Déieren, déi d'Madamm Marx do an der Perch lafen huet, esou ee béist Schicksal hätten!

Dat as en etlech Joër esou virugaangen: tëscht Baangen a Plangen, bis d'Madamm Marx eng onverhofft Hëllef am Duerf fond huet. Ee Pensionéierten huet sech mat sénger viller Fräizäit nit zurechtfond: en hätt gär e bësse geschafft. E war och frou mat den Déieren. Duerfir huet hien der Madamm Marx versprach, hien, de Felix Emmer, kéim all Dag no den Déiere kucken a méich déi graff Aarbicht, wann d'Madamm Marx him ee klengt Drénkgeld géif.

D'Madamm Marx huet déi Offer gär ugeholl, a si huet ugefaang, eescht op d'Schoofszuucht ze halen. Natiirlech huet et nit vill Joëre gebraucht, du as d'Madamm Marx op eng Häerd Schof vu fofzéng Stéck komm, an de Rentner Felix hat all Hänn voll ze din, fir an denen dréchene Summerméint genuch Fudder erbäizeschlefen.

Ennerdeems as d'Briquette zwielef Joër al gin. Séng Woll as vu Joër zu Joër manner laang gewuess, a si huet nët méi esou geblénkt wi a jonge Joëren. D'Briquette hat meescht d'Knéie wéi, voll Rematissem.

Wi et kéng kléng Schewerche méi konnt kréien, hat et alt nach séng Freed, wann dem Flecki an dem Bitzi hir op d'Welt koumen. 'T huet dann esou halwer gemengt, 't wiere séng ägen. A wann en Hond laanscht den Drot vum Park geschlach as, as d'Briquette erbeigelaf an 't huet ferrem mam viischte Fouss op de Buedem getuppt, fir dem Hond Aangscht ze maën. Zu gläicher Zäit huet et ee Laut duurch d'Nues gestouss, wi wann de Schéifer »brr« mécht, fir d'Schof ze siemelen. D'Madamm Marx wollt Briquette nit verkafen, wann et och kee Notze méi bruecht huet. 'T war eben hiirt éischt Schof an esou ee gutt Déier! 'T hat hir esou vill schéi Schewerche gezillt, datt et Respekt verdingt hat.

»'T huet d'Gnodebrout wiirklech verdingt, an 't kritt et och!« sot séng Patronne. »Dat as geduecht a versprach!«

Esou konnt d'Briquette nach drei Joër mat denen anere Schof op d'Weed goen an de Wanter

mat hinnen am Stall liewen. Ma, no dene Joëren hate séng Rematissen esou zougeholl, datt et nit mi gär de Pesch verlooss huet. Och séng Zänn ware stompeg gin, an et konnt nëmme méi zaart Hällem an e bësse Grumm verquëssen. D'Schlupp hat et nach ëmmer gär, well déi huet et nit braucht ze knaen.
Mee, mat de Joëren as d'Briquette ëmmer méi schappeg gin. Esouguer a séngem schwaarze Gesiicht huet ee gesin, datt et wéi hätt. Séng Ae waren dréif gin.
De Vitrinär as geruff gin. Hien huet dem Briquette eng Vitaminsprëtz C gemeet, fir et ze stierken, huet iewer gemengt, 't ging nit méi laang mat.
An esou war et och.
Enker mueres am Hierscht – 't war schons e Spuer Schnéi gefall – as d'Briquette dem Felix nit méi entgéint komm, fir em mat engem Määä-äh Bonjour ze soën.
»Wat heescht dat do?« huet de Felix bei sech geduecht.
Du lueg d'Briquette am Stall, an 't as nit méi opkomm. Och wi de Felix em hëllefe wollt, as et nët gaang. D'aremt Briquette as direkt erëm ëmgefall, huet séng véier Been ewechgestreckt an deierlech gestruewelt.
Du huet d'Madamm Marx gesot: »'T brauch nit aus dem Stall ze goën. 'T ding him ze leed, wann et misst mat Force hei fort. Ech ruffen de Metzler Hari hier.«
Den Hari koum och an huet séngersäits fond, hei wier näischt méi ze maën, wi dem Déier ee séiert Enn ouni Péng ze verschafen. Den Hari huet, wi d'Madamm sech zréckgezun hat, d'Briquette am Stall erschoss. Duerno huet et näischt méi gespuert. Wi d'Briquette ganz dout war, huet de Felix et an e Plastik agewéckelt, op d'Schubier gelued an no bei der Hobichenheck am Pesch begruewen.
De Felix huet een déift Lach erausgeworf – méi wi ee Meter déif –, a wéi en dunn d'Briquette erageschott huet, sin Tréinen him iwwer d'Bake gelaf. »Esou ee gutt Déier gët et nit méi!« huet e bei sech gesot. »All Muerent as et mir entgéint komm an et huet säi Bonjour gesot.«

E. S.

Aus dem Dixionär; Spréch iwwer d'Schof:

e raudegt Schof, stécht der honnert un
wann emol ee Schof bis iwwer de Gruef as, da kommen déi aner no
en as nach laang nët Scheefche wéi e Woll dréit
engem geschuerene Schof miesst Gott de Wand erof
et gi vill gedëlleg Schof an e Stall
dee sech Schof mécht, gët vum Wollef gefriess
e weess méi wéi en doudegt Schof
hien as dat schwaarzt Schof an der Famill
Woufir friessen déi wäiss Schof méi wéi déi schwaarz? (well et deer méi gin)

Bauerespruch:

Zankt Gertraud gët de Béien de Flock an hieft de Schofen d'Krëpp op

Kannerspréchelchen:

schwaarzt Scheefchen, wéischt Scheefchen
hanner den Hecken
do sëtzen d'Gecken
se friessen déck Botterwecken
gillësse, gillësse

Den Nepomuk a séng Räitpäerdspartei

Den Här Nepomuk as milliouneschwéier an als Mann am beschten Alter aus Kanada erëm a séng Hämecht zréckkomm. Hie woar, wéi een esou seet, e Päerdsgeck. Hien huet sech e risegrousse Bauerenhaff kaaft an ugefaangen, séng léifste Päerd, Trakehner ze zillen. Hien huet Rennbunnen unleë gelooss, fir Hindernisrennen eng, och eng Turnéierbunn, eng Trapprennbunn an eng fir d'Juegdsprangen. Well den Här Nepomuk woar och e grousse Jeër virum Här an hat eng äge Juegd. Hien huet déi beschte Jockey's agestallt, Borschte fir d'Päerd an de Stall an d'Rennbunnen an der Rei ze halen. Dësweideren huet den Här Nepomuk eng Wettgesellschaft gegrënnt, an deer hien Haaptaktionär woar. Well e gudde Geschäftsmann woar hien a Kanada gin an dat sollt och hei esou weider lafen.

Ebeemol huet den Här Nepomuk gemierkt, datt et och nach arem Leit génge gin an en huet säin Häerz fir de Mënsch entdeckt. Hien huet ugefaangen, sech Suergen ze maachen ëm de Leit hir Nout an huet säi Gewëssen erfuerscht. Déi Nëtgenuchausgebilt, déi Leit a materieller Nout ouni äge Schold, an déi duurch irreal Versprieche vu Politiker an anerwäerts ausgebeut Mass vu Mënschen huet hien irritéiert. Hien huet ugefaang, aarme Gemengen ënnert d'Ärem ze gräifen, huet op séng Käschten Alters- a Fleeghemer gebaut fir d'Leit vum drëtten Alter.

A ganz stënterlech huet den Här Nepomuk och ugefaang, sech fir d'Politik ze intresséieren. Munches huet hie gesin an héieren, dat him awer och glat nët gefall huet. Du huet hie beschloss, well keng Partei him gefall huet, eng nei Partei ze grënnen, mat där hie séng Iddië wollt duurchsetzen. Well hien esou e Päerdsgeck woar, huet hie sénger Partei den Numm Räitpäerdspartei gin. Séng Militanten a Kandidate fir d'Legislativ Walen huet hie sech ganz gewëssenhaft erausgesicht. Pädagogen, Economisten mat sozial Gefill am Leif, Aarbechter a gutt Gewerkschaftler. All séng Kandidaten hun eng Konditioun missten erfëllen an zwar déi hei, si hu missen onägenëtzeg sin. Déi zwät Konditioun war, datt séng Kandidaten ëmmer hu missen am Suedel, um Réck vum Här Nepomuk séngem Trakehner, an d'Walversammlunge geridde kommen. Ëmmer am Suedel, war hir Devise. An och nach aus dem Grond hei, esou mat hire Päerd hu si keng gëfteg Gase versprät.

Hir éischt Unhänger woaren d'Spatzen, de Plebs ënnert de Vullen. Dem Här Nepomuk séng wuelduerchduechten, séier gutt an originell organiséiert Walversammlunge mat Dialog tëschent de Kandidaten an dem eenzelne Mënsch hun et derzou bruecht, natiirlech och duerch séng ägen Zeitung, gratis un all Stot verdäält, datt hien ebeemol vill Zoulaf hat. Säin Drénglechkeetsprogramm hat hie vu gudde Journalisten an engem Public-Relationstyp gutt ënner d'Leit bruet. Ëmmer méi Leit, nodeem se den Här Nepomuk a séng Kandidate gehéiert hate schwätzen, sin a séng Partei agetratt. Allgemeng bewonnert gouwen déi virun de Versammlungslokalen no kanadescher Manéier ugestréckten Trakehner. Vun deen engen, well et esou schéin, rasseg an awer gedëlleg Päerd woaren, vun anere, well d'Trakehner d'Ëmwelt nët verschmotzt hun; esou bal wéi ee Päerd en Apel fale gelooss huet, woaren d'Spatzen do an hu sech gleckséileg driwwer hier gemat. Et gouf natiirlecherweis och vill Géigner, denen dem Här Nepomuk séng Kandidaten, säi Programm, an esou muneches, wat d'Räitpäerdspartei gemat a vun sech gin huet, an der Walkampagne nët geheier virkomm as.

D'Haaptponkte vun der Räitpäerdspartei hirem Programm waren ënner anerem: De Stat Ierwe vun ze décken an duurch Spekulatioun erwurwene Verméigen, dat dem soziale Wunnéngsbau sollt zoufléissen.

Kontroll vun allen anonymen Aktiegesellschaften, Holdingen, Banken an Terrain-Immobiliespekulanten.

Matbestëmmung an alle Betriben an och Matsproochrecht.

Pensiounspflicht mat 50 Joër an d'Pensiounsbezig esou héich ewéi dat lescht Gehalt, well den Här Nepomuk denen Alen nach ee schéine Liewesowend wollt verschafen an an engems dene Jonken d'Aarbechtslosegkät nët kenne léiere loosse wollt duurch d'Fréipensionéirung. 30 Joër geschafft fir de Patron gät vëlleg duer, fir de Patron an och fir de schaffende Mënsch, sot hien.

Antiautoritär Kannererzéiung duurch ausgebilt Pädagogen nom System Summerhill vum Alexander Sutherland Neill, an dat bis zur Groussjäregkeet.

Masseweis sin ebeemol d'Leit an d'Räitpäerdspartei agetratt. Si all wollte mam Här Nepomuk, deen hinne jo schon duurch praktesch Beispiller gewisen hat, wat hie konnt, mat him marschéieren, fir d'Gesellschaft ze veränneren op eng

friddlech Manéier. D'Géigner vum Här Nepomuk hun, well se arem u Géigenvirschléi woaren an déck rosen iwwert hien, einfach gesot, hien an all séng Matläfer wiren elauter Räitpäerd.
No de Walen huet sech eraus gestallt, datt Räitpäerdspartei d'absolut Majoritéit erreecht hat.
Fir déi éischte Chambersëtzung sin den Här Nepomuk a séng Gewielte mat den Trakehner virgeridden, an d'Vollek huet hinnen zoujubiléiert.
Méint a Joëre laang huet den Här Nepomuk bewisen wéi eescht a sachlech a seriös hien an séng Equipe et gemengt hun mat hire Versprieche. Si hun alles gehalen, wat si dem Vollek versprach haten. Den Här Nepomuk as bal vum Vollek zum Hellegen ernannt gin.
Lues an lues huet sech eng Géigepartei forméiert, déi sech d'Partei vun de Mauliesele genannt huet. Dës sougenannte »Lastträgervertreter« hun dat Sechbretze vu verschiddenen Députéierte vun der Räitpäerdspartei guer nët méi verdroen, a si hu behaapt, d'Vollek misst erëm léiere séng Laascht selwer ze droen. Dësweideren huet et déi konservativ »Maulieselparteiler« gëiergert, datt esou vill Leit sech mat der schéiner a schneller Gangaart verglach hu vun den Trakehner. Och nët gefall huet hinnen, eise Maulieseler, dee forschen Trapp bei der Léisung vu sozialen oder soss aner Problemer duurch den Här Nepomuk.
Si hun dem Vollek versprach, déi schwoarzgro Maulieselsvertrieder, deen alen Tratt erëm anzeféiren an hu stoark op d'nostalgesch Tüb gedréckt. Den Här Nepomuk awer huet weider näischt op dat IA-Gebrëlls gin. Dach ebeemol, duurch dat schéint Liewen, faul an iwwersat gin, vill zevill verwinnt fir nach denken an nodenken ze kënnen, wollt d'Vollek absolut erëm an deen Zoustand versat gi vu virum Här Nepomuk sénger Muechtergräifung.
Maulieselvertrieder an dat zou hinnen iwwergelafent Vollek hun dem Här Nepomuk a sénger Equipe Scheiklappen ugedon, si hun déi schéin Trakehner un de Plou an un d'Koare gespaant an hu si gedongen, ganz dreckeg a gemeng Aarbechten ze man. Si hun aus Kavaléiere Stallborschte gemat oder Kniecht, hun d'Spatzen hannert den Trakehner verjot a sin esou gur esouwäit gaang, d'Päerdszuucht ze verbidden.
Esouguer as dem Vollek verbuede gin duurch déi schwoarz-gro Maulieselsrevolutionären a Putschisten, d'Wuert Räitpäerd ze ernimmen. Doropshin hu si dem Här Nepomuk de schwoarze Mauliesel op den Daach gesat, alles ugestach an verbrannt. Den Här Nepomuk a séng lescht Getreier hu si duurch véier Trakehner a Stécker räisse gelooss.
Duerno sin all Päerd am Land dout gemaach gin, an déi gemittlech Herrschaft vun der Maulieselspartei an hire Vertrieder as ugaang. An ech si sécher, esou sot scho mäi Grousspapp, éier d'Vollek erëm eng Kéier esou eng fein Regéirung kritt wéi ënner dem Här Nepomuk, an där Zeit, schäissen nach vill Vullen, déi haut nach keen Aasch hun. Ganz eleng d'Spatze bekloe vun den Haiserdiech erof, déi fir si esou herrlech Zäite mam Här Nepomuk a sénger Räitpäerdspartei.

E.

Huet Dir nët vergiess Är Cotisatioun (200 Fr.) op ee vun eise Konten z'iwwerweisen?
Maacht et dann elo direkt w.e.g., da kënnt et nët an de Vergiess!
Merci.

E Joërsdag

Wann endlech (!) dat Gesetz votéiert gët, dat eis Sprooch legal ënnerbaut als eis Nationalsprooch proklaméiert, da soll et e Geschenk an e Merci un **déi** kleng Natioun sin, déi sech am Nationalreferendum vum 10. Oktober 1941 nët nëmmen en egenen, mä nach vill méi en internationalen a speziell historesche Profil gin huet.

Wa mer vun engem Nationalreferendum schwätzen, deen an der Preisenzäit iwwer d'Bün gung, da kënnt ee mengen, de Gauleiter Simon hätt op eemol eng demokratesch Wal krut fir d'Lëtzebuerger ëm hir Menong ze froen, ma jëmmen a gewëss, séng sougenannt »Personenbestandsaufnahme« wor eppes ganz aneschtes, déi hat ganz aner Naupen, si gouf provokatoresch an ënnert dem giele Knëppel op d'lëtzebuergesch Moral lass gelooss an enger Zäit, wou s'am Radio »Sondermeldungen« eng nor anerer iwwer »deutsche Siege an allen Fronten« an d'Welt posaunt hun. A jhust vum klenge Lëtzebuerg huet de Gielemännercherschef eng mussen op den Deckel kréien, a sénger Glanzzäit wéi en duecht, well déi, déi e wëlles hat »Moselgaudeutsche« ze däfen, déi hun op säi Stëmmziedel geschriwwen, si ginge lëtzebuergesch schwätzen a si wëllten näischt mat de Preisen ze din hun. Dee Gräppchen Tockskäpp, sou hu se 95% vun de Lëtzebuerger genannt, huet em amplaz fir eis Sprooch »deutsch« ze nennen de Stull virun d'Dir gesat.

Dat as an einfache Wierder de chronologeschen Oflaf vun der Sproochgeschicht deemools. An den däischtersten an an de batterste Stonnen, wou de Widderstandsbarometer an Europa op engem Déifponkt hung, do huet d'Ländchen a séng Leit gewisen a bewisen, wie se sin a wéi se heeschen. An der Nout stunge mer zesummen. Do huet keen no Partei a Religioun gekuckt a gefrot: Lëtzebuerg a Lëtzebuergesch wor d'Handschrëft, dat gung duer.

Wat d'Sprooch vun engem Vollek, als Ausdrock vu sénger Egenheet, ugeet muss ee wäit, vill Joërhonnerten zréckkucken, nofuerschen. Do fënt een d'Zesummenhäng, den Urspronk an och déi historesch Tatsaachen, déi definéieren, aus wat fir enger Riichtung se hirkënnt. Wat se as a wéi se heescht, dat bestëmmt awer d'Vollek selwer an dat mat vollem Recht bannent séngen egene Staatsgrenzen. Lëtzebuerg, butzeg tëschent de Groussen, as e Vollek, eng Natioun, e Stat mat genä ofgestache Grenzen. An 't huet séng ege Sprooch. D'Lëtzebuergescht.

Nach eent! Wat wir méi schéi wéi fir dem Vollek dat Gesetz do op de 40. Joërsdag vu sénger bravouréiser Actioun fir séng Onofhängegkeet, den 10. Oktober 1981, als Cadeau ze präsentéieren!

siuda robert

Dat Wuert Mamm verkierpert am Kand all herrlech Wënsch a mer si Kanner bisse mer stierwen. Dës kleng Wourécht beréiert nëmmen e bësselchen der Mamm hir Aarbecht vu fréi bis spéit. 'T geet nët Rieds dodra vum Leed, dat progressiv mam Alter vun de Kanner wiisst a vun deem Verloossesin, dat och déi schéinste Kimmerchen zum Prisong mécht.

Méng Mamm

Si huet mech op d'Welt gesat,
si huet dat éischt Wuert mat mer geschwat
a mech dat éischte Wuert schwätze geléiert
Mamm.

Wat huet se alles duerchgemat,
e Buch voll Suergen, Blat fir Blat,
si huet sech ni dodriwwer beschwéiert,
méng Mamm.

Ech verlaangeren haut, ech weess fir wat,
si wor jo dat Léifsten, wat ech hat,
ech hu se veréiert,
méng Mamm.

Tréine si wéi Rouseblieder ...
Tréine schreiwe wéi eng Fieder
dacks ze spéit déi richteg Wierder.

siuda robert

E Vergläich

Dobausse sëtzt e Kueb um Drot
an deem de Gascht am Schniewel,
en huet sech selwer hirgejot
a streit elo am Niewel.

Séng Stëmm as jäizeg a gemeng,
den Niewel deet se schalen:
»déi aner maache ganz eleng
den Dreck« ... a léisst säi falen.

Wann een de Kiebchen do gesäit,
da gët et engem ellen,
well 't as nët schwéier sech och Leit
sou kuebegeeschteg virzestellen.

siuda robert

E passage aus dem roman »Den Alexis Sorbas« vum Nikos Kazantzakis

iwwersat vum Henri Muller

De Kazantzakis verzielt an der ech-form wéi en op Kreta lignit-grouwe wëllt exploitéieren a sëtzt géint der owend a senger brak bei mir do mat séngem vir-aarbechetr Sorbas ze schwätzen. De Sorbas huet eng iddi fir d'schaffe méi rationell ze kënnen.
Elen de passage.

– Sorbas, nu so mer et, du hues eppes um häerz. Ech gesin, d'wéie sin do. Allez-hop, accouchéier!
Hie sot näischt. En houl e stengchen an de grapp a geheit e mat force zur oppener dir eraus.
– Looss dat gezécks, sot ech, a schwätz.
Hie streckt säi gerompelten hals a seet:
– Traus de mer, patron? An da fixéiert mech déif an d'aën.
– Jo, ech trauen der, Sorbas, äntweren ech. Egal wat datt s de wëlles hues, du bleifs der ëmmer konsequent a praktesch. An wann s d'och anescht géifs wëllen, du kënns et nët. Du bas eppes ewéi e léiw odder, looss mer son, ewéi e wollef: déi béischte behuele sech kees ewéi schof odder ieselen. Se kënnen nët aus hirer haut. Du bas ewéi si: du bas e Sorbas vun ënne bis uewen.
Hie rëselt de kapp.
– A, ech weess nët wuer der däiwel, dat higeet.
– Ech weess et iewel. Maach der näischt ze din. Fur nëmmen dur.
– So dat elo nach eng kéier, patron, fir datt ech courage kréien! so jaut en.
– Alt nëmme virun.
Séng aën himmelliichten.
– Abee, da kann ech jo schwätzen. Elo as et ewell zënter deg datt e grousse projet mer nogeet, eng schausseg iddi danzt mer am kapp erëm: Solle mer déi iddi unhuelen?
– Wat frees de nach laang? Ma duurfir si mer jo grad elir komm: projet-en ze réaliséieren.
Du streckt en nees de gerompelten hals a bekuckt mech gespaant.
– So mer et léiwer riicht eraus, patron, jäizt en. Si mer dann nët iewel komm wéinst de kuelen?
– D'kuelen, déi si nëmmen e prétext, fir datt d'leit sech nët sollen integréieren. Fir datt se sollte menge mer wire seriéis entrepreneuren. Fir datt s'ës nët solle mat tomate geheien. Bekäpps d'elo, Sorbas?
Dem Sorbas blouf de monn hallef opston: E mouch säi meescht säi bescht fir ze verston, mee e konnt bal nët glewen, datt et gellechen an der dot wouer wir, säi grousst gléck.
Op eemol réaliséiert en et. E schéisst op mech dur an hëlt mech mat de schëlleren.
– Danz de? freet e mech an enger gellecht, danz du?
– Neen.
– Neen?! seet en a gestikuléiert paff an ongehale mat den ärem.
– Abee, sot e geschwënn derno. Dann danzen ech alt eleng, patron. Setz dech léiwer durhannen, fir datt ech dech nët iwwert de koup geheien. Hei elei! Kuck elei!
En deet e spronk, hopst eraus aus der brak, rëselt d'schong, de paltong an de jhili vu sech, strëppt d'boxebeen erop bis un d'knéien a fänkt un ze danzen. Säi gesiicht, wat nach voll kuelestëbs stong, wor freeschlech däischter. An aus deer däischtert liichte séng aë schluetwäiss eraus. E geet ganz am danz op. E klappt an d'hänn, dréint sech an der luucht, kënnt om buedem u mat gebéite knéien a fiedert nees séier op den huppen an d'luucht, ewéi eng kautschukspopp. En ament laang schwieft e ganzeg héich, wéi wann e per force wëllt d'gesetzer vun der natur néierkréien a sech géif op flillécken duurch d'bascht man. Et huet ee bal gemengt an diem muedeche kiirper, die labbereg ewéi e sak ausgesouch, do géif d'séil dra probéiere fir d'fleesch mat sech virun ze räissen, erop an d'däischtert ewéi e meteor. D'séil huet um kiirper gerëselt a gerappt, iewel die foul ëmmer erëm erof, well e sech nët laang an der luucht konnt halen. Dann huet s'en all kéier nees no uewe gezunn, ouni sech ze gin, ëmmer méi héich, mee all kéier foul en ausser otem erof.
De Sorbas licht d'aberen; e setzt eng alarmant eescht kuck op. E jäizt nët méi. Mat zougepëtzten zänn gët en sech dru fir dat onméiglecht fäärdeg ze bréngen.
– Sorbas, Sorbas! ruffen ech, 't geet dur!
Ech fäärten dien ale kiirper géif op eemol déi eeschlech wuptissitéit nët méi aushalen an e géif an der luucht a fatze furen no alle säiten.
Ech hat schéi jäizen. Wéi hätt de Sorbas elei nach kënnen d'kreesch vun der äärd verston? Bannen an em wor alles wéi an der séil vun engem vull.
Sou hun ech da missen, mat enger grimmel angscht, diem wëllen, désespéréierte gedänzels virun nokucken.

* * *

. . . an et wor mer wéi wann ech géif fäerten e géif sech iwwert de wollécke verléiren.
– Sorbas, Sorbas! jaut ech, elo geet et iewel dur!
Du knéit e sech op de buedem a këmmt. Säi gesiicht wor elauter laachen. Säi grot hor wor un

der stir ugekollt, an d'schweessdrëpsen hungen em un de baken an um kënn, duurchernee mam kuelestëbs.
Ech hu fir e gefaart a bécke mech iwwert en.
– Elo as et mer méi liicht, sot en en ament drop. 'T as mer wéi wann ech geblitt gi wir. Elo kann ech schwätzen.

* * *

. . . E wëscht de schweess of a kuckt dorëmmer wéi fir eppes ze sichen. D'uurze vum iesse louche verspreet um dëschelchen. E reecht mat der hand derno a seet:
– Mat verleef vun der, patron, ech sin erëm hongereg.
En houl eng schläiss brout, eng ënn an e grapp oliven. En ouss begiirlech. En houl d'ausgehielecht kalbass ëmgekéiert iwwert de monn ouni dermat d'lëpsen ze beréiren, an de wäin as em d'guurgel erof gekluckst. En dong séng Zong klaken, an enger gellecht.
– Ah, elo as mäin häärz erëm an der rei, sot en.
En dréckt mer en a zou a frot:
– Fir wat laachs de nët? Wat bekucks de mech esou? Huel mech wéi ech sin. A mer sëtzt en dämon, an ech ma wat hie mer seet. All kéier wann ech um gaang si vu leed z'erstécken, da jäizt en: »Danz!« An dann danzen ech. Dat bréngt mech erëm an d'rei. Déi kéier wéi mäi fils gestuurf wor, mäi léiwen Dimitrakis, an der provënz Chalzidze, du stong ech och op an danzen. Méng famill a méng frënn, wéi déi mech gesouchen danze bei der läich, rennen s'op mech dur fir mech unzehalen. »De Sorbas as aus dem haissen, aus dem haissen as de Sorbas!« sou duechten a jauten se. Ech awer, wann ech nët gedanzt hätt, o da wir ech geckeg gi vu leed. Ewell 't wor mäin éischte fils. En hat eréischt dräi jor. An ech konnt die schroë misär nët verdron . . .

Arelerland

Vläicht 8 Kilometer hannert Arel, a Richtung vu Florenvilles, läit d'Uertschaft AFFEN (franséisch »Fouches«).
Et as en Dierfchen, dat vun Industrie a grousse Chângementer verschount bliwwen as, dat awer mat séngem Weier am Lidd vum »Meedche vu Gëtzen« op ëmmer séng Plaz fond huet.
Dat soll elo awer nët heeschen, datt zou Affen d'Auere stoë bliwwe wären. Affen as zum Beispill *dat* Duerf am Areler Ländchen, wou eis Sprooch no laange Joëren, *fir* d'ganzt Areler Gebitt, aus dem Däischteren, aus dem Ënnergrond nees erop un d'Liicht geholl as gin!
Siwenzéng Leit aus allen Ecke vum Areler Ländche waren do 1976 esou kurajhéiert fir géint all sproochlech Ënnerdréckung ze rebelléieren, fir d'Recht erëm ze kréien *iwwerall* fräi hir Mammesprooch duerfen ze schwätzen!
»ARELERLAND A SPROOCH« war domat gebuer!
Coure fir eis Sprooch (och hir Sprooch) nees ze léieren, hate bis haut groussen Zoulaf, iwwer 380 Leit hu bis elo matgemaach!
War joërzéngtelaang kee Lëtzebuerger Theater méi an den Uertschaften, sin an der Zäit vu 76 bis haut schons iwwer 30 Opféierungen nees ze ziele gewiescht, duerch Lëtzebuerger Gesellschaften, mä awer och schons eng egen Trupp, déi zu ATERT gegrënnt as gin.
Och Gesank, Lëtzebuerger Owender an Uuchten hun nët op sech waarde gelooss, an all dräi Méint kënnt hir Zäitschréft eraus . . .
Ufroën op Ufroën un d'Autoritéite fir Unerkennung vun enger sproochlecher Minoritéit hu bis haut wuel nach nët dee gewënschten Erfolleg bruecht, an hun an de Schoulen, a ganz besonnesch an de Spillschoulen och nach näischt changéiert. *D'Kanner, a speziell déi ganz kleng vun dräi Joër, gin do all ëmmer nach forcéiert nëmme franséisch ze schwätzen . . .*
Mënscherechter sin awer do fir iwwerall bëuecht ze gin, och zu Bréissel, oder huet éirewou an der Welt d'Sprooch vun den Immigranten a Bäigeplënnerte méi Rechter wéi d'Sprooch vum usëssege Vollek? Ech mengen, ausser an de *Kolonien . . . ?*

* * *

Haut, 1981, as »Arelerland a Sprooch« ewell eng Verenegong mat ronn 1000 Mêmber!
»Arelerland a Sprooch« as domat eng Realitéit, déi nët méi z'iwwersin as, och wann s'offiziell a materiell bal vu kenger Säit gestäipt gët.
An dës Verenegong huet elo, den 12. Abrëll 1981, zu AFFEN houfreg gewousst hire 5te Gebuertsdag ze feieren.
An enger struppevoller Kiirch as eng feierlech Mass gelies gin, fir all déi lieweg a verstuerwe Mêmber, verschéinert duerch de sympathesche Gesank vun Habscht, mat lëtzebuergesche Lidder derbäi, d'Passioun op Lëtzebuergesch, gelies vun engem klenge Kand . . . ! Haten déi al an éierwiirdeg Mauere vun der Affer Kiirch esou eppes scho jee matgemeet?
An duerno, am Sall St. Hubert, no engem schéine Réckbléck duerch den Här Prësident Gaston Mathey, virun iwwer 140 Mêmber a Frënn, bei Musek a Gesank, bei guddem Lëtzebuerger Kascht, do hun esou vill Leit nees richteg d'Schéinheet vun hirer Mammesprooch erlieft, a munnech jong Leit, gewinnt u friem Téin, hu bestëmmt déi richteg Astellung zu deër aler Areler Sprooch nees fond . . .
Den Näid muss hinnen et loossen, »Arelerland a Sprooch« weess et unzepaken, vill Erfolleg sief hinnen dofir vun Häerze gewënscht.

E. Schmit

Am Klengen dat Grousst gesinn

Iwwert dem Schrëftsteller Joss Keup säi Liewen a säi Wierk

Säi Liewen

De Monni Joss as gestuerwen, wéi en sech et gewënscht huet: op e Sonndeg, grad wéi hien op d'Welt komm war an nët wäit vum Dag vun séngem Patréiner, dem hellege Jousep ewech, de 5. Abrëll 1981 kuerz dono, wéi hien nonzeg Joër al gi war.

Hie koum zu Verviers op d'Welt. Ma Schëffléng am Minett as séng wiirklech Hemecht. Et kënnt een awer grad esou gutt soen, hie wir ee gellegen Éislécker. Wougéint déi vu Berduerf odder Bech-Klengmaacher behaapte wäerten: »A kengem Fall. Hien as eiser een!« Et gesäit een eenzock: et as nët esou liicht, de Jos. Keup enzwousch am Ländchen unzeplanzen. A grad dofir as hien ee Stacklëtzebuerger. A sénger Aart kommen d'Eislécker verhale Schwéierbliddegkeet an déi riichteraus Opriichtegkeet vum Minettsdapp zesummen a verbannen sech. Fir déi Mëschong e bësselche méi sprëtzeg ze maachen, war ee klenge Schotz vu romanescher Liewesaart, an och eng Grëtz Liewesloscht aus dem Miseler Eck vun eisem Ländche grad dat Richtegt.

D'Keupe stamen aus dem Eislek. Hiirt Stackhaus steet zu Hëpperdang. D'Ur-Urgrousseltere vum Paschtouer Jos. Keup si spéider op Diänje (Dönningen) gezun. Vun do aus as de Grousspapp vum Jos. Keup dann op Äselburre bei Klieref an d'Lannershaus abestued gin. De Papp hat d'Onrou am Blutt, an et huet hie mat siechzéng Joër an d'Welt gedriwwen. Op sénger Tour an d'Friemd koum hien och op Verviers. Do huet hien d'Marie Theisen kenne geléiert, mat hir gefriën a fir Fra geholl.

An esou koum et, datt dee Stacklëtzebuerger Jos. Keup den 21. Mäerz 1891 zu Verviers op d'Welt koum. Mä hien huet nët vill Franséisch do schwätze gehéiert, well säi Papp as zäitliewes séngem Éislécker aus der Kannerzäit trei bliwen. Nonzeg Joër gouf hien al. Haut erzielen d'Leit vu Berduerf nach gär vum Härepätter, wéi hien am Wiirtshaus esou getreisch konnt froen: »Dranke mer nach eng?«

Schëffléng bei den Héichuewen an de Schmelze war déi zweet Statioun am Jos. Keup séngem Liewen; an dës Minettsstiedchen as séng richteg Hemecht gin. Do huet hien e Schoulmeeschter



kritt, den Här Matthias Welter vu Jonglënster, deen hien nët vergiesse konnt. A wéi kënnt een och dee Mënsch vergiessen, deen engem a jonge Joren d'Hand gereecht huet, an ee gutt Stéck Wee mat engem gaangen as? Dem Schoulmeeschter Welter huet de jonge Keup enges Daags, e bësselche schei a schlanks, säin éischt Gedicht an de Grapp gedréckt. Amplaz een Opsatz ze schreiwen, hat hien een houdäitscht Gedicht gezuafft. Mat gellege Reimen. Et hun der wuel eng Parti drënner uerg gehippt, well den Här Welter huet dorophin dem Josi ee Reclam-Bichelchen an de Grapp gedréckt. Et war eng kleng Poetik. An och Gedichter stongen dran. Duerënner hu besonnesch déi vum Martin Greif den Dichter am Kabesheet staark gepaakt. Hie wousst der nach laang dervun auswenneg.

A wéi et drëm goung, ze soen, wat hien dann am Liewe gi wëllt, du huet de jonke Josy Keup keen Ament gezéckt. Schoulmeeschter wollt hie gin. Wéi hätt et och kënnen anescht sin? Fir datt hien sech kënnt uerdentlech duerop virbreden, gouf hien emol fir d'éischt – op Ettelbréck an d'Akerbauschoul geschéckt. Do hu mat him zesummen

de spéidere Schrëftsteller Pol Noesen an de Musécker Jhang Eiffes d'Schoulbänk gedréckt. An domadde stong de Minettsdapp, deen zu Verviers op d'Welt koum, un der Paart vu sénge Grousselteren hirer Éislécker Hemecht. Zwee Joër huet hien zu Ettelbréck gebrommt, du koum en an d'Stad an de Kolléisch. Hei as e virun allem doduerch opgefall, datt e verschotert a schei war. An et war erëm ee Professer do, deen de jonge Stodentche begeeschtert huet. Vu Quinta bis op Première hat hien Däitsch beim Jacques Meyers. Wann dee Gedichter opgesot oder Prosa virgelies huet, da souz hie wéi vergaachelt do, d'Marie von Ebner-Eschenbach an den Eichendorff haten him et geschwë fir ëmmer ugedoen. Op Quarta huet hien sech an de Stifter verléift. »Aus der Mappe meines Urgroßvaters« huet hien ëmmer an ëmmer erëm gelies. Séng däitsch Aufsätz goufe meeschtens an der Klass virgelies. A wéi de Paul Keller op Lëtzebuerg koum, wien huet an der Aula d'Ried gehal fir hien ze begréissen? De Jos. Keup vun der Deuxième. Hie war vu Verschotertheet bal vergaangen. D'Kolléischsdeg si vergaange wéi am Dram. A wéi den Dag koum, wou de Stodent Keup erëm eng Kéier sollt wielen, wat fir e Wee hien am Liewe schrécke wëllt, du wollt hien nët méi Schoulmeeschter gin oder Professer, ma Geeschtlechen. Am Seminär as alles wéi um Schnéierche gelaf. Nëmmen eppes huet eisen Dichter geplot: datt hie ganz schwéier auswenneg behal huet. An der Logik an och an der Metaphysek wollten déi sëllechen Definitiounen him nët an de Kapp. A richteg fett war d'Bëtschel, wéi enges gudden Daags de strenge Philosophie-Professer hien derbäi erwëscht, datt hien un engem Gedicht gezwiffelt a gebastelt huet, därbaans déi aner an de Wollécke vun de groussen an héije Gedanken erëmgeflu sin. Dee geléierten Här huet dat ganzeg schwéier verquësst an dem Jos. Keup et nach laang nogedroen.

1917 koum hie fir Kaploun op Diddeléng, a vun 1920 bis 1928 war hien zu Déifferdang. D'Priedegen huet him vill Freed gemaach, bis deen Dag, wou säin éischte Paschtouer zu him sot: »Dir priedegt schéin. Ech priedege gutt!« Dat war op den Diichter am Kaploun Keup gemënzt. Deen huet d'Läppen och eng Weil hänke gelooss. Awer Gedichter huet hien nawell gemaach. Hie war nun eemol en Dremert. Owes souz en nët sele mat sénger Schwëster, déi him de Stot geféiert huet, iwwert engem groussen Atlas ze brucken. Dann hun si déi schéinste Rese gemaach. Op der Landkaart. Well d'Kaplounspai gong knaps dur fir sech all Dag sat z'iessen. Vun Uetert-d'Welt-Scharjhekelen nët ze rieden.

1928 gouf dat e bësselche besser. Aus dem Déifferdanger Kaploun war de Paschtouer vu Wolwe (Wolwelingen) gin. Schons 1931 gouf hien op Berduerf versat. Awer hien huet stéits a stänneg nom Minett verlaangert. Muench Gedicht as dobäi aus der Fieder gerëtscht, dat am Krich verluer goung. Dorënner waren der e sëllechen op Houdäitsch. Zanter dem 10. Mee 1940 huet de Jos. Keup awer nëmmen nach lëtzebuergesch Gedichter geschriwwen. Nët datt hien d'Preise gehaasst hätt, wéi hie mir an engem Bréif schreift, ma hien hat d'Naziën um Napp. Et huet och nët laang gedauert, du haten déi de Paschtouer Keup beim Wéckel. Ufanks 1942 hun si en an d'Kazett verschleeft. Fir d'éischt op Hinzert an duerno op Dachau. Aus dene grujheleche Saachen, déi hien do erlieft huet, si spéider e pur vu sénge schéinste Gedichter erausgewuess. Säin Nëwéi Roger souz schons zu Hinzert, wéi de Monni ageliwwert gouf. Hien huet Monni Joss gesot. Am Handëmdréine war de Geeschtleche Keup fir alleguurten déi, di agelacht waren, de Monni Joss. Ënnert dësem Numm huet heen och spéider säin éischte Band mat Gedichter erausgin. Datt dëst Bichelchen gedréckt gouf, as dem Redakter vun deemools, dem Pierre Grégoire, ze verdanken. Hien huet deem scheien a verschoterten Diichter Keup Mutt gemaach. Ma wéi »Rousen an Haartnol« um Bicher-Dësch loug, huet et nët vill Stëbs opgedriwwen. De Monni Joss huet de Kapp hänke gelooss a séng Gedichter vun do un am Tirang verdréckt. Dono wousst hien et besser an huet nët méi erwaart, datt iwwert ee Bändche Gedichter vill Gedeessems gemaach géif. Hien hat sech op Iechternach zréckgezunn; do hat hien déi schéinsten Zäit fir ze tiirmen, ze dremen an ze schreiwen. Am Häerz as en ëmmer dee verschoterten Dremer bliwwen, deen hien am Kolléisch an am Seminär war – bis e bei säi Patréiner geruff gouf.

Säi Wierk

De Paschtouer Joss Keup huet séng Gedichter op Lëtzebuergesch ongefëier ëm déiselwecht Zäit publizéiert wéi de Marcel Reuland. An der Qualitéit sin se de Verse vum grousse Meeschter vum neie lëtzebuergesche Gedicht och nët hannendru gehippt. Am Géigendeel, wat een de Joss

Keup méi dacks liest, wat engem ëmmer méi opfällt, datt hien am Fong vill manner traditionell schreift, méi »modern« wéi de Marcel Reuland. An deem, wat de Marcel Reuland schreift, as méi Musek dran, et as rhythmesch méi gefälleg, an d'Sprooch fléisst och méi glat. Awer et schéngt, datt dat Saache sin, déi de Joss Keup ebe jüst nët gewollt huet. Hie kuckt d'Natur an d'Welt mat aneren Aen. Di béid, de Joss Keup an de Marcel Reuland, hu méi odder wéineger diselwecht Opfaassong dervun, wéi e Gedicht soll ausgesinn, a si si wäit vun deem ewech, wat mer haut e modernt Gedicht nennen. Awer de Monni Joss huet sech de Bléck méi fräi gehal. Hien as kee stodéierte Litterat a kuckt séng Ëmwelt nët duerch e Brëll vu litteraresche Klischeën. Hien as frësch an direkt, »impressionistesch«, kënnt ee soen.

Dat as awer, wéi dem Joss Keup säin éischte Band Gedichter gläich nom Krich erauskoum, nëmmen e pur Leit opgefall. »Rousen an Haartnol« as an der klenger Dréckerei P. Jungers zu Réimech (o.J.) gedréckt gin an huet weider nët vill Stëbs opgejot. Et gong mat dem Joss Keup sénge Gedichter, wéi mat deer wonnerbarer Erzielong a Versen »Di siwe Jofferen am Laange Muer« vum Jacques Kintzelé (1954). Nëmmen e pur Leit woussten, datt et déi Pärelen an der neier lëtzebuergescher Litteratur géif gin, an déi hun et och weider gesot. Mä nët haart genuch. De Joss Keup war dat, wat een e »Geheimtip« nennt. Eppes fir litteraresch Gurmangen.

Dem Joss Keup säi poetesche Repertoire kënnt nët méi traditionell sin, wéi en as. Säin Thema as ëmmer dat selwecht: D'Natur an de Mënsch. Mä wéi gesot, hie kuckt anescht ewéi di meescht, méi genee a méi onbekëmmert. Hie freet nët all Ablack: »Wéi kann een aus deem, wat ech gesinn, Litteratur maachen?« Hie kuckt ganz genee a beschreift, wat e gesäit. Wat op déi Aart a Weis erauskënnt, si Gedichter, déi engem richteg gutt dun. Si si voll vu Biller a Bléckwénkelen, déi een nët erwaart hätt, wou een sech awer ëmmer an ëmmer erëm seet: »Kuck emol do! Sou hun ech dat nët gesinn. Awer et stëmmt. Ech hätt et wuel ni esou beschriwwen. Mä jüst dofir as et jo och besser geschriwwen a beschriwwen, wéi ech et fäerdeg bruecht hätt.« Ob de Joss Keup elo Tëlëfonsdréit am Bromee, eng Wanterlandschaft beschreift, odder wéi d'Nuecht kënnt, säin Aart, wéi e sech uleet, as onerwaart an nei, mä trotzdem nët di Boun gekënschtelt. Sou apaart séng Biller a Vergläicher och sin, si »sëtzen« ëmmer.

D'Schreifweis vum Joss Keup: séng sprock Prezisioun, säi fräie, schaarfe Bléck, séng naiv Direktheet; d'Gottesgnod, déif an onverfälscht fillen ze kënnen, d'Zréckhalen, dat den Éislécker am Blutt läit an dat Riichteraust, dat hien als Kaploun am Minett geléiert hat, virun allem awer séng déif Mënschlechkeet, säi Matgefill, Matleed a Versteesdemech fir de Mënsch ware gemaach fir dat fäerdeg ze bréngen, wat bal onméiglech war, ech mengen, am Kazett Gedichter ze schreiwen, déi d'Realitéit vum Kazett awer och d'Poesie nët verroden hun. Dem Joss Keup séng Gedichter aus dem Kazett (Blummen um Prisongswee zu Dachau; Honger am Kazett; Fréijoër doheem; D'Himmelsmamm am Schlofsall zu Hinzert), déi op der Plaz aus dem direkten Erliewen eraus geschriwwe si gin, sin nët nëmmen Dokumenter aus enger schrecklecher, mä grousser Zäit, si gehéieren och zou de beschte Gedichter aus dem Monni Joss sénger Fieder an zou dem Beschten iwwerhaapt, wat jee op Lëtzebuergesch geschriwwe gouf.

Och dem Joss Keup séng gréisste Leeschtong, d'Gedicht »Den ale Papp«, ee Meeschterwiirk, deem an der lëtzebuergescher Poesie nët vill entgéintzesetzen as, wiisst aus dem Kazett-Erliefnes eraus. Méi wouer kann d'Verlaangeren nët an d'Wuurt gegoss gin. Géint dëst Gedicht as dem Méchel Lentz säi »Verlaangeren« dat rengsten Zockerwaasser. Wéi am Gedicht »Fréijoër doheem« de Kazettler Joss Keup – an hie steet fir si allegur, déi staark genuch waren, fir dat Schrecklecht ze iwwerliewen – am Geescht d'Fréijoër doheem erlieft an d'Erënnerong un d'Natur doheem ëm Berduerf, an deer sech e Stéck vun éiweger Uerdnong spigelt, him d'Kraft gët, matzen an enger Welt, déi aus de Foue geroden a voll vun Angscht a Boussecht as, durzehalen a nët opzegin, sou riicht och d'Erënnerong un den ale Papp »an Zärden« an d'Virgefill, wéi et as, wann hien rëm eng Kéier heemkënnt, de Jong zu Dachau erëm op. Hie fillt séng Wuurzelen a weess, datt d'Kroun nët dir gët, soulaang si nach fest am Hemechtsbuedem stin. Gedichter wéi dat vum »Ale Papp« schloe gär ëm an zockerséiss Sentimentalitéit. De Joss Keup schléit de richtege Wee an, fir dat ze verhënneren. Hie walzt keen dënne »lyreschen« Taartendeeg bouneblatdënn aus, mä hie béckt e Flued, die bäihält a staark mécht. Hien erzielt, léisst de Papp schwätzen a suergt esou derfir, datt den Deeg nët ver-

leeft, mä vum Dialog an der fester Kontur vun der Epik gehale gët. Wat »Rousen an Haartnol« versprach huet, dat hält och dem Joss Keup säin zwete Band mat lëtzebuergesche Gedichter »Sittidee, Sittidee« (Frëndeskrees, 1972). Mir fannen hei den Naturmënsch erëm, die besser kucke kann ewéi di meeschte Leit, dien sech duerch alles, wat an der Natur virgeet, ëmmer rëm op en neits gefaangen huele léisst, well hien et nei an anescht gesäit, an dat dann och gedëlleg a getrei op de Pobeier bréngt. Dofir stousse mer op Schrack an Tratt op e frëscht, neit Bild, en onerwaarte Vergläich, vun deem mër nët lasskommen. An dem Joss Keup sénge Naturgedichter gët et näischt, wat nët schons entzwousch mol gesot an och geschriwwe gouf. Mä sou, wéi et hei gesinn a gesot gët, as et nach nët gesot gin.
De Joss Keup war awer nët nëmme Schrëftsteller mat Läif a mat Séil, hie war fir d'éischt a virun allem Geeschtlechen a Paschtouer. An dach fällt engem op, wann een duerch séng Gedichter geet, datt hien esou gutt wéi kee religéist Gedicht geschriwwen huet. Am Ufank wonnert een sech doriwwer, bis een drop kënnt, datt all séng Dichter op hir Manéier religéis Gedichter sin. Wien sech d'Méi gët ze sichen, die fënt an all Vers dem Joss Keup säi léifste Gebiet erëm: »Ad Te, Domine, levavi animam meam. Semitas Tuas edoce me! – Méng Séil as opgaang a flitt Dir entgéint, Här! Weis mer déng Pied, fir datt ech se trëppelen!«
Héichgestache Poesie sin dem Joss Keup séng Gedichter keng. Si sin dofir awer nët manner. Si si méi, géif ech soen. Si hun nët nëmmen e pur Leit eppes ze soen, mä engem ganze Vollek. Absëns an Zäiten, wéi mer se haut erliewen, as dat immens wichteg, datt et an der Lëtzebuerger Sprooch e Schrëftsteller gët, dien ëmstand as, jiderengem vun äis dat ze gin, wat him vläicht am meeschte feelt: et rëm fäerdeg ze bréngen, déif, echt an einfach ze fillen, dat Alldeeglecht mat aneren Aen ze gesin, ze begräifen, datt grad dat Klengst dacks dat Gréisst as an och déi schwäerzest Wollek nach e sëlwre Bor huet ... Wien dat fäerdeg bréngt, huet e Merci verdéngt.

Fernand Hoffmann

Georges Haentges (1884-1940)

De Georges, genannt Jhoss Haentges, as kee vun de grousse Lëtzebuerger Schrëftsteller a wann de Pitt Schlechter[1]) nët vun em geschwat hätt, wir e villäicht ganz vergiess gin. Duefir wëllte mer haut un hien erënneren, fir dass de Kiischpelt Zäit kritt, fir 1984 u säin honnerste Gebuertsdag ze denken. De Georges Haentges koum de 16. November 1884 zu Veianen op d'Welt. Säi Papp, Henri Haentges, war Steemetzer. Well dee klenge Jhosy nët schlecht geléiert huet, hun s'e studéire gelooss. En huet déi éischt Klasse vum Kolléisch gemat a wollt Schoulmeeschter gin. Säi Schwoër, de Jean Schroeder, dee mat sénger Schwester Suzanne bestued war, war deemools Opsiichter beim Bau vun der Neier Bréck an der Stad. Wéi de Jhoss Haentges du an d'Normalschoul agezun as, koum e bei der Famill Schroeder-Haentges an de Kascht. Wéi e fäerdeg geléiert hat, gouf e Schoulmeeschter zu Eschweiler bei Wolz. Do hat en och dat jongt Amelie Miller an der Schoul, dat spéider séng Fra sollt gin. »Mir waren nach nët bestued«, huet d'Amelie ëmmer erzielt, »du hat e mer schon eng op de Bak gin!«
Wéi de Schoulmeeschter Haentges bestued war, as en an de Kiischpelt, op Wëlwerwolz gezun a bis zu séngem Doud do bliwwen. En huet e Gesank gegrënnt mat deem en och Theater gespillt huet. Wéi en 1939 fir d'Jorhonnertfeier mat dem Gesank schéisse gaangen as, huet en sech un der Hand verwonnt. Et war nëmmen eng kleng Wonn, ma well de Georges Haentges Zocker hat, as d'Wonn nët geheelt. Kuerz drop as en an d'Klinik ageliwwert gin, e krut e Fouss an du e Been amputéiert an de 15. Juni 1940 as de Georges Haentges an der Stad gestuerwen.

Dem Georges Haentges séng Wierker

1) De Klautge vu Lällgen. Volleksstéck a 4 Akten mat Gesank vum Georges Haentges. Musek vum Poutty Stein. Lëtzebuerg 1950. P. Worré-Mertens
2) Der Kischpelt. Historische Studie und Führer von G(eorges) H(aentges), Wilwerwiltz. o. D.

An: *Ardenner Zeitung:*

39 Aus den Öslinger Bergen. 18.11.1924
4) In den Öslinger Bergen. 9.12.1924
5) Die Industrie des Kantons Wiltz. 16.1.1925 –23.1.1925
6) Bauerntrachten. 6.3.1925 – 10.3.1925
7) Der blinde Musikant (Martin Holweck aus Vianden 1849-1905). 24.3.1925 – 27.3.1925
8) Die Grümelscheider. 12.3.1926
9) Der Kischpelt. Historische Studie. 10.9.1926ff
10) Öslinger Dorfgebräuche. 3.1. / 22.1. / 28.2. / 6.3. / 27.3. / 30.3. / 25.5. / 22.6.1928
11) Schwarzbrot. 9.3.1929
12) Dorfsyndikate in alten Tagen. 11.12. 1928 –18.12.1928
13) In der Ucht. 8.2.1929
14) Ein Musikantenleben. 19.2.1929
15) Der letzte Lellinger Nagelschmied. 24.4.1929f
16) Die Mecher Mühle. 16.4.1929
17) Der Zinngießer. 21.5.1929
18) St. Martinstag. 12.11.1929 – 27. 12.1929
19) Fastnacht. 28.2.1930
20) Der Lohr. 8.4.1930
21) Der Fischeidter Hof. 29.7.1930
22) Lebenserinnerungen eines alten Öslingers. 11.4.1931
23) Von Kautenbach nach Wilwerwiltz. 29.3.1932 – 6.5.1932
24) Michel in der Fremde. Lebensroman eines Öslingers. 4.2.1938 – 17.5.1938

An: *Der Landwirt*

25) Der »Hunn« einst und jetzt. 23.11.1938

De Georges Haentges hat 1918 de Wëlwerwolzer Gesank gegrënnt, vun deem en och Dirigent war. Zweemol am Joër huet e mat dem Gesank Theater gespillt an en huet och selwer fir dës Theateropféierungen en Theatersték geschriwwen, »De Klautge vu Lällgen«, dat zing Joër no séngem Doud erauskoum[2]).

De Georges Haentges war fir d'éischt Schoulmeeschter zu Eschweiler bei Wolz. Do hat en d'Amelie Miller an der Schoul, dat spéider séng Fra sollt gin.

Et kënnt een »De Klautge vu Lällgen« an d'Rei vun den historeschen Theaterstécker stellen, well et spillt ëm 1795 an der Zäit vun der Franséischer Revolutioun. Et kënnt een et och bei d'Ritterstécker zielen, well et geet Rieds dra vun der Schlassjoffer vu Wëlwerwolz, déi deen aarme Klautje[3]) gär huet a sech nët mat em bestuede kann, well en nët zu hirem Stand gehéiert.

Am Schlass vu Wëlwerwolz regéiert géint Enn vum 18. Joërhonnert d'Häregeschlecht vun de Bockholtz. De virleschten Här, Ludovicy, war als gudde Mann géint séng Leit bekannt. En hat sech vum Hesper Schlass vun der Familjen en Hausaf matbruecht, fir séng véier Diechter ze ameséiren. Den Här vu Schibbereg hat him säi Jong Arnold vun 23 Joër an d'Schlass gin, fir d'Gebräicher vun de Schlasshären an d'häresch Liewensaart kennen ze léieren. Den Arnold awer hat erfuer, datt d'Eleonor vu Wëlwerwolz, dem Schlasshär séng Duechter, bestëmmt wor, fir d'Schlass ze ierwen an dofir huet en sech heemlech ëm si beméit. Ma d'Eleonor war dat Schlassliewe midd an 't hat en A op dee flotte Klautjen Emil vu Lällge geworf.

Den Arnold vu Schibbreg huet et fäerdeg bruecht, den Emil als Déif a Mäerder duerzestellen. Den Emil gouf an de Prisong geworf a wéi en op dem Här vu Wëlwerwolz säin Urteel gewaart huet, konnt e mat Hëllef vun der Schlassjoffer Eleonor aus dem Schlassprisong fortlafen.

D'Franséisch Revolutioun huet d'Ennerscheder tëschent Schlasshären a Biirger ewechgewëscht an de Klëppelkrich as iwwert eist Land ewechgezun. Den Emil as franséischen Offizéier gin an e kënnt op Wëlwerwolz fir séng Braut, d'Eleonor ze huelen. Dem Arnold séng Nidderträchtegkete kommen un der Dag an elo sin d'Rollen

ëmgedréit: elo as den Emil uewen, deen den hannerwennegen Arnold bestrofe wëllt. Nëmmen duerch d'Schlasshärin Franziska entgeet dee sénger gerechter Strof an den Emil an d'Eleonor kréien sech, well d'Franséisch Revolutioun all Ennerscheder opgehuewen huet.

An dem »Klautche vu Lällgen« fanne mir eng ganz Rutsch vun Elementer vun engem Volleksteck (wéi et am Titel och heescht) erëm: den Haaptthema as d'Léift tëschent dem Emil an dem Eleonor, déi sech endlech an engem »Happy-End« kréien, et geet vill Rieds vu Léift zur Hemecht a vu religéise Gefiller: »Dat hues de gutt gesot Schuessels, schnësse ka jiddereen, mä kämpfe fir *Gott a Vaterland,* dat as eng aner Gei. Mir hei, *mir wëlle bleiwe wat mer sin.* Mir hale fest zu eisem Här Bockholtz, a mir wëllen näischt mat de Franzousen ze din hun. An un ons Relgioun an un eis Kirech, do loosse mer nët dru réiren, soss geet Holler iwwer Bënzelt . . .«[4])

An dem Stéck gin allerlee Volleksliddder (»Kommt der nët bal, d'Féiss kritt der kal«)[5]), Spréchwierder (»Wéi een an de Bësch rifft, sou haalt et erëm)[6]) an al Gebräich oder Begrëffer ernimmt (Tiirtechsbox, lénge Kiddel[7]), d'Strucken[8]), mat der Giisch spillen[9]), e ganze Schuppsak voll Wëllkuerspaangech[10]), de Wéngkëf feieren[11]).

»De Klautge vu Lällgen« as awer och e Stéck aus dem Kiischpelt an deem nët nëmme vun de verschidden Uertschaften aus dem Kiischpelt (Äischer, Draufelt, Lellgen, Pëntsch, Siwwenaler, Wëlwerwolz), ma och vun de Flouernimm (»op d'Kailchen«, »an Häschert«, »d'Buregaass«, »de Wannasbiereg«, »d'Réischterbaach«, »den Honsbiereg«, »d'Kierel«, »d'Weilerbach«, »de Grënnchen«, »d'Dalepéil«, »den Dällchen«, »d'Märkelzer Knupp«, »am Lohr«, »a Pëtzebaach« an »a Leisert«) Rieds geet. Mir héiren souguer vun der »Loumillen, de Fasselen an der Lärei«[12]) vun der fréierer Giewerei aus dem Kiischpelt.

Och d'Hausnimm vun den Awunner kommen op d'Tapéit: »Puttesch«, »Picken«, »Tréisch«, »Päschli«, »Tréis«, »Rischal«, »Wiewer«, »Bäres« a »Mäsch«.

D'Musek vum »Klautge vu Lällgen« soll vum Poutty Stein sin, oder huet deen nëmmen dem Georges Haentges séng Musek arrangéiert?

Jean Milmeister

De Georges Haentges mat sénger Fra, Amelie Miller. Si hate keng Kanner.

---

1) Pit Schlechter. Triviales Theater. Untersuchungen zum volkstümlichen Theater am Beispiel des luxemburgischen Dialektdramas von 1894 bis 1940. Luxemburg 1974 S. 77, 108, 124, 161, 169, 243, 254, 256, 314.
2) De Klautge vu Lällgen. Volleksstéck an 4 Akten mat Gesank vum Georges Haentges. Musek vum Poutty Stein. Letzebuerg 1950.
3) Klautjen = cloutier = Neelschmadd (cf. Luxemburger Wörterbuch II S. 375f). Iwwer dee leschte Klautche vu Lällgen huet de G. Haentges an der »Ardenner Zeitung« vum 24. Abrëll 1929 geschriwwen.
4) De Klautge vu Lällgen S. 46
5) a.a.O. S. 6
6) a.a.O. S. 7
7) a.a.O. S. 8
8) a.a.O. S. 10
9) a.a.O. S. 17
10) a.a.O. S. 45
11) a.a.O. S.60 = D'Verlobung feieren
12) a.a.O. S. 8 an 10

10 Joër Kommissioun vun der AL »Lëtzebuergesch an der Kiirch«

Wann doriwwer soll geschwat gin, muss ee méi wäit zréckgräifen. Virum Krich gouf et praktesch bal kee Lëtzebuergesch an der Kiirch. An de 1939er Joëren huet een eemol eng Priedegt op lëtzebuergesch héieren. Mir haten och zwee Oktavlidder an d'lescht Strof vun der Uelzecht, déi ee jo ganz bestëmmt bei d'Gebieder ziele muss. Déi Zäit wor jo iewer och d'Hapsaach op latäin, mä d'Gebieder vum Vollek wore méi oder manner op däitsch.

1940 gouf dës Tatsaach natiirlech och vum Ënnerdrécker als eent vun hiren »Argumenter« profitéiert fir ze soen, eis Sprooch wir däitsch an esou weider ...

Nom Krich wore ganz gutt Usätz do, fir deem opzehëllefen. Eng Equipe hat sech dru gesat, fir d'Lëtzebuerger Gebieder an och d'Iwwersetzong vun der Bibel unzefänken. Ënnert hinne wore Leit wéi de Professer Léon Lommel, den Här Paschtouer Gevelinger, den Här Lucien Ludwig asw. Wéi wäit se koumen as mir nët bekannt, ma wéi den Här Professer Lommel Bëschof gin as, hat e leider muenches vergiess, wat en sech am an nom Krich virgeholl hat. Aner Leit kennen d'Ursaache vläicht besser, vläicht kann een oder deen aneren eis doriwwer méi soen.

Periodesch sin och, haaptsächlech vun de Resistenzorganisatiounen Protester geschriwwe gin, ma well jo dach d'Hapsaach an der Mass op Latäi gebiet gouf, an déi Al dat scho vu klengem u gewinnt woren, as alles an der aler, ausgefuerner Bunn, weider gelaf... bis d'Reform an der Kiirch koum ...

Deemools huet et Protester gereent, wéi et op eemol lass gaang as mat »der Herr sei mit euch«, ma waarscheins gouf am Bistom gemengt, mat der Zäit géiwen d'Leit sech dru winnen.

En Deel jo, ma en Deel nët, an en aneren Deel huet einfach opgehal mat Praktizéieren. Waarscheins gouf an der Spëtz d'Ausmooss vum Schued nët gesinn oder gouwen d'Aen zougehal?, systematesch as weidergefuer gin, fir alles an d'»Einheitssprache« eranzepressen... Et koum esouguer e Gebietbuch eraus, wat zwar, och duerch d'Reklamatiounen eng franséisch Annex krut, mä wat am Fong geholl dat Gebietbuch as, wat vun der »Bischofskonferenz der deutschsprachigen Länder« ausgeschafft gouf. Ma de Succès vun deem Gebietsbuch as nët komm, well et kee Buch as wéi d'Lëtzebuerger sech dat virstellen.

Fir d'Lëtzebuerger Sprooch wor den Dag, wou am »Wort« ze liese wor, datt elo, wou »déi nei däitsch Gebieder fäerdeg wiren, kee Problem méi besténg, fir hei a Lëtzebuerg d'Massen nom neie System ze halen«. Dat wor den Ufank vun der *»Actioun Lëtzebuergesch«*. Well déi éischt Leit, déi deemools d'Käpp zesummen ze strecken fir sech mat enger Verenegong heigéint ze wieren, hun et eenzeg an eleng wéins där Saach gemat, déi aner Problemer koumen duerno zur Sprooch an d'Commissioun »Lëtzebuergesch an der Kiirch« huet zwar nach fonctionnéiert, ma et as erausfond gin, datt nach aner Tipper enstane woren, denen op de Leif geréckelt huet misse gin ...

Op jidde Fall wor eng vun denen éischten Actioune vun der AL, wann nët déi éischt Aktioun iwwerhaapt, fir eng Audienz beim Här Bëschof ze froen. Bei där Audienz huet den Här Bëschof an och den Här Generolvikar Schiltz gesot, si hätten en oppent Ouer fir déi Problemer. Esouguer konnten se der Delegatioun deemols en Exemplar vun den offizielle Lëtzebuerger Dafgebieder iwwergin. Et wor nach naass vum Drock, wéi ee seet, waarscheins woren dat déi éischt offiziell Lëtzebuerger Gebieder, déi erauskoumen.

Wann och duerno nach aner Gebieder geschaf gouwen (Houchzäitszeremonie, Begriefnës, Kanon), dann as iewer ëmmer nach an der Kommissioun Kiirch gemengt gin, dat géng nët dur. Heiriwwer brauch eeen sech nët ze wonneren, wann ee weess, datt et hei am Land Pore gin, wou d'Leit an der Kiirch nach dat éischt Wuert op Lëtzebuergesch ze héiren hun, vum Biede scho guer nët ze schwätzen. Datt et ewell doreëmmer virkoum, datt eng jong Koppel, déi gefrot hat fir eng lëtzebuergesch Houchzäitsmass, gesot krut »Wann Der nët wëllt op däitsch bestuet gin, da muss der kucken, dass Der ee fant, deen Iech bestuet«. A wann een esouguer héiere muss, datt komplett däitsch oder franséisch Massen iwwer de Radio an d'Ausland iwwerdroe gin, datt nach am Joër 1981 Massen aus der Octav gi sin, an denen déi offiziell Texter vum Kanon, iewer duerch den däitschen Text ersat gouwen ..., da kommen engem verschidde Froen an de Sënn ...!

An der zweter Halschent vun 1980 huet d'Kommissioun d'Antennen erausgestreckt, fir Alliéierter ze fannen, datt se nët esou eleng do stoe sollten. Well déi Leit, déi ëmmer nees bei der AL wéins der Kiirch reklamméiert hun (aplaz op där richteger Plaz), hun äis nët vill gedéngt.

A kuerzer Zäit wor e Comité op de Been, deen sech aus dësen Organisatiounen zesummesetzt. Déi Organisatioune schécken all een oder méi Dëlegéierter an d'Sëtzonge vum Comite »Lëtzebuergesch an der Kiirch« a sin averstan, fir all Aarbechten an Actiounen ze stäipen, déi dëse Comité décidéiert.

No kuerzer Zäit as et dem Comité gelongen fir och véier Geeschtlecher als Hëllef bei den Iwwersetzongen ze kréien. Dat wor ganz wichteg, well et ouni si onméiglech gewiescht wir, fir ëmmer déi genee Wierder ze fannen, fir eng falsch Ausleong ze évitéieren.

No verschiddenen Iwwersëtzongen, vun denen d'Resultat un de Bistum geschéckt gouf, an enger Audienz vun enger Dëlëgatioun beim Här Generolvikar Math. Schiltz, gouf décidéiert, datt d'Liturgesch Kommissioun en Delegéierten an d'Sëtzonge vum Comité LadK schécke géif. Dat huet dann och geklappt, a mir si frou, fir dat éischt praktescht Resultat vun där Zesummenaarbecht weisen ze kënnen. Et as de Rousekranz op Lëtzebuergesch, mam NIHIL OBSTAT vum Bistum dobei.

All dene Leit, séi sech an där Saach beméit hun, soen ech hei merci am Numm vun den dausende Lëtzebuerger, déi mat Ongedold op déi Iwwersetzonge gewaart hun a waarden. Virun allem dem Versteesdemech vun de Leit am Bistom, den Organisatiounen aus dem Krich an hiren Delegéierten, den eenzelne Leit, déi vun sech aus an der Iwwersetzongskommisssioun matgeschafft hun a mat schaffen. Déi geeschtlech Hären, déi esou léif woren hir Fräizäit fir déi Saach ze afferen, gin natiirlech bei dësem Merci nët vergiess.

Fir dës éischt Gebieder ënnert d'Leit ze bréngen, huet d'AL op der Oktav 6000 Biller mam neien Text verdele gelooss. D'Käschten hat d'AL iwwerholl. Merci.

Am Hoffen datt déi Zäit nët ze laang ewech as, wou mir, grad wéi an denen anere Länner och, eis reliéis Manifestatiounen och an der Sprooch vum Vollek feiere kënnen, schaffe mer weider.

Ch. Malané

De Rousekranz

D'Kräiz

Am Numm vum Papp
a vum Sonn
a vum Hellege Geescht,
Amen.

Pater Noster

Eise Papp am Himmel,
helleg sief däin Numm.
Däi Räich soll kommen,
Däi Wëll soll geschéien
op der Äerd wéi am Himmel.

Gëf äis haut eist deeglecht Brout,
verzei äis eis Schold,
wéi mir och dene verzeien,
déi an eiser Schold sin,
Féier äis nët an d'Versuchung,
mä maach äis fräi vum Béisen,
Amen.

Ave Maria

Free dech, Maria,
ganz an der Gnod.
Den Här as mat Dir.
Du bas geseent ënnert de Fraen
a geseent as Jesus, d'Kand, dat s de dréis.

Helleg Maria,
Gottesmamm,
biet fir äis Sënner,
elo an an der Stonn vun eisem Doud,
Amen.

Gloria Patri

Éier dem Papp
an dem Sonn
an dem Hellege Geescht.

Am Ufank,
elo
an ëmmer
an éiweg,
Amen.

Nihil obstat.
Luxemburgi, hac 26a martii 1981

Mathias Schiltz, Vicarius generalis

Gemengewalen

Sou Châmberwale wéi déi vrun e puer Jor
vergësst een nët sou séier, dat as wuel klor,
d'ganzt Land wor deemools op de Been
well sou e Mätsch intresséiert jiddereen,
wéi gesäit déi nei Regéirong aus? dat war d'Fro,
bleift et blo a rout, oder sin déi Schwaarz rëm do.

Deemools gung et also drëm ze decidéiren
wat fir Leit eist Ländche sollte féiren,
ma dës Kéier geet et ëm d'Gemengen
't as bal dat selwecht, jhust méi am klengen,
awer manner spannend as dës Saach wuel nët
well 't as dach nët egal wie Conseiller gët.

An der Stad, zu Esch, an all gréisser Gemeng
as den Ënnerscheed zu de Châmberwale wiirklech kleng,
och hei gin, wéi dat sou virgeschriwwen
d'Walen nom Proporz-Zisteem bedriwwen,
d'éischt gët e Programm zesummegefléckt, Lëschte gin
[opgesat,
Versammlunge gin organiséiert, an dichteg Propaganda
[gemat,
a wéi dat sech fir eng richteg Walkampagne gehéiert
gi rëm hëtzeg Diskussioune geféiert.

Déi eng verkënnege stolz, mat der Blumm an der Hand
si wären d'Rettong fir eist Land,
anerer beruffen sech op d'Wourécht a Recht,
beschäissen s'alleguer, a soen d'Welt wär schlecht,
»Fräiheet fir dat ënnerdréckte Vollek, dat wëlle mir«,
sou brëllen déi drëtt, a weisen op d'Handwierksgeschir,
déi véiert Partei behaapt si wär um richtege Wee
a mengt laanscht si kéim wuel kee,
al Affären a Skandaler kommen och rëm op d'Tapéit
an 't gët munchereen deen doduerch an d'Labrënte
[geréit.

Op dene Lëschte fënt een nääämlech Leit vu jiddfer Klass
vun alle Jorgäng, all Religiounen an all Rass,
al Politiker déi vrun der Pensioun jhust stin
a jonk Kollegen, fir déi et soll e Sprangbriet sin,
och eis Sportler sin déi lescht Zäit vill gefrot,
wie séiz nët gäer mol am Gemengerot.

An dene klenge Gemengen uechter d'Land
man sou Walen nët vill Wand,
hei gët et keng Versammlung a keen Tam-Tam
keng grouss Rieden a nët vill Reklam,
d'Saach verleeft méi folkloristesch, ouni vill Gemëch
well hei schafft nach jiddferee fir sech.
Ziedle kréien d'Leit an d'Haus geschéckt
op dene steet da schwaarz op wäiss gedréckt,
dass »Déngens Déngen« jidderee wëllt informéiren
hie géif dës Kéier och rëm kandidéiren.

Hie seet hie sténg kenger Partei wiirklech no
a fir all Leit aus dem Dierfchen wär hien do,
dofir soll keen sech genéiren fir ëm Rot ze
[froen
well hie géif souguer bis bei de Minister goen,
hie versprécht d'Schoul ze vergréissren,
[dernieft e Parking ze man,
a munch Touristenpiedchen ze zéien, queesch
[duerch d'Gewan,
d'Veräiner sollen och méi Subsidië kréien
an de Footballclub eng extra Prim fir neie
[Wues ze séien.

Op de Grousspapp an op d'Monnië kënnt hien
[dann ze schwätzen
an erënnert drun, ganz ouni sech ze bretzen,
datt vill Leit aus der Famill, an dene leschte
[Joren
an de Gemengerot gewielt gi woren,
a jidderee misst jo wuel verstoen,
dass sou eng Traditioun nët däerft vergoen,
dofir soll och kee méi zécken, näischt riskéiren
an him schons haut zwou Stëmme reservéiren.

P.S.
An dono hu mer dann, dat as klor,
dee beschte Kônsell fir fënnef Jor.

Marcel Lamy

Den Ufank

Du schenks mer e Block, am Lieder gebonn.
Du sees, ech soll Spréchelcher schreiwen,
da kënnt ech mer munch eidel Stonn
méi liicht a frou verdreiwen.

Lo krooplen ech d'wäiss Blieder voll,
erziele Spichten déi geschitt,
och deer, déi aus der Loft geholl. –
Well 't reimt sech besser, wann ee litt.

Jeanine Theis-Kauth

Kalennerblieder

1. Richteg as richteg

Dem Kätt séng Urgroussmamm war Mod
om Schlederhaff. D'Séis huet geschafft
fir sechs, huet nimools sech beklot,
huet och fir sechs um Dësch gebafft.

Dat Schreiwen hat hatt ni geléiert,
– dat Wësse war him nët sou wichteg –,
a wann hatt d'Pai huet acquittéiert,
mouch hatt e Kräiz. – 't war richteg.

E puer Méint drop, och bei der Pai,
moolt hatt aplaz e Kräiz e Krees.
Den Här fënt dat nët an der Rei.
»Hues du changéiert d'Iddi nees?«

»Ma Här«, mengt hatt du ganz genéiert,
»ech si bestued schon zanter gëscht.
Dun hun ech och mäin Numm changéiert,
deen aanre gouf du ausgewëscht!«

2. Wie war den Näischnotz?

De Frinn hat d'leschter eng gestiicht,
a musst en Affekot sech huelen.
Deen duerft ferm rieden om Geriicht;
an dat Gerieds muss Frinn bezuelen.

Wéi d'Rechnong koum vum Affekot,
gouf et, o Jong, eng Zomm ze blechen,
sou deier war de gudde Rot.
De Frinn schreift drop e Bréif, e frechen:
– Mäin Här! Dir iwwerdreift ganz liicht,
eer Rechnong as zevill gesalz.
Ech war den Näischnotz om Geriicht,
nët Dir. – Ma Dir huelt d'Leit mam Hals. –

3. Wéi een et dréit

»Gleef mir, dodran hun ech scho Recht:
E schlëmme Feler huet all Här:
Hien hält déi aner all fir schlecht.
Sech lueft hien an den Himmel gär!«

Dat do, war d'Menong vun dem Kätt.
De Batti äntwërt him ganz nett:

»Vläicht as dat sou, wéi s du et sees?
Mir schwätzen äis dofir nët hees;
well mir mat Frede glewen drun,
datt d'Fraleit all déi aner hun!«

Jhemp Kirchen

Wat e Gewëssen

Huet de Mënsch mol eng gestiicht
fierft ganz rout sech säi Gesiicht.
An hien héiert säi Gewëssen,
oft ganz vill, méi dack e bëssen.

Op séng Stëmm solls du ni goen,
well et bei bestëmmte Froen
dach kee richtegt Uertel seet,
jee nodeem wie wat et freet.

Bestëmmt seet et ganz feierlech:
– Du solls nët mol eng Maus doutschlon! –
Mee 't pëspert wiirklech daierlech,
wann s du bei eng friem Fra wëlls gon.

Wat een nët weess

D'lescht muerges hat ech mech verdun,
hat aus Versinn zwee Schong dach un,
déi friddlech beieneen zwar stongen,
mee 't war e schwaarzen an e brongen.
Ech wousst et nët, war nët genéiert,
a si ganz stolz an d'Schoul spadséiert.

Duurch Zoufall gouf ech spéit gewuer,
datt ech géng dron e komescht Puer.
Du war et aus mat ménger Rou!
– wie geet schon op der Strooss esou? –
Elo gesinn ech Jhang a Klos an Tréis,
si kucke spëttesch op méng Féiss.

Ech waarde bis et däischter as
an hu mech du hell heemgeflass.

An domat as bewisen nees:
wat een nët weess, mécht een nët heess!

Jhemp Kirchen

Fréijoërsgléck

Eng Wollek, liicht ewéi eng Plomm,
kënnt uechter d'Blot vum Himmel
sou lëschteg frou geschwomm,
eng kliinzeg, schluetwäiss Grimmel.
Si wiesselt op der laanger Rees,
wuel honnertmol an ëmmer nees
hir Form, hiirt Ausgesin,
fir dëst an dat ze gin:
eng Bir, eng Dauf,
en Hues, eng Drauf,
e Schëff, eng Gei,
en Draach, eng Bei,
eng Blumm mat Still a Blat,
en Hond, dee sech gesat,
eng Käerz, en Häerz,
en Hunn, eng Dunn.

Si kuckt vun héich erof op d'Äerd,
wou alles sech um Fréijoër freet.
D'Leit gruewe waakreg an de Gäert,
da gët Geseems dohigestreet.
»Lo misste mer nach e Reenche kréin«,
son d'Leit a kucken d'Wollek kleng,
sou dofteg liicht a ganz eleng
uechter dat Blot vum Himmel zéin.
»Fir eist Geméis,
fir d'Ierze séiss,
fir d'Kéil a fir den Taartestack,
fir d'Réidercher am roude Rack,
De Péiterséilche Krauselkapp
an d'Baurerous niewent dem Schapp.
Fir d'Tulpen, d'Ouschterblummen
an alles zesummen,
dat mer geséit,
komm nët ze spéit,
du Fréijoërsreen
aus Wollécksween.«

Et bräicht eng Hëllef op der Dot,
dat äerdegt Gäertneschvollek.
Sin ech och kleng, ech weess e Rot,
sou denkt se, déi wäiss Wollek.
Si flitt behänn an d'Himmelsstuffen
hir grouss a starek Bridder ruffen.
Déi zéien iwwer Bierg a Kopp
a maachen d'Himmelsschleisen op.
Déi éischt déck Drëps
fällt an de Stëbs,
duerno séier
zwou, dräi, véier.
Si pladderen duerch d'Kréischelhecken,
datt d'Veilercher de Käppche strecken.

Déng éischt Léift

Mir sin eleng
nëmmen d'Feier am Uewen dat brennt
Déng Ae bekucke mech streng
elo as de Moment

Déng Bake glouse wéi rout
déng Ae liichte wéi Flamen
Déng Léift as a bleift mäin degelecht Brout
an ech spire wéi déng Blécker a mech klammen

Mir bekucken eis stëll
an dach schwätze mär
an eis gin Erënnerunge wëll
a mir hun eis gär

Eng Auer zerrappt eis Rou
ech wollt eppes soen
du laachs mir zou
ech wollt dech eppes froen

D'Auer hat grad néng geschloen
du sëtz nach ëmmer an der Fotell ze denken
Elo sin ech grouss, ech well dech nët méi ploen
ech well dir eppes schenken

Elo eréischt weess ech wa's du fir mech bedeits
du nobel an dach bescheiden Damm
Elo bas du eleng ouni vill Kannergejäiz
Äddi, gutt Mamm

Claude Mangen

Dat schëtt, dat plätscht,
dat kluckst, dat knätscht,
all Kraut a Gras
gët puddelnaass,
et drénkt all Scholl
sech puddelvoll.

Du zitt en Ootmen durech d'Gaarden. –
Eng Lieweslosch, e frout Erwaarden
deet d'Somer aus dem Buedem schéissen,
deet alles wuessen, kingen, spréissen.

Do kuck, no enger gudder Stonn
zéin d'Wollécke sech zréck.
Vum Himmel laacht nees d'Fréijoërssonn.
As dat da vläicht kee Gléck!

Jeanine Theis-Kauth

D'Joër vum Kand

Eis UNO seet: »'T as d'Joër vum Kand«
an et gesäit een a Stad a Land
déi onméiglechst Saachen an Tricken
all wëllen se derbei sin, all Veräiner, all Klicken.

Jidderee wir gär derbei
an der Zeitung oder um HEI ELEI
Jidderee géng sech gäre mat sénge Verdéngster
un d'Leit eru woen
an alles verdamen wat d'Rechter vum Kand
[kënnt bedroen.

Et gin héich intellektuell Riede gehalen
Versammlungen, Bazaren a Balen
Côncere gi gesongen
op all Dëppefest gët gesprongen
Gesëffs a Gefréiss méi wéi genuch
Dichteg Leit schreiwen e Buch
Et gi Plakater gedréckt
Konflikter a Problemer unenee gestréckt.

A kënnt een dann owes vun esou enger Soirée
[heem
a leet sech an d'Bett mat Schung a mat Heem
Den Dag drop e Kapp ewéi e Geck
Ursaach: 'T war alles fir e gudden Zweck.

Claude Mangen

Hierscht

Lues falen d'Blieder vun de Beem
se duckelen sech nobeieneen
an d'Schmuebele fléien erëm heem
a maache Plaz fir den Hierscht an de Reen.

An den Niewel deckt zou d'ganzt Land
a séngt dat Lidd vum Vergoen
mat him séngt de Wand
lues a gedroen

Se sin ewéi gutt Frënn
ëmmer kann een se beienee gesinn
an dann och geschwënn
as all Hoffnung op neit Liewen hin.

Claude Mangen

E léiwe Bréif aus Schweden

D'Joffer Martenssen wor nëmmen ee Jor hei zu Lëtzebuerg an huet an deer kuurzer Zäit esou gutt Lëtzebuergesch geléiert, wéi dee léiwe Bréif aus Schweden et beweist.

Lund den 10. Février 1981



Le besse spät, mais besser dât wei nie, kennt hei d Hembersgeld fir 1981.
Et wär en besse schwieregt gin fir Teech el eintwort z'iwerweisen an dofir hun ech fonnt et wär besser d Geld an engem Bréif ze schicken.
Et gin vlaischt déi, déi sech freeu, wat eng Schwedin mat enger Lëtzebuergescher Sprooch-organisation ze dinn huet.
D'ass eng ganz gutt Hëllef fir net allzy ze vergiessen.

Fe scheine Bonjour fir Teech alleguer.

Rut Håkansson
Notariegränd 20
222 47 Lund
Suède

(Hëmbernummer 1601)

P.S. Wien huet d'Gedicht „Elicen" op Zeit 25 geschriwwen. Ech hun en immens schéin fonnt.

Wann alles dobausse blitt

Wéi stëmmches een am Fréijor steet
virun deem äermsten Trausch,
dee voller Kraaft a Bléie geet
mat séissem Doftgedausch!

'T weess een nët wat ee soe soll
zou dëser zaarter Pruecht ...
d'ganzt Land gouf deër Bléie voll
an enger eenz'ger Nuecht.

G. M.

† Gaston Frings
(3.6.1903 – 28.12.1980)

Zimlech onerwaart hu mer an der Zeitung d'Doudesannonce vum Gaston Frings gelies. Et huet engem leed gedon, datt en dach nach nët esou al, eis ewell huet misse verloossen. E wor zu Péiteng den 3. Juni 1903 op d'Welt komm, huet fir Schoulmeeschter geléiert a koum 1922 op Recke bei Miersch, wou en 1923 ugestallt as gin. Hei huet e ronn 30 Jor Schoul gehalen a koum vun do aus (1953) op Miersch, wou en nach 10 Jor déi iewescht Klassen hat. 1963 goung en a Pensioun. Hie war nët nëmme Schoulmeeschter (odder dach?), well en huet sech, wéi souvill vu sénge Kollegen dat och gemaacht hun, denen d'Schoul nët alles gi konnt, dernieft mat Geschicht a Sprooch ofgin. An et un d'Schoulkanner mëndlech virugin, dernieft Artikelen a Broschüre geschriwwen a publizéiert. Fuerschen a virugin, aner léieren an hinne matgin, wor säi Liewen. Sou as en och keemools, vu wat fir enger Säit och, vergiewes ugesprach gin, fir hei odder do ze hëllefen, eppes ze schreiwen, fir dës odder déi Veräinsbroschür. Séng Opstellung vun de Weekräizer aus der Por Miersch 1956 weist, datt en sech grad esou fir déi kleng, schei a verstoppt Zeien intresséiert huet, wéi fir déi méi »grouss« Geschichtssaachen.

Fir eis Sprooch huet en sech zënter laanger Zäit begeeschtert. Hien huet fir Recken op Froëbéi vun der sproochwëssenschaftlecher Sektioun geäntwert, déi vu virun 1940 uetert d'Land geschéckt si gi fir d'Ënnerlage vum Dixionär ze gin. 1979 huet d'Sektioun e Mêmber genannt. En huet d'Kanner an d'Wierdersprech, Seërcher, d'Fuesliddche vu Recken notéiert, asw., asw., dat esou mat der Hand geschriwwen, wéi een et haut nët méi gesäit, reng, schéi kalligrafesch, propper. 'T war eng apaart Freed fir deen, deen dat hei schreift, vun him zer Zäit vu sénge Radiosgespréicher iwwer Folklor a Sprooch an den éischte Jore vum UKW Bréiwen ze kréien an denen hien dëst odder dat fir Recken ze soë wousst, sou e.a. d'Kannerspréchelcher, Seërcher (c.f. Eis Sprooch No 11), wou a wéini, datt en se notéiert hat. Et as klor, datt hien deemools, an den drësseger Joren, an der »Hemechtssprooch«, dono bei »Eis Sprooch« derbei wor an an der »Actioun Lëtzebuergesch« Mêmber gin as.

Miersch wor fir dee gebuerene Péitenger eng méi wéi zweet Hemecht. Séng sëllechen Artikelen, séngt Matschaffen a Geschicht, Sprooch a Folklor sin Zeien dervun. Doduurch eleng kann en nët vergiess gin. hr

† Lucien Ludwig
(21.6.1899 – 10.5.1981)

De Lucien Ludwig huet eis verlooss. et kann een sech nët gutt virstellen, datt e Mann, deen däermoosse voller Vitalitéit wor, esou onerwaart ewechgefall as. Am Eislek, zu Housen, op d'Welt komm, huet en an der Stad an zu Metz stodéiert, wou nach e puer Jor an Däitschland derbei koumen. No engem kuurzen Zécke fir säi Liewen ze maachen huet en sech als Versécherongsmann opgeschloen an as als Mandataire général vun der Prévoyance pensionéiert gin.

Wann en och zënter méi laanger Zäit Freed mat der Hemechtssprooch hat, dann huet en op deer Plaz e Schréck weider gemaacht, en as higaang an huet d'Versécherungspolice, dat klengt Gedréckt och, op lëtzebuergesch setze gelooss. E krut deemools, wéi en erzielt huet, deen éischte Kontakt mat der Schreifweis Feltes-Margue, déi 1946 déi offiziell gi wor. 'T wor eng vu séngen Employéën, déi en dorop bruecht huet, well déi déi Schreifweis an der Schoul geléiert hat a keng aner richteg konnt. Déi Schreifweis huet him deermoosse gefall, datt en se mat Feier, et kënnt ee soen, mat fanatescher Iwwerzegong ugeholl huet an onbedéngt als offiziell Orthographie bäibehale wollt. Si huet sénger Opfaassung no deem entsprach, wat hie wollt: ganz a guer ewech vum Däitschen. Deer Schreifweis huet en den Numm OLO gin, wougéint en déi vum Dixionär DIXI gedeeft huet. OLO = Ofiziël Lezebuejer Ortografi, dovunner wor en nët ofzekréien, widder a stonnelaangen Diskussiounen, déi e sachlech a fein féiere konnt, nach mat kuurze prakteschen a fachlechen Argumentatiounen. Bei him wor et: en egent Land, eng ege Sprooch, eng ege Schreifweis, ewech vum däit-

schen, ewech vum franséischen. Sou wollt hien et och an der Schoul gehalen hun, fir d'éischt e puer Jor laang nëmme lëtzebuergesch, dann zwee Jor franséisch an dono eréischt däitsch.
Schoul huet en och gehalen. Duurch d'Praxis wollt hie beweisen, datt ee mat deer Schreifweis méi liicht Lëtzebuergesch léiere kënnt. Sou huet en et 1974 riskéiert als éischte Couren z'organiséieren, fir déi vill Auslänner, déi an d'Land komm waren, Lëtzebuergesch ze léieren. En hat e groussen Zoulaf, e puer honnert Leit hun sech an dee Cours gemellt an e wor forcéiert méi Stonnen an der Woch ze gin. Ob séng Couren, déi en am Lycée Michel Rodange an an der Jufferegässel gehalen huet, dee Succès haten, deen en sech erwaart huet, as nët bekannt, mee et wor esou, datt en et 3 Jor laang ausgehalen huet, well du sin deer vun der AL ugefaang gin. Am selwechte Jor huet en ugefaang säi Cours eraus ze gin: mir schwèze lezebuejesh, mir liese lezebuejesh, mir schraive lezebuejesh mat OLO –Méthode moderne et rapide à l'intention des travailleurs étrangers immigrés pour apprendre simultanément le luxembourgeois et le français. – Imprimé sous les auspices du Ministère du Travail et de l'Immigration. 110 Säiten. 1974, 1975.
Bei allem muss een de Courage, den Aier bewonneren, deen en hat fir dräimol an der Woch zwou Stonne laang Schoul ze halen, an engem Alter an deem aner Leit sech nët méi liicht fir esou Saache begeeschtere wëllen.
En anert Uleies vum Lucien Ludwig wor d'Lëtzebuergescht an der Kiirch. Doriwwer huet en 1955 ewell an »Eis Sprooch« (No 3/4 – S. 12) geschriwwen a Stuele vu Gebieder virgeluegt (Schreifweis OLO). Fir do eppes z'erreechen, wor keng Stonn him ze fréi a keng ze spéit, an ëmmer an ëmmer as en derfir agetratt, as e vill Piedercher getrëppelt, hier an duer. Ënnerstëtzt gouf e vun denen aner Comitésleit aus deem Veräin vun deemools »Eis Sprooch«, ouni datt déi him eng Stäip fir d'OLO woren.
En anert Gesiicht vum Lucien Ludwig soll awer nët vergiess gin, hien huet och d'Weis vun en etlech kiirchlech a weltlech Lidder komponéiert e.a. dat vun der helleger Theresia.
Als Mêmber vun »Eis Sprooch«, déi 1952 gegrënnt gi wor mam Isi Comes, Hary Trauffler, Ferd Gremling, Nic Pletschette, J. P. Rosch wor hien ee vun dräi aus dem Comité, déi nach gelieft hun ewéi 1971 d'Actioun Lëtzebuergesch mat

Virun...

25 Jor as den Adolf *Berens* zu Gréiwemaacher begruewe gin. 'T wor den 23.3.1956 wéi en zu Péiteng gestuerwen as. En hat 76 Jor, well en as de 15.3.1880 zu Maacher op d'Welt komm. Dat war am Haus wat se Gillius genannt hun, dat e Pseudonym vum Adolf Berens gouf: Gillius Dëll. Vu Beruff wor e Schoulmeeschter. E wor e puer Méint an der Neypergschoul an der Stad, du zu Ettelbréck an der Akerbauschoul Repetent, vun 1904 bis 1917 zu Wecker, koum vun do op Rollég/Péiteng (1917) an nom Exame fir Oberprimärlehrer wor e vu 1924 bis 1936 zu Péiteng an der Oberprimärschoul. Fir d'éischt huet en héidäitsch geschriwwen an du bal nëmme méi lëtzebuergesch. An nët wéineg. Eent Haaptwierk vun him, dat vun 1921-1928 erauskoum wor »d'Kerfegsbloum« an der Maacher Sprooch. Fir dat Wierk krut en d'Auszeechnung als Ritter vum Eechelaf. An der »Kerfegsbloum« as nu wiirklech alles dran, wat en op a bäibrénge konnt iwwer d'Liewen an d'Gebräicher an der Stad Gréiwemaacher. Wann d'Geschicht, de Roman nët grad gefällt, well e laang a breet ausgedäitscht as, dann as et awer fir een, dee sech fir Folklor a Sprooch intresséiert eng Fondgrouf, woubäi een allerdéngs och soe muss, datt e vill beim »Mosellanus« rafe konnt. Am Fong as dat keen Nodeel. En huet vill geschriwwen, Theaterstécker, Rubriken an der Obermosel, den Epos »De grousse Käser«, vun deem dat éischt Stéck 1948 an dat zweet 1953 erauskoum. E ganze Koup as awer nët publizéiert gin: 9 Romanen, 15 Theaterstécker an Honnerte Gedichter. – Deemools ewell as e fir dat agetratt, wat haut nach am Gespréich as, well e schreift den 19.8.1938 an der Obermosel: wat ech eenzeg an eleng fuederen as d'Gläichberechtegung fir déi dräi Sproochen (lëtzebuergesch, däitsch a franséisch). – Zu Péiteng gët et eng Plaz zu sénger

---

»Eis Sprooch« erëm operstanen as. Ouni ze zécken huet en de Rescht Suen der AL gin an hir d'Méiglechkeet domat geschaf direkt op d'Féiss ze kommen. Op säin ausdréckleche Wonsch an der OLO-Schreifweis, huet en dat an der éischter Nummer vun »Eis Sprooch« bekannt gemaacht.
De Lucien Ludwig as nët méi a mat him wäerd dee leschten iwwerzeegte Verdedeger vun der OLO gestuerwe sin. Fir séng Aarbecht, ëm a fir d'Lëtzebuergescht, si mer him e Merci iwwer d'Graf eraus schëlleg. hr

Éier. – An der Warte »Perspectives« wor den 13.3.1981 en Artikel vum Luss Heyart fir un den Adolf Berens z' erënneren. – En etlech Date sin doraus geholl.

hr

25 Jor as de Marcel *Reuland* gestuerwen, ee vun eise beschten Dichter. E war de 16.3.1905 zu Iechternach gebuer an as den 21.10.1956 gestuerwen. Wat e geschriwwen hat, huet séng Fra no séngem Doud an engem Buch erausgin: Dem Marcel Reuland säi Wierk.

60 Jor koum dem Alfred *Bertrang,* Professer vun Arel, séng *Grammatik vun der Areler Sprooch* eraus.

75 Jor koum den *2. Lëtzebuerger Dixionär* eraus. D'Kommissioun wor 1897 genannt gin, wéi se 3000 Frang krute fir unzefänken. An der Kommissioun, déi de Generaldirekter Mongenast genannt huet, wore fir d'éischt den N. Gredt, Direkter vum Kolléisch, de Regirungsrot Henrion, de Prof. Ch. Müllendorff, de Literat Schliep, den Deputéierte C.M. Spoo, de Konsul an Zänndokter Jos. Weber an de Prof. van Werveke, dono woren derbäi den Inschpekter Paul Clemen, den Ändréi Duchscher an de Prof. Willy Goergen, Viraarbecht haten awer ewell de Jos. Weber, deen och Sekretär vum Dixionär wor, an den E. de la Fontaine, den Dicks gemat. Si hun 200 Sëtzunge gebraucht fir e fäerdeg ze maachen, 15 woren et der fir eng Schreifweis ze fannen. – De Prof. René Engelmann huet séng Kritik driwwer 1907 am Floréal geschriwwen an 1916 si séng Virschléi fir eng Lëtzebuerger Schreifweis (Auf heimatlichen Pfaden) erauskomm, déi sougenannt Welter-Engelmann.

75 Jor huet den Nik. *Welter* d'Buch: *Die Dichter der Luxemburger Mundart* erausgin!

80 Jor gouf den Ändréi *Duchscher* gebuer.

90 Jor koum de Pol *Noesen* op d'Welt.

90 Jor as den *Dicks* zu Veiane gestuerwen.

125 Jor as de Joseph *Weber,* den 28.6.1856 zu Ierpeldang bei Wolz op d'Welt komm. Hie wor den éischten diploméierten Zänndokter hei am Land, italiéinesche Gen.-Konsul, huet de Stenoveräin 1881 gegrënnt, eng éischt stenographesch Zäitschréft erausgin, eng »Histoire de l'écriture« geschriwwen an e wor de *Sekretär vun dem Dictionnaire vun 1906*. En as gestuerwen den 3.10.1908,

zwee Jor dono, wéi den Dictionnaire eraus wor. Zu Zéisséng erënnert eng Strooss un hien.

180 Jor koum den Anton *Meyer,* den éischten Dichter, deen e Bichelchen op Lëtzebuergesch geschriwwen huet, an der Stad op d'Welt.

Et sin elo *125 Jor,* den 13. März 1856, zënter dem Doud vum *Jean-François Gangler**. Hien huet den **éischte lëtzebuergeschen Dictionnaire** gemaach, deen 1847 erauskoum. De J.-F. Gangler as de 4. Juli 1788 zu Lëtzebuerg op Nummer 6, um Gruef (rue du Fossé) gebuer. Säi Papp wor de Gangler Jean-Pierre, dee 1795 bei de Lëtzebuerger fräiwëllege Jeër Déngscht gemaacht huet, séng Mamm d'Margritt Grunenwaldt. De J.-Fr. Gangler wor fir d'éischt an der Stad an der Zentralschoul a gong 1804 an de Lycée op Metz. E gouf du 1807 agezun. De 15. Mäerz gouf en op Paräis an d'Kasäre vum 4. liichten Infanterieregiment an de 4. Oktober 1807 an de Krich a Spuenie geschéckt. No engem laangen an onbaarmhäerzege Foussmarsch wor en an den éischten Deg vum Dezember op Lissabon komm, huet mat wéie Féiss am Spidol Grillo geleën an do Dolmetscher misse spillen, eng Charge, déi nët liicht wor a wou duurch de roude Bauchwéi (Ruhr) d'Leit ewechgefall sin ewéi d'Mécken. An der Schluecht vu Vimeiro gouf e verwonnt duurch zwee Schëtz. Dono wor en an de Kampagnen aus de Joren 1809, 1810, 1811 derbei a gouf 1811 Adjudant-Ënneroffizéier bei de Jeër zu Fouss (chasseurs a pied). 1811 as en du reforméiert gin, well séng Wonnen nees opgefuer woren. 1812 gët en da Läitnant vun der Reservekompagnie vum Département des Forêts. Vun 1810-1813 wor e Sprooche professer zu Prag a musst du do sech de 7. Dezember 1813 ewechmaachen, well en zevill fransousefrëndlech wor – en hat e Spidol fir franséisch Zaldoten op séng ege Käschten opgemaacht – a koum eréischt

no fënnef Méint (Mee 1814) zu Lëtzebuerg un. De 25. August 1814 krut e vum Louis XVIII. d'Croix de chevalier de l'Ordre royal de St. Louis. Hei wor e Geschäftsmann a Sproocheprofesser. 1822 as e veredegten Iwwersetzer an Dolmetscher um Beziirksgeriicht Lëtzebuerg gin. 1831 huet d'Gemeng Lëtzebuerg en als Polizeikommissar ernannt. 1839 krut e vum preisesche Kinnek d'Auszeechnung vum »Rouden Adler«, fir déi vill Verdéngschter, déi en der preisescher Besatzung geleescht huet. 1841 huet en e Band Gedichter erausgin mam Titel: Koirblumen um Lamperbiereg geplekt. Vun 1841 bis 1847 koum du säi »Lexicon der Luxemburger Umgangssprache (wie sie in und um Luxemburg gesprochen wird) mit hochdeutscher und französischer Übersetzung und Erklärung«. D'Ursaach dofir steet am Virwuert: Zënter en etlech Joër wir e mat sech ze Kouer gaang fir eppes Nëtzleches fir jiddereen a sénger Mammesprooch ze maachen; e wir dacks schlecht dru gewiescht, wann en als veredegten Iwwersetzer an Dolmetscher déi richteg Bedeitung vun engem Lëtzebuerger Wuert hätt misse gin an datt dann en Dictionnaire gefeelt hätt, wou en hätt kënne kucke goen. Deen Dictionnaire koum (och) a Liwwerungen eraus. Dat Wierk gouf ganz gutt opgeholl vun de sociétés savantes, verschidden dichtege Philologèn an e krut dofir vum Belsche Kinnek eng gëlle Medail. 1849 gouf en du Mëmber vun der archeologescher Gesellschaft vu Lëtzebuerg. 1852 krut e vum franséische Käser Napoleon III. den Uerde vun der Légion d'honneur als Chevalier. 1854 gët en och nach Mëmber vun der nidderlännescher Litteraturgesellschaft zu Leyden a stiirft stënterlech den 13. Mäerz 1856.

De J.-Fr. Gangler as den éischten nom A. Meyer, deen e Buch mat lëtzebuergesche Gedichter erausgin huet. Hien huet sech am Virwuert vu sénge »Koirblumen« (1841) sou halwer entschëllegt, well d'Sprooch vläicht platt d. h. graff wir an datt séng Gedichter keng Meeschterwierker misste sin, d'Lëtzebuergescht kënnt awer grad ewéi d'Flamännescht an d'Hollännescht »ausgebilt« an eng Schréftsprooch gin. Nieft de »Koirblumen« an dem »Lexicon« huet en nach eenzel Gedichter geschriwwen, déi (alt) op Extrablieder erauskoumen, sou dat vum Hämmelsmarsch, dat duurch dem M. Lentz séng »Schoubermëss« an de Vergiess geroden as. Iwwer dem J-Fr. Gangler séng litteraresch Aarbechte kann een an der »Mundartdichtung« vum

Notizen

E **Kongkur fir Kuurzgeschichten** op lëtzebuergesch, franséisch an däitsch huet de Ministère vun de Kulturelle Saachen ausgeschriwwen. D'Geschichten duerfen nëmme 6 Schreifmaschinnesäiten hun, d'Säit mat 35 Zeilen an d'Zeil mat 50 Uschléi (Frappen). 5 Kopië mussen ënner engem Pseudonym bis de 15. September an de Ministère, 22-24 Bd Royal, Lëtzebuerg ageschéckt gin. An enger anerer Enveloppe, mam Pseudonym drop, muss den Numm stoen. Wéi et muss sin, an Austreech kritt en nach iwwer den Tëlëfon 4794-456. De Präis, deen ee ka kréien, as 5000 Frang.

De 5. 9. 1980 as de Greg *Denis* am Alter vu 64 Jor gestuerwen. De Greg koum den 19. Mäerz 1916 zu Stesel op d'Welt an hat vu Kandsdegen un eng musekalesch Oder. E konnt en etlech Instrumenter spillen an hat dach am meeschte Freed mat der Harmonika, en Instrument op deem en eng »Bomm« wor. Nom Krich hat en eng Formatioun mat deer en Danzmusek gespillt huet an dernieft eleng mat sénger Harmonika opgetratt as. E ganze Koup Placken (Disken) huet e presse gelooss an d'Melodie fir Lidder komponéiert vun denen déi meescht wuel nët wëssen, datt d'Weise vum »Ech drénke gär mäi Pättchen« an »Dat war e schéinen Owend« vun him sin, Lidder, déi haut iwwerall gesonge gin, wou der nach

---

Fern. Hoffmann méi Eenzelhete gewuer gin, Wierk, dat de F. Hoffmann am Gaang as fir eng 2. Oplo z'iwwerschaffen. – Hei sollt nëmmen op d'Liewen an un d'Wierk vum J.-F. Gangler erënnert gin op séngem 125. Stierfdag. Ernimme mer nach, datt hie mam Marie-Françoise Godtfrin, Meedche vum Notär Antoine Gotfrin an der Marie Bernard bestued war. Ob e Kanner hat as néierens gesot. E Bild as nët vun him opzedreiwen.

Eng Strooss zu Bouneweg, op der Izeger Kopp, erënnert eis un hien.

H. Rinnen

*) Alphonse Rupprecht: Logements militaires à Luxembourg pendant la période de 1794 à 1814, p. 291 ss. – PSH. Année 1856. XII. Luxembourg. 1857. – Fern. Hoffmann: Geschichte der Lux. Mundartdichtung. 1964. S. 74ff.

sangen. Dobäi as hie kee Professionnelle gewiescht, e wor en »Tramsmännchen«, dee jorzéngtelaang d'Kiirb gedréit huet an e spaassege, lëschtegen a léiwe Komerod wor. De Greg lieft a séngen »Evergreens« virun, ënner a mat eis. – Véierzéng Deg virdrun sot den Hary *Hagen* fir ëmmer Âddy. Den Hary war en Theatermann, dee mat dem Donnens August, Léo Moulin d'Leit wéi keen zweten ameséire konnt.

* * *

Wat huet e gesot? as den Titel vun engem Film, deen de 14. Mäerz 1981 fir d'éischt zu Lëtzebuerg gespillt gouf. 'T as e Film, dee mat de Schoulkanner aus dem Kolléisch vun Dikrech gespillt a gedréit gouf, eng Produktion vun der AFO-Film a ganz op lëtzebuergesch geschwat as.

* * *

Parlement européen. Direction générale de l'administration du personnel et des finances. –Service Action Sociale. Livre d'accueil. – PE 59.217. – An deem Heft kréien d'Leit, déi op Lëtzebuerg schaffe kommen Ausstreech iwwer Stad a Land. Wat do iwwer eis Sprooch steet as alt nët grad ganz richteg, sou as d'Franséisch nët »langue officielle«, wa s'och »langue administrative« as, nieft dem Däitschen an esouguer dem Lëtzebuergeschen.

* * *

De 27. Juni 1981 as eng Feier am Amphitheater bei der Roulsbech-lee – Huel-lee. Et gët e Steen ëm 4 Auer zer Éier vum Jos. *Keup* ageweit an owes ëm halwer aacht gi sénger Gedichter am Amphitheater gelies.

* * *

A Bréiwe vu Lieser un d'Lux. Wort gin d'Menungen iwwer d'Adressen op de Bréiwe mat Lëtzebuerger Nimm fir d'Uertschaften auserneen. Den E. Schmit huet virgeschloen dee Saz aus dem Tëlëfonsbuch erauszehuelen, an deem et heescht, datt d'Leit sollten d'Adressen op franséich odder däitsch schreiwen, seet d'Post, da géing et besser a méi séier. Dorop mengt den n.t. (18.4.81) a sénger liicht-ironescher Aart a Weis, da misste mer och déi al Hausnimm ugin, an as nët d'accord. Op deen äntwert den E. Schmit de 25.4.81 an den David Greenwood mécht d'Prouf op d'Exempel. En huet säi Bréif mat der Lëtzebuerger Adress aus dem Ausland un d'Lux. Wort geschéckt, mat engem L virun der Postzuel, an en as ukomm.

Nei Bicher

Lëtzebuergesch wéi ech et schwätzen – Le Luxembourgeois tel que je le parle heescht eng Broschür mat zéng Lektiounen op 62 hektograféierte Säite fir Lëtzebuergesch ze léiere vum Henri *Muller*. 'T as e Stéck vu véierzeg Lektiounen, déi de Sproocheprofesser H. Muller geschaffen huet, wéi en 1973-74 auslännesche Bankbeamten Coure gouf. – Am Fong as dat hei eng revidéiert an ausgebaut Oplag vun deem Cours, deen en ewell 1965 ausgeschafft hat a vun deem déi éischt Prouwen an den zwete Weltkrich erareechen. Nom Virwuert an deem en d'Lëtzebuergescht virstellt an d'Sproochesituatioun a kuurze prezise Sätz duerleet, as een nun nët grad mat him averstanen, wann e ganz modest, wéi en as, mengt en éischte Worf wir kee Meeschterwierk. Dat mag jo sin, mee wann een dann d'Lektiounen duurchliest, da gesäit een awer, datt en sech e sëlleche Méi gin a munnech Stonnen dru geschafft huet, fir esou eng Aarbecht virzeleën. Wat och gutt as, dat si séng Aussoen iwwer d'Schreifweis, d'Aussprooch mat Beispiller, d'Liaisounen, d'Assimilatiounen, d'Akzenter (Betounung vum Wuert, och an den Zesummesetzungen), romaneschen Afloss op d'Sprooch asw. asw. Den Opbau vun de Lektiounen as esou wéi een et aus de Schoulbicher no der méthode globale hier kennt, och d'Saach am Bild a mam Wuert duergestallt gët, dono d'Aussprooch, d'Gespréich (Conversatioun – hei kann och mam Tounband geschafft gin), d'Grammaire, de Pluriel, Exercicen an d'Vokabelen. Et ka jo sin, datt déi Metoud, no deer den Henri Muller a séngem Cours schafft, nët esou séier e Succès huet, wéi

---

Den 20. November 1980 wor d'Präisverdelung vum Hörspill-Concours am Ministère vun de Kulturelle Saachen. Dee Concours wor mat organiséiert vum Radio UKW. Prësident vun der Jury wor de Professer Leopold Hoffmann. 42 Stécker sin erakomm. 'T wor keen éischte Präis virgesinn, dofir awer dräi Präisser vu 50000 Frang. E Präis kruten de Pol *Greisch* fir »E Sieschter Ränetten«, Nico *Helminger* fir »Fräizäit« a Lilian *Mussmann* fir »Rulett«.
Genannt goufen nach: Grupp *Helminger,* Georges *Hausemer,* Nico *Helminger,* Lilian *Mussmann* a J.P. *Wagner,* denen hir Texter, sou kënnt ee soen, eng Mentioun kruten. – Déi dräi priméiert Stécker gi vum UKW an den éischte Méint opgeholl a gesent. hr

déi vun dene sougenannten neien, mä dofir huet s' awer dee Virdeel, datt et sëtzt, wat geléiert gouf. Mir soe geléiert an nët gelies. Eng Egenaart soll nach ernimmt gin, dat as den Artikel fir den Neutrum, deen hie mat »t« schreift, d'Koiné mécht do keen Ënnerscheed. Ob dat gutt as odder nët, muss d'Praxis weisen. Eent as sécher, dee wëllt lëtzebuergesch léieren, kann et mat deem Buch maachen, e muss natiirlech, wéi ëmmer, Stéidegkeet (Ausdauer) a Fläiss hun. Vergiess sollen d'Joffer Marie-Josée Hames an d'Madame Jacqueline Waltzing nët gin, déi d'Zeechnunge gemaacht hun. Wien sech derfir intresséiert kann dem Henri Muller, 453 Lonkecher-Strooss, Lëtzebuerg schreiwen, fir 80 Frang kritt een et geschéckt. hr

Henri *Rinnen* – Will *Reuland:* **Kleines deutsch-luxemburgisches Wörterbuch.** 1980. 4. Oplo. Verlag St.-Paulus-Dréckerei. 495 Frang. 178 Säiten.
Et as wuel nët néideg dësen Dictionnaire nach virzestellen. Well wann e Buch an enger 4. Oplo a 6 Jor erauska kommen, dann as dat Bewäis genuch. Et wir ze wënschen, datt wann elo eng 5. Oplo sech weise géif, et ganz iwwerschafft an ausgebaut géif gin. Et mengt een do ënner anerem Beispiller bäizesetzen, d'Verbe materanzehuelen, Riedensaarten a Spréchwierder nët vergiess sollte gin.

Lentz, Michel: **Gesamtwierk.** Band I. Ed. Krippler-Muller, Lëtzebuerg. 1980. = Klassiker vun der Lëtzebuerger Literatur. Drëtte Band. XVII. 374 Säiten. Präis 1500 Frang. Léngent gebonnen.
Am Verlag J.P. Krippler-Muller as d'Wierk vum Michel Lentz als drëtte Band an zwee Deler geplangt. Den Deel I as do. D'Virwuert huet den Evy *Friedrich* geschriwwen, an deem de M. Lentz virgestallt gët, mat séngem Lieweslaf an a sénger Zäit. De Carlo *Hury* féiert an d'Wierk an. – Et mengt een et bräicht een de M. Lentz nët extra virzestellen an dach muss et gemaacht gin, well zevill vun eise méi jonge Leit dach wéineg wëssen, wat a wien hie wor. Nun dat liest een am Virwuert vum Evy Friedrich. Dofir kënne mer eis dat hei spueren. – Et hätt een och näischt un deem Ganzen auszesetzen, wann et nët wéinst der Schreifweis wir. Nët datt et fir een, deen dran as, Misär méich, ma well mer haut probéiere fir eng »nei« Schreifweis ënner d'Leit ze bréngen an een hei mat deer vu virun 100 Jor konfrontéiert gët, déi nun nët jidderengem guet, mécht se dach plazeweis Knaes. Fir Sproochfuerscher mag et gutt sin en Nodrock an der Originalschreifweis ze maachen, denkt een awer un de Lieser vun haut, da wir et ubruecht sech deem unzepassen an him d'Wierk esou dohinner ze leën, wou en et méi liicht huet. – Am Fong muss ee frou sin, datt de Verlag Krippler-Muller déi nei Oplo vun de Lëtzebuerger Klassiker mécht, jidderee kritt se sou emol an d'Hand a ka sech e Bild maache vum Schaffe vun eise Schrëftsteller op Lëtzebuergesch. – Den 2. Deel vu Band 3 as d'Ouschteren erauskomm. hr

Boissaux, Ry: **Kannerstonn.** Erausgi vum S.O.S.-Kannerduerf, Miersch. Ill. Fanny *Haas-Michel.* Drock an Aband: Sankt Paulus-Dréckerei. 1981. 155 Säiten. 520 Frang. Postscheck 65-65 S.O.S.-Kannerduerf, Miersch. 26×21,5.
Vun denen zéng Bicher déi d'Madame Ry Boissaux bis elo geschriwwen huet, sin déi meescht fir d'Kanner geduecht. »Ech hun dëst Buch mat Léift fir d'Kanner geschriwwen, mä ech wär frou, wann déi Grouss et och gär hätten«, sou steet an deem, dat fir d'Rezensioun viru mer um Dësch läit. Ech mengen dat wir de Fall, well si huet eng häerzeg Manéier an Ausdrocksweis fir grad esou gutt, déi Kleng wéi déi Grouss unzespriechen an hinnen eng Geschicht z'erzielen. Et wéisst een nët ze soen, wat fir eng vun denen zwielef Geschichten ee sollt extra ernimmen, well se sin alleguer iwwer dee selwechte gudde Leescht geschloen. Et sin deer Geschichten, déi si an der Kanneremissioun vum UKW sou gär selwer erzielt huet an elo gedréckt do sin. –Bicher mat Geschichte fir Kanner ze schreiwen as nët grad liicht. Ze dacks geschitt et do, datt déi Geschichte vu Groussen aus hirer Erwussener-Perspektiv gesi gin. – D'Madame Ry Boissaux kann een sech virstellen ewéi si sou an der Schummerecht do souz, sech s' erduecht an se de Kanner verzielt huet. Wat engem apaart gefällt, dat as déi einfach, et kënnt ee soen, déi Kannersprooch mat enger »Kannermentalitéit«. – Den Text gët lieweg mat de faarwege Biller vum Fanny Haas-Michel, déi mat Léift a Gefill der Erzielung dat zoukomme loossen, wat muss a soll sin. Den Drock as esou gewielt, datt en de Kanner an denen, déi nët méi gutt gesinn, et méiglech mécht et liicht ze liesen, propper an einfach. – Dem Kannerduerf Miersch wënscht

ee vill Erfolleg mat dësem Buch, well den Erléis dervun deem soziale Wierk ze gutt kënnt. – Der Madame Ry Boissaux awer wënsche mer nach an hirer gewielter Retraite an der Fondatioun Pescatore eng ganz laang a gutt Gesondheet, déi dann, an doduerech, hiren Ausdrock an anere neie »Kannerstonne« fanne soll. hr

Turpel, Hary: **300 nei Witzen an Anekdoten.** 3. a leschte Band. Ill. vum Gab Weis. Sankt-Paulus-Dréckerei, Lëtzebuerg. 1981. 96 Säiten.
Säi Liewelaang huet de Monni Hari, wéi den Hari Turpel sech selwer genannt huet an e Begréff gin as fir gutt a propper Witzen, an de Kalenneren a soss alt och enzwousch egen a gehéiert Witzen zum Beschte gin. An elo mat 80 Joër huet e sech dohi gesat, se beieneegeraaft an an dräi Bicher erausgin. 'T wor nët nëmmen eng gutt Iddi, mä och eng Aarbecht, déi sech weise léisst an ee Stéck aus dem Volleksliewen erëm gët. Witzen an Anekdote sin dach eppes wéi e Spigel vum deem, wat geduecht a gemengt gët, et kënnt ee soe Vollekswäisheet. Datt een driwwer laacht as dernieft gutt fir Gesondheet, laache mécht jo gesond, soen d'Leit. Dofir nach eng Kéier de gudde Rot: laacht Iech gesond mat dem Monni Hari séngen dräi Witzebicher. An dem Gab Weiss sénge flotten Illustratiounen. hr

De Lëtzebuerger Struwwelpéiter as do. Aus engem privaten Amusement as eng spontan Solidaritéitsmanifestation mat onsen handikapéierte Kanner entstanen, déi all Aussiicht huet, sech zou enger nationaler Hëllefsaktioun ze entwéckelen.
An de 60er Joren hat de Pe'l *Schlechter* sech als Distraktioun drugin fir de bekannte »Struwwelpeter« vum Heinrich Hoffmann (1844) op lëtzebuergesch ze iwwersetzen. Nodeem dat Manuskript jorelaang an engem Tirang loug, hu Frënn a Bekannter fond dass dat onbedéngt misst gedréckt gin.
Den Iwwersetzer wor der Menung dass dat nëmmen ubruecht wir, wann domat eng bestëmmt Aktioun géng verbonne gin, an esou koum d'Iddi op, dat Buch zou Gonschte vun engem Kanner-Hëllefswierk erauszegin. Dorop huet hien och nach Billercher derbäigemoolt a sech bei verschidden Dréckereien iwwer d'Präisser ëmfrot. D'Surprise war déi, dass déi Betriber nët nëmmen extra bëlleg wollte schaffen, mee komplett gratis!
D'Buch as gedréckt, et as an de Bicherbuttécker fir 200 Frang ze kréien, an elo hoffe mir, dass d'Lëtzebuerger Populatioun matgeet an dass mir den Handikapéierte Kanner a kurzer Zäit eng ganz uerdentlech Zomm kënnen zoukomme loossen. (Matgedeelt)

Portugisesch-lëtzebuergeschen Dictionnaire portugais-luxembourgeois. *Travail collectif dirigé par Jul Christophory.* Ministère de l'Education Nationale, Luxembourg. Impr. Litho Bourg-Bourger. 1980. p. 204. 165×115. 195 francs.
Et as dach en Zeeche vun der Zäit, datt an deem Ament Dictionnairen erauskomme fir lëtzebuergesch ze léieren. As et eleng déi Tatsaach, datt mer vill méi friem Leit am Land hun, as et de Bewäis, datt d'Lëtzebuergescht sech aus deem klenge Milieu erausschafft an deem et zënter bal 200 Jor wor oder as et nëmmen den Zwank vun der Lag vun haut, déi de Fong an d'Ursaach dervu sin? Alles zesumme mag matgespillt hun, an derbei dene ville Friemen d'Méiglechkeet ze gin fir sech an hirem Aarbechtsland mat dene Leit vun do ze verstoen. – Deen heie portugisesch-lëtzebuergeschen Dictionnaire as geduecht, wéi et am Virwuert steet: jouer utilement son rôle de médiateur et d'interprête dans la vie de deux communautés qui vivent et travaillent ensemble sur le territoire du Grand-Duché, mais qui restent séparées par tant de barrières réelles ou imaginaires. – Wéi den Dictionnaire entstane as, dat seet eis d'Virwuert: Am Prinzip sin d'Elèven aus der quatrième, der troisième an der deuxième vum Kolléisch M. Rodange geholl gin, déi jiddereen e puer Säite mat de Stéchwierder aus aneren Dictionnairen an d'Hand kruten, d'Lëtzebuerger Wierder derbäi gesat, déi da vun de Klasseprofessere kontrolléiert a verbessert si gin. De Schoulminister mat sénge Mataarbechter huet dann den Drock an d'Editioun iwwerholl. Ernimme mer nach, datt d'ganz redaktionell Aarbecht nieft de Klassestonne gemaacht gin as. – Am Dictionnaire selwer hu mer fir d'éischt eng Aféierung an d'Laute vum Lëtzebuergeschen, dann d'Wierderopstellung, eng Opstellung vun Iess- an Drénkwueren, d'Zuelen an eng Rëtsch Wierder a Sätz, déi een Dag fir Dag néideg brauch. – Et as klor, datt dëse klengen Täschendictionnaire nët alles ka bréngen – dat gët jo och am Virwuert betount – mä eent muss een em ze gutt halen, e schaaft d'Méiglechkeet datt d'Portugisen sech hëllefe kënnen, wa se wëllen sech mat de Lëtzebuerger ze verstännegen. – Et

as deem Dictionnaire déi Verbredung ze wënschen, fir déi e geduecht as. hr

Petit Dictionnaire Français-Luxembourgeois par Henri *Rinnen* avec la collaboration de Will *Reuland.* Avant-propos de François *Schanen.* Imprimerie Saint-Paul. 1980. p. 292. Francs 560. 190×125.

Bal an deer selwechter Zäit wéi de portugiesesch-lëtzebuergeschen Dictionnaire erauskoum, gouf dee klenge franséisch-lëtzebuergeschen Dictionnaire virgeluegt. – Et muss een dem Verlag vun der Paulusdréckerei merci soen, datt si de Risiko vun esou engem Wierk iwwerholl hun, well Dictionnäre verkafen sech nun awer nët ewéi aner Bicher. Oder dach? De Grond vun dësem Dictionnaire as nees den Intressi, dee vill frankophon Leit hun, déi hei am Land wunnen a schaffen, wa se sech wëlle mat dene vun hei verständnegen. Déi béid Auteure vùn dësem Wierk, un deem e puer Jor geschafft gouf, an och alt aner e Pefferkär mat bäigeluegt hun, wéi de Lex Roth – de Roger Roth huet eng éischt Lëscht vun de Stéchwierder geklappt – haten 1974 den éischten däitsch-lëtzebuergeschen Dictionnaire och an der Paulus-Dréckerei erausbrénge gelooss. – An der Introductioun gët drop higewisen, datt dësen Dictionnaire dee fënnefte wir: deen éischten 1847 vum J.F. Gangler, deen zweten 1906 vun enger Kommissioun, grad esou den drëtten vun 1950-1977 (all lëtzebuergesch-däitsch), dunn deen däitsch-lëtzebuergeschen, deen 1980 an der véierter Oplo erauskoum. Dernieft as dann als sechsten dee portugisesch-lëtzebuergeschen ze nennen, deem en englesch-lëtzebuergeschen am Hierscht nokomme soll. An deem heien Dictionnaire as nët nëmmen eng Opstellung vu Wierder, mä et gin och ganz dacks Beispiller bruecht, déi de Gebrauch vum Wuert weisen. Et mag sin, datt et nët duergeet mat de Beispiller, datt et nët ausféierlech genuch as, mä et as no dem Ëmfank vum Buch z'uurtelen nët anescht méiglech gewiescht, wann dat Ganzt kleng gehale muss an d'Buch nët ze déck duerf gin, a wou och de Präis eng Roll matzespillen huet. Jiddefalls muss een den Auteuren zougeston, datt se op deer Plaz esou vill wéi méiglech bruecht hun. Nët eleng Wierder, wéi gesot, mä och d'Schreifweis vum Lëtzebuergeschen, eppes vun der Grammatik (Pluriel, Diminutif), d'Wochendeg, Moossën a Gewiichter, Geld, Grondrechnen, Zuelen an, wat eis vu groussem Wäert schéngt ze sin, d'Opstellung vun den Uertschaftsnimm franséisch/däitsch a lëtzebuergesch. – Am Avant-Propos vum François *Schanen,* Professer op der Universitéit vu Montpellier, e gebuerene Lëtzebuerger vu Schengen, géet hien an déi verschidde Problemer a Froen iwwer a vum Lëtzeburgeschen an. Sou wann hien op d'Sproochesituation an de Schoulen hiweist, op d'Brauche vun däitschen odder franséische Wierder am Lëtzebuergeschen – zitéiert gët Tëlëvisioun = Fernseh –, op d'Betounung vu franséische geléinte Wierder. De Prof. Schanen mengt, datt dësen Dictionnaire »vient de combler une lacune. Souhaitons qu'il rende tous les services nécessaires et qu'il reçoive l'accueil favorable qu'il mérite.«

Deem Wonsch kann een sech nëmmen uschléissen an dësem Dictionnaire dee selwechten Succès wënschen, deen deen anere vun dene selwechten Auteure bis elo huet. * * *

Et as esou wäit ...

E puer eescht Wuert un all eis Mêmbren, a wann et hei heescht, *all* eis Mêmbren, dann as dat och esou gemengt, da geet et all eis 1750 Mêmbren un.

Mir brauchen Är Hëllef!

Fäert elo awer nët schons gläich, mir kéimen heeschen, mir géifen un Äre Portmonni taaschte kommen.

Neen, nach päife mer nët um leschte Lach. Mir hu jo nach e puer Quellen, wéi z.B. de Verkaf vun eisen Neijooschkaarten, wou d'lescht Joër schons nees de Rekord geschloë gin as, mir hun och eng Parti Mêmber, déi äis stäipen, déi nach all déi lescht Joëre méi sprange gelooss hun ewéi d'Cotisatioun ...

Wat mer vun Iech elo wëllen, dat sin Iddiën, dat si kleng sproochlech Saachen, déi am Fong schons an eist Annoncebichelche gepasst hätten, an eis Extranummer 3, dat mer 1979 erausgin haten.

Dës Extranummer 3 as ewell vergrafft!

Si hat vill Leit gehollef hir Familjenannoncen, hir Tëlëgrammer an och hir lëtzebuergesch Menüen opzesetzen.

Si war a ronn 2700 Exemplare gedréckt gin, déi sin elo all fort, mä gefrot gët ëmmer nach derno.

Si hat gefall a gefällt och nach, eis Extranummer 3. Si war an as eng Stäip fir eis Sprooch, och wann eng Parti Feler sech dra geschlach haten, si war eng Néidegkeet, ouni si wär d'Zuel vun de lëtzebuergeschen Annoncen an den Zeitunge

bestëmmt nët esou an d'Luucht gaang. No eisem Här Philippe sénger Statistik hate mer 1980 eng nei Rekordhéicht erreecht, mat iwwer 3800 Stéck!
An nach kennen déi meeschte Leit hei am Land eist Annoncebichelchen nët. Oder wëssen Är Frënn all eppes dervun? An d'Iddi, déi d'lescht an enger Zeitong stoung, alle jonge Leit, déi bestued gin, op der Gemeng esou e Bichelchen ze schenken, déi hätt et och nach bestëmmt a sech ...
Wat bleift äis am Fong also aneschter nach iwwreg, wéi **eng zweet Oplo?**
Mir sin awer der Menong, datt et nach e bessert Bichelche misst gin, datt Dir all, léif Mêmber, do hëllefe misst.
Muenchereen huet doheem bestëmmt nach e schéine Menü, wou amusant Saachen drop stin ... Muencheree brëngt och nach extra flott Gléckwënsch fir bei Kanddaf, Verlobung an Houchzäit ... oder nei léif Gebieder fir op d'Kommiounsbiller? As Iech vläicht déi eng oder aner Invitatioun, fir bei egal wellecher Geleënheet, extra gutt gegléckt, oder an d'Hand geroden?
Mir si frou fir all Material, dat mer kréie kënnen, alles gët studéiert a sortéiert an dat Bescht kënnt an eis zweet Oplo!
Fir datt et méi séier geet, schéckt alles direkt op dës Adress: Emil Schmit, Feldstrooss, 46, 7218 Helsem-Walfer.

Merci.

Korrektur Eis Sprooch No 11

S. 17: Gedichter si vum Jhemp *Kirchen*
Du hues zwou Hänn
d'Fréijoorsblummen
an nët vum Jhemp *Rollinger.*

* * *

S. 14: Jean Hahn = Jean *Haan.*

* * *

S. 13: Déi éischt Feierbloum
Du stouchs deemools an der *Schoul,*
soll si *Schuel.*

* * *

Et soll och am Titelkapp *Sprooch* sin nët *Sproch.*

D'Generalversammlung vum 14.3.81

Eis Generalversammlung war dëst Joër samschdes ëm halwer dräi am Sall vum Convict. – Nodeem de Prësident Lex Roth d'Leit begréisst hat, ënner aneren d'Delegatioun vum Arelerland a Sprooch, an d'Hären Deputéiert Carlo Meintz a Jhemp Dichter, huet en e Réckbléck op 10 Joër AL gin.
Vrun 10 Joër, sou de Lex Roth, gouwe mer als Klatzkäpp tituléiert, déi eppes erreeche wollten wat onméiglech z'erreeche wir. Haut sin déi, déi deemools sou geschwat hun, vill méi virsechteg gin. Well:
1. d'Lëtzebuerger Kanner kruten e Schoulbuch fir an d'Primärschoul a eent fir de postprimären Unterrécht;
2. de Rousekranz besteet elo ganz op lëtzebuergesch, mam Stempel vum Bëschtom;
3. d'Schreifweis vum Dixionär as offizialiséiert gin;
4. d'Kure fir lëtzebuergesch ze léiere bestin zënter 5 Joër;
5. mir hun en däitsch-lëtzebuergeschen Dixionär, e franséisch-lëtzebuergeschen Dixionär, e portugisesch-lëtzebuergeschen Dixionär.
Vrun 10 Joër hätt mol keen dovu gedreemt.
An nach virun.
– An denen 3 Lëtzebuerger Zeitungen as réigelméisseg eng Rubrik lëtzebuergesch;
– d'Plakate fir d'Balen, politesch Manifestatiounen, d'Nimm vun neie Geschäfter, si bal alleguer lëtzebuergesch;
– d'Neijooschkaarten op lëtzebuergesch gi vu Jor zu Jor méi gefrot;
– um Bréifdréieschkalenner sin d'Festdeg zënter 2 Joër op lëtzebuergesch, um Réck dëst Joër Wiedersprech a Riedensaarten.
D'AL hat am Oktober 1980 op der Hierscht-Ausstellung e Stand mat Lëtzebuerger Bicher, Placken, Zäitschréften an Neijooschkaarten. Stooneweis war de Stand esou iwwerlaf, dat déi dräi Leit, déi do waren, méi wéi hir Méi haten dermat fäerdeg ze gin.
Den 10.10.81 soll d'Gesetz gestëmmt gin, wouduerch d'Lëtzebuergescht als Nationalsprooch proklaméiert gët. – Dëst Joër as och e Lëtzebuerger Honnertfrangschäin an e Concours fir Lëtzebuerger Prosa virgesinn.
Eenzel Gemengen hu Kuren ugefrot fir lëtzebuergesch schreiwen ze léieren.
De Keessier René Faber schwätzt vun eiser Finanzlag. Mir hu 420000 Frang an der Keess. Als Subsid krute mer 32000 Frang. D'Häre Schaack

a Folschette hun d'Keess kontrolléiert a fir richteg fond. Si hun Décharge virgeschloen, déi eestëmmeg ugeholl gouf. – D'Keesskontrollere fir 1981 bleiwen déiselwecht wéi zjor.

De Redakter Heng Rinnen schwätzt vun den 3 Publikatiounen vun 1980:

– d'No 11 vun EIS SPROOCH
– d'Grouss Vakanz vum Pol Greisch
– De Lëtzebuerger Litteraturkalenner vum Rob. Philippart.

De Charel Malané aus der Kiirche-Kommissioun as frou fir kënne fir eng Kéier eppes Positives ze brengen. Et besteet eng gutt Zesummenaarbecht tëschent der Kommissioun »Lëtzebuergesch an der Kiirch« an der liturgescher Kommissioun vum Bëschtom.

Den offiziellen Text vu verschidde Gebieder läit scho fest.

Bei de Wale gin d'Häre Kintziger an Dessouroux hir Demissioun aus professionelle Grënn. Als eenzeg Kandidate gin d'Häre Ch. Siuda an J. Arend an de Comitee opgeholl.

An der fräier Diskussioun iergert een Här sech, well et keng Kanneremissioun op lëtzebuergesch gët, déi eppes daagt. En aneren hat Schwiregkete fir säi Kand op lëtzebuergesch an den Dafschäin aschreiwen ze loossen.

Et gouf festgestallt, datt echt lëtzebuergesch Fueslidder felen. En Här biet d'AL fir den éischte Lëtzebuerger Film z'ënnerstëtzen.

D'Lëtzebuerger Schoulkanner aus der Europaschoul wäre frou, wann an hirer Schoul och géing lëtzebuergesch geléiert gin.

D'Versammlung war e Véirel bis sechs eriwwer.

L. Wolter

Wat huet d'Actioun Lëtzebuergesch bis elo erausgin?

EIS SPROOCH No 1 - 1972	30 Fr.
EIS SPROOCH No 2 - 1973	vergraff
EIS SPROOCH No 3 - 1973	40 Fr.
EIS SPROOCH No 4 - 1973	40 Fr.
EIS SPROOCH No 5 - 1974	80 Fr.
EIS SPROOCH No 6 - 1975	80 Fr.
EIS SPROOCH No 7 - 1976	vergraff
EIS SPROOCH No 8 - 1977	150 Fr.
EIS SPROOCH No 9 - 1978	150 Fr.
EIS SPROOCH No 10 - 1979	200 Fr.
EIS SPROOCH No 11 - 1980	150 Fr.
Dem Léiweckelche säi Lidd. **Facsimilé** vum Gedicht vum *Michel Rodange,* den handgeschriwwenen Text mat Emschlag wéi d'Manuskript as, dernieft dee gedréckten Text, nummeréiert	250Fr.
Extra-Serie:	
»Rick« vum René Kartheiser	35 Fr.
»Ueter d'Jor« vum Heng Rinnen	50 Fr.
»Stuele« (Modeller) fir festlech an aner Geleënheten – Uertschaftsnimm – Menüen – Schreifweis	70 Fr.
»Grouss Vakanz«, Theatersték vum Pol Greisch	80 Fr.
(bei den Akteure verbesseren: Pauline Reichling soll heeschen: Pauline *Rehlinger*)	
* * *	
erausgi vun der Laure *Wolter:*	
Lëtzebuerger Krëschtdag (Gedichter a Lidder) 3. Oplo 1977	180 Fr.
Léiwe Kleeschen (Lidder a Gedichter) 2. Oplo 1977	130 Fr.
Fir d'Mamm (Lidder a Gedichter, Texter) 1977	vergraff
Waakreg Kanner (Lidder a Gedichter, Texter) 1979	140 Fr.
* * *	
erausgi mat der A.L. vum J. Robert *Philippart:* éischte Literaturkalenner. Photoë vu Lëtzebuerger Dichter mat kuurzem Text fir all Mount 1981	90 Fr.
* * *	
Neijooschkaarten bis elo 60 Fr. d'Serie vu 4 Stéck. Gléckwonschkaarten mat gedréckte Spréchelcher, (Gebuert, Hochzäit, Stierffall) mat der Enveloppe d'Kaart	15 Fr.

Dës Nummer sollt Enn Mee erauskommen, technesche Misär an der Dréckerei as schold, datt et nët gaang as wéi geplangt wor.

Huet Dir nët vergiess Är Cotisatioun (200 Fr.) op ee vun eise Konten z'iwwerweisen?

Maacht et dann elo direkt w.e.g., da kënnt et nët an de Vergiess!

Merci.

Adressen

Mir hun héieren, datt eis Iwwersetzunge vun de franséische Stroossennimm op lëtzebuergesch nët ëmmer esou gerode wiren, ewéi se am Duerf oder an der Stad vun de Leit genannt gin. Dofir wire mer frou, wann Dir äis géift soe loossen wéi Är Strooss richteg op lëtzebuergesch heescht. Dir kënnt dat maachen, wann Dir Är Cotisatioun iwwerweist oder äis et extra schreift. Hei wat ka geschéien:
Pir Millesch, 6, rue des Cerisiers, 7896 Kobenbour
et géif iwwersaat gin: P. M., 6, Kiischte-Strooss (-wee), 7896 Kuebur, mä am Duerf selwer sieten s' awer: op der Driicht.
E praktesche Fall fir d'Stad Lëtzebuerg:
Leo Péitesch, 6, rue du Nord, Luxembourg. Et géif een do huelen:
L. P., Nordstrooss, Lëtzebuerg; d'Strooss nennen d'Leit an der Stad awer Schickrisgaass (sou steet et och mat um Stroosseschëld).
Dofir nach eng Kéier: wann dat de Fall as, da sot äis Bescheed a mir änneren d'Adress esou wéi Dir se gär hätt. Merci.
Actioun Lëtzebuergesch, Postkëscht 98, L-2010 Lëtzebuerg.

Actioun Lëtzebuergesch, Postkëscht 98, L-2010 Lëtzebuerg
Telefon 47 06 12 – Bredewee 5 (rue Large), L-1917 Lëtzebuerg
Postscheck 6644-48 – Kont Spuerkeess, Lëtzebuerg 1000/7250/4 – Kont Interbank 4-100/9748
Präsident: Lex Roth, Dunant-Strooss 14, L-4085 Esch-Uelzecht
1. Vizepräsident: Heng Rinnen, Bësch-Strooss 32 (rue de la Forêt), L-1534 Lëtzebuerg-Zéisséng
2. Vizepräsident: Emil Schmit, Feld-Strooss 46, L-7218 Helsem/Walfer
Sekretär: Laure Wolter, Barriär-Strooss 69 (rue de la Barrière), L-1215 Lëtzebuerg-Märel
Caissier: René Faber, Barriär-Strooss 14 (rue de la Barrière), L-1215 Lëtzebuerg-Märel
Mëmbre vum Comité: John Arend, Charel Malané, Georges Neuen, Roby Philippart, Robert Philippe, Pol Rassel, Robert Siuda
Redaktioun: H. Rinnen, Bësch-Strooss 32 (rue de la Forêt), L-1534 Lëtzebuerg, Tël. 486137
Redaktiounskommissioun: H. Rinnen, Laure Wolter, Robert Siuda, Emil Schmit
Verlag: AL, Bredewee 5, L-1917 Lëtzebuerg
Drock: Kremer-Muller & Cie, Gaarde-Strooss 56, L-4151 Esch-Uelzecht, Tël. 52185 / 540640
Cotisatioun: op d'manst 200 Frang; Kollektivmëmbren: 300 Frang; Stodenten: 100 Frang
Well d'Post déi Lëtzebuerger Nimm vun eise Stroossen nët all kennt, as et gutt, wann een dee franséischen derbäi schreift
Wat an den Artikele steet a gesot gët muss nët onbedéngt d'Menong vum Comité a vun der Redaktioun sin.

ëmmer wann et em d'Geld geet

SPUERKEESS